

DE KANTON RÉIDEN *Magazine*

Édition
française &
luxembourgeoise



POLLO BODEM

50 Joer politescht Engagement
50 ans d'engagement politique

JEAN NEHREHAUSEN

Interview
Entretien

INTERNAT ALR

Virstellung
Présentation



INHALT – SOMMAIRE

04

Virwuert

Préface

06

Aktuelles aus de Gemengen
an aus dem Kanton

Actualités des
communes et du canton



16

Kanner & Jugend

Enfance & Jeunesse

28

Senior

Sénior



32

Fräizäit & Tourismus

Loisirs & Tourisme

35

Ëmwelt

Environnement



47

Lokal Ekonomie

Economie locale

54

Kultur

Culture



78

Sport



84

Agenda

87

Spiller

Jeux

Impressum

Editeur, concept & réalisation :
brain&more -
agence en communication

Rédaction :
Syndicat Kanton Réiden &
partenaires

Photo de couverture :
Syndicat Kanton Réiden

Renseignements :
magazine@kanton-reiden.lu
Tous droits réservés

Prochaine parution :
Juin 2026

Clôture :
10.05.2026

Tirage :
9.280

Impression :
Imprimerie Heintz

Papier recyclé FSC (C103749)
Imprimé au Luxembourg



Régie publicitaire
brain&more -
agence en communication
(+352) 26 84 71 - 1
brain@brain.lu

VIRWUERT



© Kanton Réiden

Léif Biergerinnen a Bierger,

Als Member vum Bureau vum Syndikat Kanton Réiden hunn ech mech dem Beräich vun der Mobilitéit ugeholl. Grad an dësem Domaine mécht et Sënn, Planung an Entwécklung op regionalem Niveau unzegoen an dobäi iwwer d'Gemegegrenzen ewechzeddenken.

Ouni direkten Uschloss un eng Autobunn oder eng Zuchlinn läit eise Kanton bëssen am Abseits. Am Géigenzuch profitéiere mir awer vun engem relativ dichte Busnetz, dat bal all eis Dierfer ubënnt. Och wann den Takt oder de Fuerplang net ëmmer all Erwaardungen erfëllen, muss ee sech bewusst sinn, datt eis Awunner „nëmmen“ ronn 3,1 % vun der Bevëlkerung vu Lëtzebuerg ausmaachen an déi begrenzt finanziell Mëttel um nationalen Niveau esou effizient wéi méiglech agesat musse ginn. Dowéinst ass et leider net ëmmer méiglech, all Wonsch ze erfëllen.

Esou huet eis d'Verwaltung vum ëffentlechen Transport matgedeelt, datt d'Käschte fir eng Direktlinn aus eisem Kanton an de Süden – virun allem op Belval – d'Nofro net rechtfertegen. Dat selwecht gëllt, hirer Meenung no, fir e verbesserten Takt tëscht dem P&R Schwebbech an der Stäreplaz.

Reegelméisseg gi mir vun Notzer drop opmierksam gemaach, datt de Confort an d'Sécherheet um Arrêt Stäreplaz verbessert kéinte ginn. An dësem Zesummenhang hu mir d'Informatioun kritt, datt eng Aarbechtsgrupp agesat gouf, d'Notzererfahrung op de Pôle d'Echangen ze verbessern. Och wann déi geplangten ënnerierdesch Busgare op der Stäreplaz réischt fréistens 2031 gebaut gëtt, besteet de klore Wëllen, d'Openthaltsqualitéit trotz dëser provisoirescher Situatioun ze verbessern.

An deene leschten zéng Joer huet sech eise Kanton zu engem richteg Vëloskanton entwéckelt. Haut verfüge mir iwwer ronn 230 Kilometer ausgeschëldert Vëlosweeër – eng Mëschung aus renger Vëlospiste souwéi Weeër, déi och vun anere Gefierer, wéi zum Beispill Trakteren, genotzt ginn. Gläichzäiteg si mir eis bewusst, datt nach wichteg Verbindungen am Vëlosnetz feelen, besonnesch fir den Alldagsverkéier mam Vëlo méi attraktiv an direkt ze maachen. Wéinst verschiddene Contrainten, op déi mir leider nëmme ganz begrenzten Afloss hunn, komme verschidde Projeten net esou séier virun, wéi mir eis dat wënschen. Dorënner falen ënner anerem d'PC25 (Préizerdau – Groussbus – Mäerzeg – Feelen), d'PC34 (Tronçon Brouch – Miersch) an d'PC17 (Rammerich – Kietscht).

D'Administration des Ponts et Chaussées huet eis och informéiert, datt si eng Erweiterung vum P&R Schwebbech vun aktuell 84 op 131 Parkplaze plangt. Op laang Siicht kéint dës P&R souguer op bis zu 209 Plazen ausgebaut ginn.

Wann Dir Iddien, Ureegungen oder Problemer am Beräich vun der Mobilitéit hutt, zéckt net, eis dës matzedeelen (Service Mobilitéit vum Kanton Réiden: 28 334-040 · mobilite@kanton-reiden.lu).

Zum Schluss wënschen ech Iech vill Freed beim Liese vun dësem Magazine an e schéint, sonnegt Fréijoer.

Paul Engel
Member vum Bureau Kanton Réiden
Responsabel fir d'Mobilitéit



© Tristan Schnurr

PRÉFACE

Chères citoyennes, chers citoyens,

En tant que membre du Bureau du Syndicat du Kanton Réiden, je suis responsable du domaine de la mobilité. C'est précisément dans ce secteur qu'une approche régionale de la planification et du développement s'impose, au-delà des frontières communales.

Sans accès direct à une autoroute ou à une ligne ferroviaire, notre canton se situe quelque peu en marge. En contrepartie, nous bénéficions toutefois d'un réseau de bus relativement dense, reliant presque tous nos villages. Même si la fréquence ou les horaires ne répondent pas toujours à toutes les attentes, il convient de garder à l'esprit que les habitants de notre canton ne représentent « que » 3,1 % de la population du Luxembourg et que les moyens financiers, au niveau national, doivent être utilisés de la manière la plus efficace possible. Il n'est donc malheureusement pas toujours possible de satisfaire l'ensemble des souhaits exprimés.

Ainsi, l'Administration des transports publics nous a informés que les coûts liés à la mise en place d'une ligne directe entre notre canton et le sud du pays – en particulier vers Belval – ne sont actuellement pas justifiés par la

demande. Il en va de même, selon leur analyse, pour une augmentation de la fréquence des liaisons entre le P&R de Schwebach et la Place de l'Étoile.

Nous sommes régulièrement interpellés par les usagers concernant le confort et la sécurité à l'arrêt de la Place de l'Étoile, qui pourraient être améliorés. Dans ce contexte, il nous a été communiqué qu'un groupe de travail a été mis en place afin d'améliorer l'expérience des usagers au niveau des pôles d'échange. Même si la gare routière souterraine prévue à la Place de l'Étoile ne sera construite au plus tôt qu'en 2031, la volonté demeure clairement de renforcer la qualité de séjour, malgré cette situation provisoire.

Au cours des dix dernières années, notre canton s'est affirmé comme un véritable canton du vélo. Nous disposons aujourd'hui d'environ 230 kilomètres d'itinéraires cyclables balisés, combinant pistes cyclables dédiées et voies partagées avec d'autres usagers, tels que les engins agricoles. Nous sommes toutefois conscients que certaines liaisons essentielles font encore défaut, notamment pour rendre les déplacements quotidiens à vélo plus directs et attractifs. En raison de diverses contraintes sur lesquelles nous n'avons malheureusement qu'une

influence très limitée, certains projets n'avancent pas aussi rapidement que nous le souhaiterions. C'est notamment le cas des liaisons PC25 (Préizerdaul – Grosbous – Mertzig – Feulen), PC34 (tronçon Brouch – Mersch) et PC17 (Rambrouch – Koetschette.)

L'Administration des Ponts et Chaussées nous a également informés de son intention d'agrandir le P&R de Schwebach, en passant de 84 à 131 places de stationnement. À plus long terme, ce P&R pourrait même être étendu jusqu'à 209 places.

Si vous avez des idées, des suggestions ou des préoccupations dans le domaine de la mobilité, n'hésitez pas à nous en faire part (Service Mobilité du Kanton Réiden : 28 334-040 · mobilite@kanton-reiden.lu).

Pour conclure, je vous souhaite une agréable lecture de ce magazine ainsi qu'un beau et ensoleillé printemps.

Paul Engel
Membre du Bureau du Syndicat Kanton
Réiden
Responsable de la mobilité

NOUVELLES DES COMMUNES

POLLO BODEM – 50 JOER POLITESCHT ENGAGEMENT

Den 31. Januar ass de Pollo fir seng 50 Joer politescht Engagement geëiert ginn. Hien ass domat den amtierende Politiker aus dem Kanton Réiden mat der längster politescher Karriär.

Pollo, wat huet dech viru 50 Joer dozou motivéiert, politesch aktiv ze ginn?

Schonn a menger Studentenzäit hunn ech mech fir d'Politik interesséiert, besonnesch fir d'Lokalpolitik. Ech wollt mat upaken, de Leit bei hiren Doleancen hëllefen, matgestalten, Entscheedungen treffen a konkret Resultater virweise kënnen. Der Allgemengheet ze dinge ass fir mech eng nobel Aufgab!

Kanns du eis kuerz deng politesch Karriär beschreiwen?

Den 12. Oktober 1975 gouf ech an der deemoleger Sektioon lewerleng an de Gemengerot gewielt a war direkt 1. Schaffén – e Mandat, dat ech 18 Joer laang ausgeübt hunn. Duerno war ech sechs Joer Conseiller, an zënter dem 1. Januar 2000 Buergermeeschter vun der Gemeng Useldeng, also elo ewell 26 Joer!

Ech si genau sou laang 1. Vizepresident vum Waassersyndikat DEA, si Member vum Bureau SEBES a vum Réidener Kanton a weiderhin aktiv a ville Veräiner.

Wat mécht fir dech de Reiz vun der Gemeengepolitik aus?

D'Gemeengepolitik erfuerdert Ausdauer, Fachwëssen, Feingefill a vill Mënschekenntnisser. Den Job ass ni langweilig a fuerdert een ëmmer erëm nei eraus. Genueg dat huet mech all déi Jore motivéiert. 2023 nach eng Kéier als Éischte gewielt ze ginn, war fir mech eng immens Satisfaktioun.

Wat huet sech an de leschte 50 Joer verännert?

Alles ass vill méi komplex ginn, virun allem d'Prozeduren. D'Mentalitéit vun de Leit huet sech och duerch de gesellschaftliche Wandel staark verännert. Et ass wichteg, permanent bereet ze sinn, sech un nei Gegebenheeten unzepasst.



Wéi vill Zäit investéiert du an d'Politik?

Inklusiv Syndikater kommen ech op dräi voll Aarbechtsdeeg pro Woch. Modern Technologien erlaben, datt een Deel vun der Aarbicht doheem kann absolvéiert ginn, mee d'Zuel vun de Reuniounen ass daitlech geklomm.

Wéi eng Projekte leien dir besonnesch um Häerz?

Besonnesch wichteg ware fir mech de Bau vun eiser Zentralschoul mat Maison relais a Sportshal, d'Renovatioun vun der Buerger mam Kulturwee an, um Kantonsniveau, d'Entwécklung vum Tourismus mat der TouristInfo an dem klengen Hotel „Péitche Lauer“ mat senger Mushrooms zu Useldeng.

Goufen et och schwiereg Momenter?

Schwierig Momenter kommen ëmmer nees onerwaart, a musse gemeeschtert ginn – dofir gëtt een och gewielt. Frustréierend ass, wann agerechten Dossiere bei den Administratiounen éiweg laang schleefen. Demotivéiert huet mech dat allerdings ni; ech hunn einfach geléiert domat ëmzegoen.

Wat ass däi Rot un déi nächst Generatioun vu Gemeengepolitikern ?

Sech nit liichtfankeg an d'Politik ze mellen, sech der grousser Verantwortung bewusst ze sinn an nit ze séier opzeginn. Och d'Ënnerstëtzung vun der Famill ass wichteg, soss geet et nit!

Wéi laang wëlls du nach politesch aktiv bleiwen?

Ech hoffen, datt d'Gesondheet matspillt an ech dëst Mandat als Buergermeeschter bis bei déi nächst Walen ausféiere kann. Duerno kann et Schluss sinn.



Um Pollo senger 50 Joer Ovatiounsfeier
À l'occasion de la célébration des 50 ans d'engagement politique de Pollo

© Charles REISER



Um Pollo senger 50 Joer Ovatiounsfeier
À l'occasion de la célébration des 50 ans d'engagement politique de Pollo

© Charles REISER



Jeanny & Pollo

© PRIVAT

Visitt bei der groussherzoglicher Koppel 2003
Visite auprès du couple grand-ducal 2003



POLLO BODEM – 50 ANS D'ENGAGEMENT POLITIQUE

Le 31 janvier dernier, Pollo Bodem, bourgmestre d'Useldange, a célébré cinquante années d'engagement politique. Il est aujourd'hui l' élu en fonction avec la plus longue carrière politique dans tout le canton de Redange.


Son intérêt pour la politique remonte à ses années d'études, avec une attirance particulière pour la politique communale. Désireux de s'investir concrètement, il a toujours voulu aider les citoyens, participer aux décisions, définir des priorités et obtenir des résultats concrets, au service de l'intérêt général.

Élu au conseil communal le 12 octobre 1975 dans l'ancienne section d'Everlange, il est aussitôt devenu premier échevin, fonction qu'il a exercée durant 18 ans. Après six années comme conseiller communal, il a été nommé bourgmestre d'Useldange le 1^{er} janvier 2000, un mandat qu'il exerce depuis 26 années. Il est également depuis 26 années premier vice-président du syndicat des eaux DEA, ensuite membre du bureau de la SEBES et du bureau du Syndicat Kanton Réiden tout en restant engagé dans la vie associative locale.

Ce qui le motive encore après cinq décennies, c'est le caractère exigeant et varié de la politique communale, qui requiert persévérance, compétences et sens du dialogue. Toujours en évolution, elle impose une adaptation constante. Sa réélection en tête en 2023 a constitué pour lui une grande satisfaction.

La charge de travail reste importante et représente, syndicats compris, environ trois journées par semaine. Si le numérique offre davantage de flexibilité, le nombre de réunions a toutefois sensiblement augmenté. Parmi les projets majeurs qui ont marqué son parcours figurent la construction de l'école centrale avec maison relais et hall sportif, la rénovation du château avec le sentier culturel, ainsi que le développement touristique au niveau cantonal.

Pollo Bodem espère pouvoir mener son mandat jusqu'aux prochaines élections, pour autant que sa santé le lui permette, avant de passer le relais. À la prochaine génération de responsables communaux, il recommande un engagement réfléchi, de la persévérance et un solide soutien familial.



© PRIVAT



Ovation Veräiner leverleng – Februar 1976 (Pollo: 1. Rei an der Mëtt)
Hommage des associations d'Everlange – février 1976 (Pollo : 1^{er} rang au centre)



Gemengerot 1990 (Pollo: 1. Rei 2. vu riets)
Conseil communal 1990 (Pollo: 1^{er} rang, 2^e à partir de la droite)



Mëttelalterfest 2024
Fête médiévale 2024



Vereedigung Schäfferot – 14/11/2011
Prestation de serment du collège échevinal – 14/11/2011

ENSEMBLE, CONSTRUISONS L'AVENIR



ect

Entreprise de Constructions Tubulaires

+352 32 64 65

SCAFFLAYER

+352 28 79 07 10



EQUIPEMENTS PRO
GOEDERT

+352 20 28 32 66

Chez **Équipement PRO Goedert**, **ECT** et **Scafflayer**, nous incarnons la qualité et la fiabilité. Nos équipes expérimentées vous accompagnent et vous conseillent afin de vous fournir l'équipement le mieux adapté à vos besoins, optimisant ainsi votre travail pour plus d'efficacité et de sécurité.

📍 30G Rue de Niederpallen • Z.A.E.R. Solupla • L-8506 Redange/Attert

NOUVELLES DU CANTON

WIESEL AN DER DIREKTION VUN DE CRÈCHEN „A BUTZEN“

Déi laangjäreg Chargée de direction vun der Räicheler Crèche „A Butzen“, Caroline Schrenger huet sech am Hierscht entschloss, nei beruflech Weeër anzuschloen.

Nei Chargée de direction vu béide Crèchen ass elo d'Colette Emering-Storn, déi säit méi wéi 25 Joer bei de Butze schafft a säit 2018 Chargée vun der Eller Crèche ass. Duerch hir laangjäreg Berufserfahrung um Terrain an 12 Joer an der Direktioun kennt si déi zwou Strukture wéi kaum en aneren.

D'Colette huet den 1. September Ënnerstëtzung vum Ketty Rauen krut, déi elo Chargée de direction adjointe vu béiden Haiser ass an och scho säit 9 Joer bei „A Butzen“ schafft.

Ketty, kanns du dech kuerz virstellen?

Ech sinn d'Ketty Rauen, 33 Joer al, gepacst, kommen ursprénglech vun der Musel a wunnen zënter 2018 zu Kolpech. Ech hunn 2013 meng Educateursschoul ofgeschloss a schaffe säitdeem als Educatrice diplômée. Ech wosst nach ëmmer, dass ech wéilt mat Kanner schaffen a bis haut mécht et mir immens vill Freed d'Butzen an hirer Entwécklung ze begleeden an ze fërderen. Säit 2024 maachen ech e Fernstudium fir Educatrice graduée ze ginn.

Wat ware bis elo deng beruflech Statiounen?

Vun 2013 bis 2017 hunn ech an enger Crèche zu Réimech geschafft. Zënter 2017 sinn ech am Bëbeesgrupp zu Räichel. Elo als Adjointe ass meng Aarbechtszäit opgedeelt op 25 Stonnen am Büro a 15 Stonnen am Bëbeesgrupp, wat meng Aarbecht ganz ofwiesslungsräich mécht a mir erlaabt, nach vill um Terrain matzekeréien.

Wat huet dech un dësem Posten ugeschwat?

Eigentlich wollt ech weider um Terrain schaffen, mee wéi d'Adjointe-Plaz fräi ginn ass, hunn ech doranner eng eemoleg Chance gesinn. Well ech d'Haus an d'Team gutt kennen an immens gäre vum Colette léieren, war dëse Schratt fir mech eng logesch Weiterentwécklung.

Wat méchs du gären an denger Fräizäit?

Ech hunn ee (pensionéiert) Päerd, wat vill Zäit an Usproch hält, maache Zumba a probéiere sou vill wéi méiglech Sport ze maachen.

Mir freeën eis, dass d'Ketty dës nei Erausforderung ugehall huet a wënschen hir vill flott Erfahrungen an Zufriedenheet bei hirer neier Aarbecht!



© Kanton Reiden



Crèche Reichlange



Crèche Ell



D'Colette Emering-Storn (lénks) ass nei Chargée de direction vun eisen 2 Crèchen an d'Ketty Rauen (riets) ass eis nei Chargée de direction adjointe.
Colette Emering-Storn (à gauche) est la nouvelle chargée de direction de nos deux crèches et Ketty Rauen (à droite) est notre nouvelle chargée de direction adjointe.

CHANGEMENT À LA DIRECTION DU SERVICE ENFANCE

La Chargée de direction de longue date de notre crèche « A Butzen », Caroline Schrenger, a décidé à l'automne dernier d'emprunter de nouvelles voies professionnelles.

La nouvelle Chargée de direction de « A Butzen » est Colette Emering-Storn, qui travaille chez nous depuis plus de 25 ans et occupe, depuis 2018, le poste de Chargée de la crèche d'Eil. Grâce à sa longue expérience professionnelle sur le terrain et à ses 12 années dans des fonctions de direction, elle connaît ces deux structures comme peu d'autres.

Le poste de Chargée de direction adjointe, occupé jusqu'ici par Colette Emering-Storn, a été repris le 1^{er} septembre 2025 par Ketty Rauen, qui travaille également chez A Butzen depuis 9 ans.

Ketty, peux-tu te présenter brièvement ?

Je m'appelle Ketty Rauen, j'ai 33 ans, je suis pacsée, originaire de la Moselle et je vis à Colpach depuis 2018. J'ai obtenu mon diplôme d'éducatrice en 2013 et je travaille depuis comme éducatrice diplômée. J'ai toujours su que je voulais travailler avec des enfants, et jusqu'à aujourd'hui, j'éprouve énormément de

plaisir à accompagner les enfants dans leur développement. Depuis 2024, je suis une formation à distance afin de devenir éducatrice graduée.

Quelles ont été jusqu'à présent tes étapes professionnelles ?

De 2013 à 2017, j'ai travaillé dans une crèche à Remich. Depuis 2017, je travaille dans le groupe bébés à Reichlange. En tant qu'adjointe, mon temps de travail est désormais réparti entre 25 heures de bureau et 15 heures dans le groupe bébés, ce qui rend mon travail très varié et me permet de rester proche du terrain.

Qu'est-ce qui t'a attirée dans ce poste ?

À vrai dire, je souhaitais continuer à travailler sur le terrain, mais lorsque le poste d'adjointe s'est libéré, j'y ai vu une opportunité unique. Comme je connais bien la structure et l'équipe, et que j'apprécie énormément d'apprendre aux côtés de Colette, cette étape a représenté pour moi une évolution logique.

Que fais-tu pendant ton temps libre ?

J'ai un cheval à la retraite qui demande beaucoup de temps et d'attention, je fais de la Zumba et j'essaie de pratiquer autant de sport que possible.

Nous nous réjouissons que Ketty ait relevé ce nouveau défi et lui souhaitons de nombreuses expériences enrichissantes ainsi que beaucoup de satisfaction dans ses nouvelles fonctions !



Kanton Réiden Service Enfance


A Butzen Reichlange
1A, Rue MGR Jean Bernard
L-8558 Reichlange

(+352) 26 02 45-30

A Butzen Eil
2, Op der Tonn
L-8531 Eil

(+352) 26 02 45-75

abutzen@kanton-reiden.lu
abutzen.lu



NOTRE VISION TERRITORIALE SE CONCRÉTISE

Après plusieurs années d'analyses, de concertations publiques et politiques, ainsi que de définition d'orientations stratégiques, le Kanton Réiden entame désormais la mise en œuvre concrète de sa vision territoriale 2035–2050.

Dans une première phase, sept projets prioritaires ont été identifiés par les élus afin de poser des bases solides pour le développement futur de notre canton.

Ces projets couvrent l'ensemble des cinq champs d'action de la vision territoriale :

1. Gouvernance et coopération,
2. Centralités dans le territoire rural,
3. Développement régional durable et économe en espace,
4. Autarcie énergétique, adaptation climatique et protection des ressources,
5. Mobilité, tourisme et digitalisation.

Une brochure présentant en détail la vision territoriale et ses cinq champs d'action, intitulée « Raumvision Kanton Réiden 2035–2050 », a été élaborée en collaboration avec le Ministère du Logement et de l'Aménagement du Territoire. Elle est disponible sur www.kanton-reiden.lu/vision-territoriale :



Les sept projets présentés ci-dessous seront mis en œuvre en 2026–2027 et bénéficient d'un soutien financier du Ministère du Logement et de l'Aménagement du Territoire dans le cadre de la Convention de coopération territoriale État–Syndicat Kanton Réiden.

1. GOUVERNANCE ET COOPÉRATION : UN CANTON COOPÉRANT

Réorganisation structurelle du Syndicat Kanton Réiden

L'un des projets actuels majeurs concerne la réorganisation interne du Syndicat Kanton Réiden. Face à l'élargissement progressif de ses missions et à l'augmentation de ses effectifs, cette démarche vise à améliorer l'efficacité, la transparence et le bon fonctionnement de l'organisation.

Le projet comprend une analyse approfondie de l'organisation existante, l'élaboration d'un nouvel organigramme, la clarification des rôles et responsabilités des agents et des responsables politiques, ainsi que l'optimisation des processus de travail. Un cabinet de conseil spécialisé en organisation accompagne le Syndicat tout au long de cette démarche.



Étude pour un bâtiment administratif régional

En parallèle, une étude de faisabilité pour un bâtiment administratif régional sera lancée. L'objectif est d'évaluer l'opportunité de regrouper les différents services du Syndicat Kanton Réiden aujourd'hui dispersés sur plusieurs sites, afin de favoriser les synergies, d'améliorer l'accessibilité pour les citoyens et de renforcer la coopération interne et la communication. Le futur bâtiment administratif régional pourrait accueillir, en plus de l'administration du syndicat, d'autres structures cantonales et sociales, lesquelles seront définies dans le cadre de cette étude. Celle-ci constituera une base décisionnelle essentielle pour les orientations politiques à venir, en identifiant notamment des sites potentiels, en esquissant un concept architectural préliminaire et en proposant une première estimation budgétaire.



Échange entre administrations communales

Le projet « Échange entre administrations communales » vise à renforcer la coopération entre les communes du Kanton Réiden face à la complexité croissante des missions communales. Des plateformes d'échange régulières réuniront les services administratifs et techniques afin de partager expériences, bonnes pratiques et compétences.

Ces échanges contribueront à améliorer l'efficacité des services, à réduire les doublons et à renforcer la collaboration intercommunale. Coordinée par le Syndicat Kanton Réiden avec l'appui du Ministère de l'Aménagement du Territoire, la plateforme technique soutiendra également la mise en œuvre de la vision territoriale.



2. CENTRALITÉS DANS LE TERRITOIRE RURAL : UN CANTON FIABLE

Élaboration d'un plan de développement culturel

Afin de mieux cerner les besoins en infrastructures et en offres culturelles, les élus ont décidé de commencer par une analyse, à savoir l'élaboration d'un plan de développement culturel. Ce document stratégique définira les besoins culturels du territoire, les types d'offres à renforcer (musique, théâtre, arts visuels, cinéma, vie associative), ainsi que les infrastructures et coopérations nécessaires à long terme.

Le plan permettra également de décider si la création d'un centre culturel régional est pertinente, et sous quelle forme.

3. DÉVELOPPEMENT RÉGIONAL DURABLE ET ÉCONOME EN ESPACE : UN CANTON AGRÉABLE À VIVRE

Nouvelles formes de logement – phase stratégique

Le projet « Nouvelles formes de logement » entre en 2026–2027 dans une phase de réflexion stratégique. Cette première étape vise à répondre aux évolutions démographiques, sociales et économiques, ainsi qu'à la pression croissante sur le marché du logement.

Les travaux porteront notamment sur :

- l'analyse des besoins (logements intergénérationnels, colocations, habitat participatif, logements temporaires, logements sociaux, etc.) ;
- l'examen des cadres réglementaires communaux existants ;
- l'identification des freins et des leviers à l'innovation ;
- la préparation d'une base décisionnelle pour de futurs projets pilotes.

Aucune construction n'est prévue à ce stade : l'objectif est de créer un cadre cohérent et partagé permettant, à moyen terme, la mise en œuvre de solutions adaptées au contexte rural.



© Braam van Wyk

4. AUTARCIE ÉNERGÉTIQUE, ADAPTATION CLIMATIQUE ET PROTECTION DES RESSOURCES : UN CANTON RÉSILIENT

Étude de faisabilité d'une distribution cantonale de l'électricité

Ces dernières années, le canton de Redange a vu se multiplier les projets de production d'énergies renouvelables, tandis que l'électricité gagne en importance avec le développement des pompes à chaleur et l'électrification croissante des transports. Cette évolution pose l'enjeu central de l'équilibre entre production et consommation de l'électricité, indispensable à la stabilité du réseau et à la réussite de la transition énergétique.

La première étape du projet de l'autarcie énergétique consiste en une étude de faisabilité portant sur une distribution d'électricité à l'échelle du canton. Elle devra aboutir à des recommandations concrètes et hiérarchisées, identifiant les prochaines étapes, les acteurs à mobiliser et les conditions nécessaires à une mise en œuvre progressive et réaliste.

5. MOBILITÉ, TOURISME ET DIGITALISATION : UN CANTON CONNECTÉ

Avant-projet pour un chemin de randonnée « Liewenswee »

Dans le domaine de la mobilité douce et du tourisme, le programme prévoit le lancement d'un projet de chemin de randonnée itinérant traversant les neuf communes du canton et faisant étape dans les différents hébergements touristiques du canton.

Pour la période 2026–2027, l'accent sera mis sur une phase préparatoire et participative, comprenant notamment la définition du concept, l'identification des itinéraires potentiels, la concertation avec les propriétaires fonciers et les acteurs locaux, ainsi que l'analyse des droits de passage et des contraintes environnementales.

Ce projet vise à valoriser le patrimoine naturel, culturel et spirituel du canton, tout en contribuant au développement d'une offre touristique durable et au renforcement de l'attractivité régionale.

Conclusion

Les projets prévus pour la période 2026–2027 constituent une phase fondatrice de la vision territoriale du Kanton Réiden 2035–2050. En mettant l'accent sur des études et des concepts structurants, le canton se dote d'outils solides pour orienter ses futurs investissements de manière fondée, durable et concertée. Nous vous tiendrons régulièrement informés de l'avancement de ces projets et remercions le Ministère du Logement et de l'Aménagement du Territoire pour son excellente coopération et son soutien tout au long de cette démarche.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du logement et de
l'aménagement du territoire
Département de l'aménagement
du territoire



**KANTON
REIDEN**

Syndicat Intercommunal du canton
11, Grand Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-040
info@kanton-reiden.lu

**optik&
akustik**

och zu Réiden

48, Grand-Rue L-8510
Redange/Attert

opti-vue



&

CUISINES EQUIPEES MOBILIER SUR MESURE

Redange Intérieur,

La visite de notre showroom peut vous inspirer grâce un espace où design, innovation et fonctionnalité se rencontrent pour imaginer la cuisine qui vous ressemble.

Découvrez notre belle sélection de cuisines sur mesure, d'électroménagers haut de gamme et de sanitaires élégants, incluant les appareils **Bora**, véritables révolutions technologiques.

Profitez aussi de notre sélection de mobilier personnalisé pour optimiser l'agencement de votre intérieur, comme des placards, des dressings, des meubles TV, des bureaux, des buffets,...

Nous vous accompagnons de l'idée à l'installation, avec des offres adaptées à chaque style et à chaque budget.

Un suivi personnalisé dès la création de votre projet, mais aussi pendant et après sa concrétisation.

Au plaisir de vous recevoir dans notre showroom.



Votre cuisine et votre mobilier d'exception sur mesure.



Conditions spéciales & Devis gratuit



Profitez pleinement de votre intérieur grâce à Redange Intérieur !



www.redange-interieur.lu

info@redange-interieur.lu

 +352 691 222 016

 +352 28 79 72 99



SCAN ME

ZAE SOLUPLA Rue de Niederpallen 32^E L-8506 Redange-sur-Attert

KANTON RÉIDEN ENFANCE

BEWEEGUNG BEI ALL WIEDER

Mir profitéiere vun all Geleeënheet, fir mat eise Butzen eraus spillen ze goen. Mee wat maache mir déi Deeg, wou d'Wieder et net zouléisst, fir sech an der fräier Natur richtig auszepowern? An esou Fäll verwandelt sech eis Entrée an eng Beweegungs-Baustell.

D'Kanner kënnen sech hei no Loscht a Laun austoben, experimentéieren an hir Energie op eng spilleresch Aart a Weis ofbauen. Ëmmer nees stelle mir fest, dass mir Erzéier de Parcours zwar mat enger bestëmmter Iddi opbauen, d'Kanner awer während der Aktivitéit hir ganz eegen Iddien, hir Kreativitéit an hir Spillimpulser afléisse loossen. Sou ginn d'Hittercher op eemol gestapelt, d'Slalomstaange verwandele sech a Schëppen an d'Hiel gëtt zur Wäschanlag fir d'Bobbycars.

Och an eisem Turnsall hunn d'Kanner vill Méiglechkeeten, sech un ënnerschiddleche Beweegungsparcoursen ze testen oder an der Ballkëscht fräi ze spillen. Mir begleeten an ënnerstëtzen d'Kanner, wa si Hëllef brauchen, a motivéiere si, nei Saachen auszeprobéieren an iwwer sech selwer erauszewuessen.

Mat dësen Aktivitéite férdere mir net nëmmen d'Motorik vun de Kanner, mee stärke gläichzäiteg hiert Selbstvertrauen, hir Kreativitéit an hir Sozialkompetenzen - op eng spilleresch, natierlech a lieweg Aart a Weis.



BOUGER PAR TOUS LES TEMPS

Nous profitons de chaque occasion pour jouer dehors avec les enfants. Mais lorsque la météo ne permet pas de se dépenser en plein air, notre entrée se transforme en un véritable chantier de mouvement.

Les enfants peuvent s'y défouler librement, expérimenter et dépenser leur énergie de manière ludique. Si les éducateurs conçoivent les parcours avec une idée de départ, les enfants y apportent très vite leurs propres idées, leur créativité et leurs impulsions de jeu : les éléments sont empilés, les plots deviennent des pelles et le tunnel se transforme en station de lavage pour les Bobbycars.

Dans la salle de sport également, de nombreux parcours de motricité et la zone de jeux de balles permettent aux enfants de bouger librement. Nous les accompagnons lorsqu'ils ont besoin d'aide et les encourageons à essayer de nouvelles choses et à se dépasser. Ces activités favorisent non seulement

la motricité, mais renforcent aussi la confiance en soi, la créativité et les compétences sociales des enfants, de manière naturelle et dynamique.



**KANTON
REIDEN**

ENFANCE



Kanton Reiden Service Enfance

A Butzen Reichlange
1A, Rue MGR Jean Bernard
L-8558 Reichlange

(+352) 26 02 45-30

A Butzen Ell
2, Op der Tonn
L-8531 Ell

(+352) 26 02 45-75

abutzen@kanton-reiden.lu
abutzen.lu



COACHING & COMMUNICATION

Ich Sorge für Ordnung im Kopf
und löse den Knoten in der Zunge!

Professionelles Coaching für berufliche Themen
sowie Kommunikationstraining im schulischen,
beruflichen und privaten Umfeld.

Praxis in Useldingen oder - für Betriebe - Coach auf Rädern.
Julia Schrell - Diplomierter Coach in der Personalentwicklung

www.cocom.lu

Termin zum Erstgespräch vorzugsweise über info@cocom.lu oder doctena.lu.

doctena

ATERT-LYCÉE RÉIDEN

D'INTERNAT VUM
ATERT-LYCÉE RÉIDEN

Version française



Um Campus vum Atert-Lycée Réiden befënnt sech en Internat, wou Schüler aus dem Lycée vu méindes bis freides wunnen a vun der engagierter pedagogescher Ekipp vum Internat bei hirer schoulescher a perséinlecher Entwécklung begleet ginn.

Mir hunn eis mat der Coordinatrice vum Internat, der Madamm Anne Grzelak an dem Här Christian Chastrette, Educateur, ausgetosch.

Ween dierf an d'Internat goen?

Als öffentlecht Schoulinternat si mir oppe fir all Schülerin a Schüler vu 7^e bis 1^{re}. Viraussetzung sinn eng Admissioun am Atert-Lycée an de Jonke muss op fräiwëlleger Basis bei eis kommen. Och élèves à besoins spécifiques si bei eis wëllkomm, dobäi schaffe mir enk mam Lycée zesummen. Den Direkter vum Lycée ass och eisen Direkter. De Wunnuert spillt keng Roll – mir hu beispillsweis och Jonker vu Réiden.

Firwat geet een an d'Internat?

D'Grënn si villsäiteg: de Wunnuert ass ze wäit ewech, feelend Rou doheem, de Wonsch, mat Gläichaltregen zesummenzeliewen, Elteren/Tuteuren, déi Schichte schaffen, ...

Et ass och méiglech, fir nëmmen eng begrenzten Zäit am Internat ze wunnen, z. B. fir Premièresschüler oder am Fall vun enger Hospitalisatioun vun den Elteren.

Wéi vill Schüler sinn de Moment am Internat?

De Moment liewe ronn 40 Schüler bei eis. Dës Zuel erlaabt eis, eng héich Qualitéit an der Betreueg ze garantéieren an op all eenzelne kënnen anzegoen.

Wat kascht d'Internat?

D'Käschte belafe sech op 3.600 € pro Joer. Famillje mat nidderegem Akommes profitéiere vun enger Reduktioun vun 10 %. Am Präis abegraff sinn d'Moies- an d'Owesiessen an der Kantin vum Lycée. Och fir Geschwëster gëtt et eng Remise.

Wéi vill Personal schafft am Internat?

Eist Team besteet aus Educateuren, Psychologen, engem Concierge an dem pedagogesche Begleethond Cooper, dee sporadesch am Internat ass.

Wéi gesäit et mat der Zëmmeropdeelung aus?

Fir méi jonk Bewunner si meeschtens Duebelzëmmeren virgesinn, Schüler aus méi héije Klassen hunn an der Regel en Einzelzëmmer. All Zëmmer huet en eegent Buedzëmmer (Lavabo, WC an Dusch). Zousätzlech verfuegt d'Internat och iwwer behënnertegerecht Zëmmeren.

Wéi gesäit een typeschen Dag am Internat aus?

Nom Moiesiessen an der Kantin vum Lycée ginn d'Schüler an hir Klassen. Wann d'Schoul um 15:30 Auer eriwwe ass, bidde mir kleng Snacks, wéi Uebst a Geméis, un. Vu 16:00 bis 17:30 Auer ass de Moment fir ze léieren.

Dëst ass d'Internat vu baussen, direkt nieft dem Atert-Lycée Réiden.





Eemol an der Woch kënnt de pädagogesche Begleethond Cooper an d'Internat fir zesumme mat de Jonken Aktivitéiten ze maachen.

© Internat ALR



Dëst ass eng typesch Einzelkummer am Internat.

© Kanton Réiden



Esou kann eng Etude ausgesinn.

© Internat ALR



No der Schoul brauchen déi Jonk eng kleng Stärkung.

© Internat ALR

Tëscht 18:00 an 19:00 Auer fënnt d'Owesiessen an der Kantin statt. Duerno hunn eis Bewunner Fräizäit a kënnen un Aktivitéiten deelhuefen, bis zur Nuetsrou.

Wéi gesäit eng Etüd aus?

D'7^{ème}-Schüler léieren zesummen an engem Raum, mat 2 Erzéier. Si kréie bësse méi Ënnerstëtzung bei der Organisatioun a léieren ze léieren. Déi anere Schüler léieren an hirem Zëmmer. Si schaffe méi selbstänneg a kënnen op d'Hëllef vun den Erzéier zréckgräifen. Zousätzlech bidde mir een Appui duerch Proffen aus dem ALR un. Eng fräiwëlleg Etüd ass och all Dag tëscht 19:00 an 20:30 méiglech, fir déi Schüler, déi méi wëlle léieren.

Wat gëtt an der Fräizäit ugebueden?

All Dag ginn zwou bis dräi Aktivitéiten op fräiwëlleger Basis proposéiert, woubäi déi Jonk och selwer Iddie kënnen mat abréngen. Zur Verfügun stinn d'Sportinfrastrukture vum ALR, Vëloen a Go-Karten, e kleng Fitnessraum, wéchentlech Visitten an der Réidener Schwämm, e Mol- a Bitzatelier, eng Bibliothék, e kleng Kino, eng Gemeinschaftskichen,

e groussen Openthaltsraum mat Billard, Dart a Gesellschaftsspillen, Hochbeeter an eise Gaart a Reit-Nomëtter am Reitstall zu Martelinville. Eemol an der Woch besteet eng Zesummenaarbecht mam Äerdschëff. Zousätzlech organiséiere mir Informatiounsowenter, Ausfluch, Olympiaden, Partyen a Projete mat aneren Internater. Et dierft also kengem langweilig ginn!

Wat fir Wäerter an Ziler verfollegt Dir an der Betreierung?

Eis Betreierung baséiert op Vertrauen, Transparenz, Verantwortung a respektvollem Zesummeliewen. All Schüler soll sech wuel fillen; wann néideg schütze mir dowéinst och déi méi schwach Bewunner. Mir hu kloer Reegelen a Respekt souwéi sozial Kompetenze gi virausgesat. Bei Konflikter begleede mir d'Schüler als Mediateuren, fir datt si léieren, selwer Léisungen ze fannen. Eng gesond Balance tëscht Léieren, Fräizäit a Bildschirmzäit ass den Erzéier wichteg. Dowéinst ginn d'Bewunner, jee no Alter, hiren Handy zu bestëmmten Zäiten of – während der Etüdszäit, beim lessen an an der Nuecht.

Wat sinn Ärer Meenung no, déi gréisst Virdeeler, déi d'Schüler duerch d'Liewen am Internat gewonnen?

D'Internat bitt e gereegelte Kader mat enger professioneller pedagogescher Betreuer. Duerch d'Liewen an der Gemeinschaft entsteet Frëndschaften, déi dacks wäit iwwer d'Schoulzäit eraus bestoen.

Ee vun eise Bewunner huet et eemol esou ausgedréckt: „Hei am Internat kritt jidderee wat e brauch fir een autonomen a verantwortungsbewossten Erwuessenen ze ginn.“

Besonnenesch an der Pubertéit – enger Phas, an där d'Bezéiung tëscht de Jugendlechen an Elteren net ëmmer einfach ass – profitéieren eis Jonk vun enger strukturierter a kompetenter Begleedung op hirem Wee an d'Erwuesseneliewen. Déi breet Panoplie un Aktivitéiten erméiglecht et hinnen, Neies kennenzeléieren an hir Fäegkeete weiderzeentwéckelen.

Wéi gesäit d'Zesummenaarbecht mat den Elteren/Tuteuren aus?

Eng enk a vertrauensvoll Zesummenaarbecht mat den Elteren/Tuteuren ass eis wichteg. Am Ufank ass e reegelméisseg Austausch erwünscht, zousätzlech ginn et zweemol am Joer strukturéiert Bilanen. All Schüler kritt e Referenzzerzéier, dee reegelméisseg am Kontakt mat den Elteren a mam Regent steet. Sou ass e konsequente Suivi garantéiert.

Wéi leeft et of, wann een interesséiert ass?

Interesséiert Schüler komme sech zesumme mat hiren Elteren d'Internat ukucken – bei der Porte Ouverte den 18. Abrëll 2026 oder op Rendez-vous. Wann d'Interesse bestoe bleift, ass deen nächste Schratt een Interview. Eng definitiv Zouso gëtt eréischt gemaach, wann eng Plaz am Atert-Lycée disponibel ass.

Wat plangt Dir fir d'Zukunft?

Mir dokteren un engem Konzept, fir d'Iddie vun eise Bewunner nach méi staark afléissen ze loossen, besonnenesch wat d'Aktivitéiten an d'Gestaltung vum Internat ugeet.



De groussen Openthaltraum vum Internat, mat Billard, Dart, Baby-Foot,



Een Team vum Internat mécht beim LEGO LEAGUE Challenge mat.



An der Gemeinschaftskiche gëtt reegelméisseg zesumme gekacht a gebak.



An der Bibliothék stinn de Bewunner eng ganz Rei Bicher a Comics zur Verfügung.



Dëst ass d'Personal vum Internat, déi d'Schüler am Alldag begleet.

© ALR



Bei guddem Wieder profitéiere mir fir een Tour mam Vëlo ze maachen.

© Internat ALR

Virtuell Visitt
vum Internat :



Internat ALR

(+352) 26 62 32 700
internat@alr.lu
alr.lu



PORTES OUVERTES AM ALR

Den 18. Abrëll invitéiert den Atert-Lycée op seng Portes ouvertes, dëst vun 9 bis 13 Auer. De Lycée präsentéiert op deem Dag säi pädagogescht Konzept, seng verschidden Aktivitéiten an natierlech seng Infrastruktur. All Stonn gëtt am Festsall eng Präsentatioun vun der Direktioun (ofwiesselnd op Lëtzebuergesch a Franséisch) ofgehalen a parallel dozou fanne Visitten duerch d'Gebai statt, wou d'Visiteure vu Schülerinnen a Schüler an engem Enseignant duerch d'Gebai gefouert ginn.

Am Hall vum Lycée fannen d'Visiteure Stänn vun de verschiddene Fächer a Servicer (SePAS, ESEB, Service éducatif) wou Dir mat Enseignanten, Educateuren a Psychologen an d'Gespréich komme kënt an Är Froen zu de Programmer oder dem Encadrement beäntwert kritt. Zil vum Dag ass et de Schüler aus dem Cycle 4 an hiren Elteren d'Spezifizitéite vum Atert-Lycée wéi FOLA-Stonnen, Übungsplang, COACH-Stonnen an eis grouss Parascolaire Offer mat de Mëttesaktivitéiten an den ALR-Talents virzestellen. Mä och fir Schüler déi schonns am Lycée sinn an iwwert e Wiessel an den ALR nodenken ass d'Portes ouvertes de richtege Moment fir e Bild vum Fonctionnement vum Lycée ze kréien a sech iwwert d'Viraussetzung vum engem Wiessel ze informéieren.

Am Kader vun der Portes ouvertes ass och eng Visitt vum Internat méiglech, d'Educateure si präsent fir all Froen zum Dagesoflaf am Internat ze beäntwerten.

D'Enseignanten aus dem Sport an d'Membere vum Elterecomité suergen derfir, datt keen hongereg oder duuschtereg muss heem goen. Fir Leit mat kleng Kanner ass och eng Garderie sur Place organiséiert, wou eis Educateure sech ëm déi kleng Kanner këmmere, wann déi grouss Geschwëster mat den Elteren op der Visitt sinn.

Kommt den 18. Abrëll am Atert-Lycée laanscht, et lount sech!





ALR

1, rue du lycée L-8508 Redange-sur-Attert / Tel: 266232210 / www.alr.lu / eleves@alr.lu

PORTES OUVERTES
18 avril 2026
de 09h00 à 13h00

Départ de la dernière visite à 12h00

Informations supplémentaires: www.alr.lu

PORTES OUVERTES À L'ALR

Le 18 avril, l'Atert-Lycée invite le public à ses portes ouvertes, de 9h à 13h. À cette occasion, le lycée présentera son concept pédagogique, ses différentes activités ainsi que ses infrastructures.

Chaque heure, une présentation de la direction, en alternance en luxembourgeois et en français, aura lieu dans la salle des fêtes. Parallèlement, des visites guidées du bâtiment seront organisées, au cours desquelles les visiteurs seront accompagnés par des élèves et un enseignant.

Dans le hall du lycée, les visiteurs trouveront des stands des différentes matières et des services (SePAS, ESEB, Service éducatif), où ils pourront échanger avec des enseignants, éducateurs et psychologues, et obtenir

des réponses à leurs questions concernant les programmes et l'encadrement.

L'objectif de cette journée est de présenter aux élèves du cycle 4 et à leurs parents les spécificités de l'Atert-Lycée, telles que les heures FOLA, le plan de travail, les heures COACH, ainsi que la vaste offre parascolaire comprenant les activités de midi et les ALR-Talents. Cette journée s'adresse également aux élèves déjà scolarisés qui envisagent un transfert vers l'ALR, afin de leur permettre de découvrir le fonctionnement du lycée et de s'informer sur les conditions d'un changement d'établissement.

Dans le cadre des portes ouvertes, une visite de l'internat sera également proposée. Les éducateurs seront présents pour répondre à toutes les questions concernant la

vie quotidienne à l'internat. Les enseignants d'éducation physique et les membres du comité des parents veilleront à ce que personne ne reparte ni affamé ni assoiffé. Une garderie sur place sera également prévue pour les familles avec de jeunes enfants.

Rendez-vous le 18 avril à l'Atert-Lycée : cela vaut le détour !




Atert-Lycée Réiden
1, Rue du Lycée
L-8508 Redange-sur-Attert

(+352) 26 62 32 200
secretariat@alr.lu
alr.lu

D'THEATERGRUPP

„theAtert“ BRÉNGT EN NEIT STÉCK OP D'BÜN



Et spille mat: Leonor Alves Rios, Grace Baum, Lena Beidler, Lara Da Silva, Betty Goerens, Sam Gringmuth, Lisa Jans, Liz Lanners, Julie Leistico, Noémie Less, Lana Lucas, Alexia Lopes Duarte, Mara Reuter, Paula Yebga II, Dulce Pardal Codices, Noa Santinelli a Kyra Schaack

Regie: Nora Lamberty a Carole Matgen, mat der Ënnerstëtzung vum Alain Adams.

Den Design vum der Affiche fir dëst Stéck ass vum Bob Schreurs (2CE).



D'Theatergrupp „theAtert“ aus dem Atert-Lycée Réiden – déi zanter 2019 mat grousssem Succès beweist, wéi vill Talent a Kreativitéit an de Schüler:inne stécht – presentéiert dëst Joer hir Interpretatioun vum Nibelungenlied. Jo genee: déi legendär, bluddeg a mystesch Geschicht ronderëm de Siegfried, d'Kriemhild an d'Brünhild, duerchwuess vu Léift, Verrot a Revanche, huet bis haut näischt u Faszinatioun verluer.

Dës Produktioun ass Deel vum Talentförderungsprogramm ALR Talents fir Schüler:inne vun der 4e un, déi mat vill Leidenschaft a Begeeschterung um Projet matwierken. Nieft der Theatergrupp selwer dréit och déi nei gegrënnten Tanzgrupp ënner der Leedung vum Sejla Softic zur Atmosphär vum Stéck bäi – an dat ass nach net alles: Och aner ALR-Talents-Ekippe sinn involvéiert, mee hei wëlle mir nach net ze vill verroden ... de gewünschten Iwwerraschungseffekt soll jo erhale bleiwen.

All Interesséiert – Elteren, Schüler:innen a Frënn vun der Schoul – sinn häerzlech invitéiert, sech vun dëser jonker an talentéierter Ekip maträissen ze loossen.

D'Opféierunge fannen de 24. a 25. Abrëll 2026, all Kéiers um 19 Auer, am Festsall vum Atert-Lycée statt.

Tickete kënn Dir reservéieren op theater.alr@gmail.com.

**Präis: Jugendlecher (-14 Joer) 7€
Erwuessener 10€.**

Fir lessen a Gedrécks ass gesuergt.

RÉIDENER JUGENDTREFF

WAT GËTT ET NEITS AM RÉIDENER JUGENDTREFF?

De Réidener Jugendtreff bitt an de kommende Méint vill ofwiesslungsräich Aktivitéite fir déi Jonk aus dem Kanton un. Ausfluch, Sport, Musik a kreativ Projete stinn um Programm – an enger gemittlecher an oppener Atmosphär, déi fir jiddereen zougänglech ass.



Europa Park a Rulantica am Abrëll

Am Abrëll gëtt eng Sortie an den Europa Park an an d'Waasserwelt Rulantica fir Jonker vun 12 bis 16 Joer organiséiert. Dës Aktivitéit steet alle Jonken aus dem Kanton op a bitt eng flott Geleeënheet, fir Spaass ze hunn an zesammen eng gutt Zäit ze verbréngen.

Eng originell Moudeschau

Eng Moudeschau ronderëm d'Thema Geschlecht a Bewegung ass an der Virbereedung. Déi Jonk bedeelege sech un der Kreatioun vun den Outfits an un der Organisatioun vum Event. Dës Projete erméiglecht et hinnen, sech auszudrécken, u Selbstvertrauen ze gewannen an am Team ze schaffen.

Musik fir jiddereen

Och d'Musik spillt bei eis eng wichteg Roll. An eisem Musiksprojet, deen allen interesséierte Jugendlechen opsteet, kënnen si a Workshopen, déi verschidde Musiksstiler entdecken, zesammen kreativ ginn an hir Passioun deelen.

En europäesche Projete am Juli

Am Juli organiséiert de Jugendtreff de Projete Mind and Move, deen Jonker aus Lëtzebuerg, der Belsch, Frankräich

an Italien zesummebréngt. Duerch Bewegungsaktivitéiten, kierperlechen Ausdrock a Musiksatiere steet dës Projete am Zeeche vum Wuelbefannen, vun der Kreativitéit an dem kulturellen Austausch.

Ateliere mat de Maisons relais

D'Maisons relais aus dem Kanton bedeelege sech un Ateliere fir de Jugendtreff kennenzeléieren. Dës Ateliere ginn de Kanner d'Méiglechkeet, eis Raimlechkeeten an eis Aktivitéiten ze entdecken an eist pädagogescht Team kennenzeléieren. Si erliichten den Iwwergang vun der Maison relais zu eis a stäerken d'Zesummenaarbecht tëscht de Strukturen.

Sport all Woch

Während dem Schouljoer gi reegelméisseg sportlech Aktivitéiten ugebueden:

- Fussball all Mëttwoch vu 17.30 bis 19.00 Auer an der Sportshal zu Réiden
- Danz all Donneschdeg vu 16.30 bis 18.30 Auer an der Sportshal zu Réiden

Mat dësem ofwiesslungsräiche Programm invitéiert de Réidener Jugendtreff all Jonk, fir matzemaachen, nei Aktivitéiten ze entdecken an zesumme flott Momenter ze erliewen.



QUOI DE NEUF À LA MAISON DES JEUNES DE REDANGE ?

La Maison des Jeunes de Redange propose, dans les mois à venir, de nombreuses activités pour les jeunes du canton. Sorties, sport, musique et projets créatifs sont au programme, dans une ambiance conviviale et ouverte à tous.

Europa Park et Rulantica en avril

En avril, une sortie est organisée à Europa-Park et Rulantica pour les jeunes de 12 à 16 ans. Cette activité est ouverte à tous les jeunes du canton. Une belle occasion de s'amuser et de passer un moment ensemble.

Un défilé de mode original

Un défilé de mode est en préparation autour du thème du genre et du mouvement. Les jeunes participeront à la création des tenues et à l'organisation de l'événement. Ce projet permet de s'exprimer, de gagner en confiance en soi et de travailler en groupe.

De la musique pour tous

La musique aura aussi une place importante avec un projet musical ouvert aux jeunes intéressés. Des ateliers permettront de découvrir différents styles de musique, de créer ensemble et de partager sa passion.

Un projet européen en juillet

En juillet, la Maison des Jeunes organisera le projet Mind and Move, qui réunit des jeunes du Luxembourg, de la Belgique, de la France et de l'Italie.

À travers des activités de mouvement, d'expression corporelle et des ateliers de musique, ce projet met l'accent sur le bien-être, la créativité et les échanges entre cultures.

Ateliers avec les maisons relais

Les maisons relais du canton participent à des ateliers de découverte de la Maison des Jeunes. Ces ateliers permettent aux enfants de découvrir les lieux, les activités proposées et de rencontrer l'équipe éducative. Ils facilitent la transition vers la Maison des Jeunes et renforcent le lien entre les structures.

Du sport chaque semaine

Pendant l'année scolaire, des activités sportives sont proposées régulièrement :

- Football tous les mercredis de 17h30-19h00 au hall sportif de Redange (un tournoi est prévu en mars)
- Danse tous les jeudis de 16h30-18h30 au hall sportif de Redange

Avec ce programme varié, la Maison des Jeunes de Redange invite tous les jeunes à venir participer, découvrir de nouvelles activités et partager de bons moments ensemble.



Öffnungszeiten

Meindes - Dönschdes: 12.00 - 18.00
Mëttwoch - Donneschdes: 12.00 - 19.00
Freides: 12.00 - 20.00
Samsdes: 14.00 - 18.00

Horaires d'ouverture :

Lundi - mardi: 12.00 - 18.00
Mercredi - jeudi: 12.00 - 19.00
Vendredi: 12.00 - 20.00
Samedi: 14.00 - 18.00



Jugendtreff a.s.b.l.
13, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 23 62 06 57
martine@mjredange.lu



Mir bauen äert gesond Doheem aus Holz

Kompromësslos ökologesch a
sécher näischt vun der Staang.

Schlësselfäerdeg vun A bis Z.
Op Wonsch och vun A op B.

LETZEBURGERMEESCHTER BETRIEB - ZËENTER 1999



INTER TOITURE

BAUEN MAT HOLZ . RÉIDEN

Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: +352 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu

Inter Toiture est une société luxembourgeoise, située à Redange-sur-Attert, que j'ai fondée en 1999. En près d'un quart de siècle, elle est devenue une adresse incontournable dans le domaine de la construction en bois et de la rénovation de toiture au Luxembourg.

Même si, à l'origine, l'activité d'Inter Toiture était principalement orientée vers la construction de charpentes et la pose de toiture, j'ai su faire évoluer mon offre et je me suis progressivement tourné vers la construction de maisons, d'annexes, l'isolation thermique ou encore la pose de fenêtres de toit.

Depuis 2013, mon fils Dominique Gérard a rejoint l'entreprise familiale afin de me seconder sur les chantiers. Selin, s'occupe de la comptabilité et s'occupe de toute la partie administrative de l'entreprise.

Nous accordons une grande importance à la formation continue de notre personnel car nos hommes sont la clé de voûte de notre réussite et ils sont les garants de notre savoir-faire.

Avec nous, la construction en bois prend tout son sens !



25, rue Principale

L-8818 GREVELS



621 688 661



info@nova-fid.lu



621 650 880



621 720 776



www.nova-fid.lu

- Privat Steuererklärungen
- Grënnung vu Betriber
- Comptabilitéit
- TVA Deklaratiounen
- Joresofschlëss
- Erstellung vu Zwëschesituatiounen
- Kontakt mat den Administratiounen
- Ufroer vu Subsiden
- Salaren
- Perséinlech Berodung



ERËNNERUNGEN AUS DEM LIEWEN

4 RÉIDENER FRËNDINNEN
ERËNNERE SECH

Version française



D'Jeanny Bintener-Leytem (Joergang 1939), d'Renée Peschon-Demuth (Joergang 1940), d'Résie Reisen (Joergang 1939) an d'Milly Weyland-Huberty (Joergang 1939) si Frëndinnen zënter der Spillschoul zu Réiden. Haut wunnen déi 4 Dammen am HPPA zu Réiden an hu sech un hir Kandheet a Jugend am Duerf erënnert.

Dir hutt lech virun 83 Joer an der Spillschoul kennegeléiert. Wéi war d'Schoul deemools?

Résie: Vum 1. bis 3. Schouljoer, hate mir d'Schwëster Marie des Neiges als Joffer. D'„Schnéimärry“, wéi mir se heemlech genannt hunn, war ganz streng: ier mir eis sëtzen duerften, hu mir als éischt misse bieden an déi franséisch Verben opsoen. Wann ech mech richteg erënnere, ware mir déi éischt Schouljore mat de Jongen zesummen an der Klass.

Renée: Jo, dat stëmmt. Vun der Spillschoul bis 3. Schouljoer ware Meedercher a Jonge gemëscht. Duerno si mir getrennt ginn an duerften net emol an der Paus mat de Jonge schwätzen.

Milly: Dat war jo och net méiglech, well eis Schoulhäff strikt getrennt waren. Mee: „Not macht erfinderisch!“ Mir hunn eis Norichte fir d'Jongen op Ziedelcher geschrëwwen, se ëm ee Stee gewéckelt an iwwer d'Aula an de Jongeschoulhaff geworf!

Jeanny: Oh jo - mir waren net ëmmer Engelcher!

Milly: Awer meeschtens! Mir si jo all Moie virun der Schoul an d'Mass gaangen!

Wat hutt Dir gemaach, wann Dir keng Schoul hat?

Jeanny: Wa mir nomëttes fräi waren, huet d'Mamm mech a meng Frëndin mat eisen dräi Kéi op d'Weed geschéckt, déi laanscht de Schinne vum Jhangeli loun. Hannert dem Hiwwel hu mir dann eis Hausaufgabe gemaach. Vu lauter Muttwëll hu mir och Schlaken op d'Schinne geluecht – an der Hoffnung, de Jhangeli géif stoe bleiwen. Mee dat huet deen ni gestéiert.

Résie: Ech sinn am léifsten an d'Atert tëscht Réiden an Ell schwamme gaang. Et gouf do e Wier, wou d'Atert bis bei d'Schummeschmillen opgestaut gouf, fir Stroum ze produzéieren. Mir hate jo keng Schwämm – schwamme geléiert, hu mir an der Atert.

Renée: Milly, mir zwee hunn am léifste mat de Poppe gespillt, erënners de dech nach?

Milly: A wéi! Mir hu fir d'Poppe gekacht a Stonne mat e Mamm a Papp gespillt. Ech hunn awer och gär gelies.

Jeanny: Meng éischt Popp war aus Stoff, gefëllt mat Stréi. Nom Krich sinn dacks Leit aus dem Minett bei eis „hamster“ komm. Mir hunn hinne Botter, Eeër an Zoossiss ginn, a well déi Leit keng Suen haten, krut ech eng Kéier am Plaz eng wonnerschéi Popp aus Keramik, déi d'Ae konnt op- an zoumaachen.

Milly: Ech erënnere mech och gären drun, wéi mir kleng Gromperen, déi um Feld leie bloufen, an der Glous gebak hunn a se direkt um Feld gejackt hunn. Mir hu vill op der Nojemer Strooss gespillt – souguer Fiederball! A wa mol ganz seelen en Auto laanscht koum, hu mir kuerz Plaz gemaach.



Hënnest Rei vlnr: Résie Reisen, Jeanny Bintener-Leytem;
Viischt Rei vlnr: Renée Peschon-Demuth, Milly Weyland-Huberty



An der Primärschoul mat der Schwëster Marie des Neiges: vu lénks no riets Jeanny (1. Rei, 2. Plaz), Renée (1. Rei, 3. Plaz), Milly (2. Rei, 2. Plaz) a Résie (2. Rei, 5. Plaz).

Résie: Dat Schéinst awer war d'Schlittfuere - natierlech och op der Strooss. Am beschte goug et d'Réidener Groussgaass erof.

Jeanny: Wat hu mir eis stonnelaang mat Schlittfuere amusiéiert. Wéi ech eng Kéier wollt Schlittfuere goen, huet meng kleng Schwëster richteg gedirängelt fir matgehooll ze ginn, obwuel d'Mamm net wollt. Ech hunn et du widderwëlleg hannen op de Schlitt getässelt. Beemol ass mir ënnerwee opgefall, dass kee méi um Schlitt souz - ech hat meng kleng Schwëster am Schnéi verluer!

Erënnert Dir lech nach un de Krich?

Jeanny: Virun allem d'Evakuatioun wärend der Ardennenoffensiv ass bei eis all hänke bliwwen. Kee wosst, wéi wäit d'Preise géingen erof an d'Land kommen. Meng Famill ass dofir ze Fouss, mat de Päerd, op Klengbetten geflücht, wou mir ënnerkomm sinn. Eis Béischten hu mir awer missen zu Réiden zréckloossen. Ee vun der Famill ass da reegelméisseg no hinne kucke komm.

Milly: Och wann et hei zu Réiden keng Kämpf gouf, huet een awer vu ganz wäitem d'Explosioune héieren. Meng Famill huet sech och ze Fouss mam Handweenchen, an deem dat Allernéidegst dra war, op Péiteng gemaach. Wann ech ënnerwee midd gouf, hunn ech dierften um Weenche setzen. Zu Péiteng hu mir d'Wochen ofgewart bis d'Kämpf am Éislek eriwwer waren.

Résie: Mir hunn déi Wochen um Lampertsbiereg iwwerbréckt a kruten näischt vun de Kämpf mat.

Renée: Ech erënnere mech zu Räichel an engem verwëlfte Keller ze setzen, an awer och un eis Evakuatioun op Féngig.

Jeanny: Wéi mir no der Evakuatioun heem komm sinn, waren eis Haascht an eis Spënnchen daitlech méi eidell

Besounesch déi ageluechten Eeër schéngen den Zaldote gutt geschmaacht ze hunn. Mee dat war guer net schlëmm: Haaptsaach de Krich war gutt eriwwer!

Milly: Op eis huet och eng Iwwerraschung doheem gewaart: mir si gewuer ginn, dass d'Amerikaner hir Haaptkiche bei eis am Haus ageriicht haten. Ofgesi vu villen eidele Béichsen an der verschwonnener Ham, war awer soss alles an der Rei.

Jeanny: D'Amerikaner hunn eis och Kaddoe gemaach. Wéi si am Duerf stationéiert waren, si mir dacks bei d'Zaldoten an de Bësch getréppelt, fir Schockela ze kréien. Dat war een extra gudde Schockela - ech schmaachen en elo nach am Mond! Meng Mamm war awer guer net frou, wa se spatz krut, wou mir waren!

Kuerz nom Krich, sinn d'Diere vum éischte Kino zu Réiden opgaangen...

Résie: Richteg, 1947 huet mäi Papp den éischte Kino zu Réiden opgemaach. Dat war eppes ganz Besounesch, well deemools nach keen eng Televisioun doheem hat. Mam Kino hu mir gesinn, wéi d'Welt bausse vu Réiden ausgesinn huet! Filmer goufe samschdes, sonndes an d'Feierdeeg gewisen. Et gouf zwou Zorten, „Jugendverbot“ a „Jugendfrei“. Heiansdo si souguer d'Gendaarme mat der Täscheluucht kontrolléiere komm, ob dës Reegel och wierklech agehale gouf. Den éischte Film, dee gewise gouf, war „Monsieur Vincent“, d'Leit stounge Schlaang.

Renée: Erënnert Dir lech nach un „Die Sünderin“ mam Hildegard Knief? A virun allem och un d'Priedegt vun eise Häre Deche géint dës „verruichene“ Film!

Résie: Derbäi war e guer net schlëmm! Fir mech war „Grün ist die Heide“ ee vun de schéinste Filmer. „Die zehn Gebote“ huet awer dee gréisste Publikum ugezunn.

A wéi huet een typesche Sonnden an Ärer Kandheet ausgesinn?

Milly: Sonndes gouf et zwou Massen: d'Fréimass an d'Houmass. Mir hunn awer nëmme briichten an eng vun den zwou ze goen. Nomëttes stoung dann och nach d'Vesper um Programm.

Jeanny: Ob mir dann och wierklech ëmmer gaange sinn, ass eng aner Saach! Mee et war eng schéin Zäit, och wann alles anescht war wéi haut.

Résie: Et war net esou eng Hetz. No der Mass si vill Männer an de Café Kaarte spille gaang. Et gouf deemools 8 Caféen zu Réiden.

Renée: An a 4 Réidener Caféen ass souguer Danzmusik gespillt ginn, virun allem wa Kiermes oder e Bal war.

Milly: All Joer sinn e puer Prässiounen duerch d'Duerf organiséiert ginn. Ech si ganz gäer bei de Bittprässiounen mat gaangen, wou mir am Cortège raus op d'Felder getréppelt sinn a fir eng gutt Recolte gebiet hunn. Mee déi schéinste Prässiounen waren déi, wou mir Meedercher d'Muttergottes-Statu duerch d'Duerf gedroen hunn, an d'Jongen den Himmel (Baldachin) iwwer dem Paschtouer, deen d'Monstranz am Grapp hat.

Wat ass no der Primärschoul geschitt?

Renée: D'Primärschoul huet deemools 7 Joer gedauert an et konnt een nach en 8. Joer drunhänken. No der Primärschoul si mir entweder an e Pensionat gaang oder an d'Bitz- a

Kachschoul zu Réiden. Ech war, wéi meng Bomi a meng Tatta och schonn, an engem Pensionat zu Léck.


Jeanny: Meng Elteren hate leider net genuch Sue fir e Pensionat ze bezuelen. Ech sinn dofir mam Milly bei d'Schwëster Céline an d'Bitz- a Kachschoul zu Réiden gaang. Ech hunn nach viru kuerzem d'Bitzmuster fir e Pyjama aus där Zäit erëmfonnt.

Résie: Ech war och an engem Pensionat, zu Dikrech. Ech muss haut nach schmunzelen, wann ech drun denken, wéi d'Nonnen eis méindes gefrot hunn, ween danze war - dat huet hinne guer net gefall! A wat waren d'Nonne rosen, wéi 1955 d'Kasär op den Härebierg geplënnert ass. Dunn huet et ëmmer geheescht « *Baissez les yeux, c'est le diable qui passe* », wa mir engem Zaldot an der Strooss begéint sinn.

Mir soen dem Jeanny, Milly, Renée a Résie e ganz härezeche Merci fir hir Zäit an hir Bereetschaft, hir wäertvoll Erënnerunge mat eis ze deelen. Mat hiren authentischen Anekdoten hu si e Stéck Réidener Geschicht fir déi nächst Generatiounen opbewaart.



Och de Bimbo Theater gouf am Réidener Kinosall gewisen



Deemols war d'Spillen op der Strooss nach eng Selbstverständlechkeet.



Hei ass d'Wier tëscht Ell a Réiden, wou mir schwamme gaange sinn.

Wëllt och Dir Är Liewens-
erënnerunge mat eis deelen?
Mellt lech gäre bei eis:




Syndikat Kanton Réiden

(+352) 28 334 – 040
magazine@kanton-reiden.lu



Dësen Artikel gouf zesumme
mam HPPA entwéckelt.

REDANGE/ATTERT | "ALLÉE DES TILLEULS"



TERRAINS À VENDRE

VENDUS SANS CONTRAT DE CONSTRUCTION



KUHN.LU

[+352] 43 96 13-42 | immobilier@kuhn.lu



OP DER SCHOCK

DEN NEIE CLASSEUR „TOURISMUS & KULTUR FÜR ALLE“

Op der Schock setzt sech säit Jore mat vill Engagement fir Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung an. Och Mënsche mat spezifesch Bedierfnesser wëllen nei Plazen entdecken, duerch d’Natur spadséieren oder kulturell Eventer besichen – mee dat ass leider net ëmmer einfach, well hir Bedierfnesser nach ze dacks net genuch berücksichtegt ginn.

An de leschte Joren ass zwar vill fir eng besser Accessibilitéit vu Persoune mat kierperlecher Behënnerung geschitt, mee d’Bedierfnesser vu Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung ginn ze dacks nach vergiess.

Genau hei setzt de LEADER-Projet vun Op der Schock (ODS) un: déi touristesch Offeren an der LEADER-Regioun Wëlle Westen goufe vun den Experte selwer - also de Persounen aus de Servicer vun ODS - getest a wann néideg, no engem ausgeschaffte Krittierekatalog ugepasst. All dës Informatiounen sinn an engem Classeur zesummegefaasst ginn, deen a liichter Sprooch geschriwwen gouf an domat fir jiddereen einfach ze verstoen ass.

De Classeur stellt 37 verschidden Offere vir, opgedeelt op sechs Beräicher: Visite-guidéeën, Spadséierweeër, sportlech Aktivitéiten, Gastronomie, Iwwernuechtungsplazen a Fester oder kulturell Veranstaltungen.

E weidert Zil vum Projet war et, d’Inklusioun aktiv ze fërderen, andeems Touristiker, Guiden an d’Gesellschaft am Allgemenge fir déi spezifesch Besoine vu Mënsche mat intellektueller Beanträchtegung sensibiliséiert ginn. Insgesamt gouf mat 65 verschiddenen Acteuren a Partner zesummegefaasst: vum ORT Guttland, iwwer d’Gemengen, Ministèren a Verwaltungen, Restauranten a Bedreiwer vun touristeschen Attraktiounen.

Dëse LEADER-Projet huet de matwirkende Persoune mat enger intellektueller Beanträchtegung gewisen, dass hir Kompetenzen a Meenunge wirklech gebraucht a

respektéiert ginn - eng rar, mee immens wäertvoll Erfahrung, déi hiert Selbstwäertgefill daitlech gestärkt huet.

Wëllt Dir Ären Tour, Är Visitt oder Äert Fest op d’Bedierfnesser vu Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung teste loossen an eng professionell Berodung vun eiser Testgrupp kréien? Oder wëllt Dir Är Kommunikatioun an déi liicht Sprooch iwwersat kréien? Eist Team hëlleft iech gär dobäi! Mellt lech bei eis fir méi Informatiounen.

De Classeur fannt Dir an digitaler Versioun hei:
Vous trouverez le classeur en version numérique ici :



OP DER SCHOCK LE NOUVEAU CLASSEUR « TOURISME & CULTURE POUR TOUS »

Depuis de nombreuses années, Op der Schock s'engage avec beaucoup de dévouement en faveur des personnes présentant une déficience intellectuelle. Les personnes ayant des besoins spécifiques souhaitent elles aussi découvrir de nouveaux lieux, se promener dans la nature ou assister à des événements culturels – mais cela n'est malheureusement pas toujours simple, car leurs besoins sont encore trop souvent insuffisamment pris en compte.

Ces dernières années, de nombreux progrès ont certes été réalisés en matière d'accessibilité pour les personnes en situation de handicap physique, mais les besoins des personnes présentant une déficience intellectuelle restent souvent oubliés.

C'est précisément là qu'intervient le projet LEADER d'Op der Schock (ODS) : les offres touristiques de la région LEADER Wëlle Westen ont été testées par les experts eux-mêmes – c'est-à-dire par les personnes issues des services d'ODS – et, si nécessaire, adaptées sur la base d'un catalogue de critères élaboré. Toutes

ces informations ont été rassemblées dans un classeur rédigé en langage facile à lire, afin d'être compréhensible par tous.

Le classeur présente 37 offres différentes, réparties en six catégories : visites guidées, sentiers de promenade, activités sportives, gastronomie, hébergements et fêtes ou événements culturels. Un autre objectif du projet était de promouvoir activement l'inclusion, en sensibilisant les professionnels du tourisme, les guides ainsi que la société en général aux besoins spécifiques des personnes présentant une déficience intellectuelle.

Au total, 65 acteurs et partenaires différents ont collaboré au projet : de l'ORT Guttland aux communes, ministères et administrations, en passant par les restaurants et les gestionnaires d'attractions touristiques.

Ce projet LEADER a montré aux personnes participantes présentant une déficience intellectuelle que leurs compétences et leurs opinions sont réellement utiles et respectées – une expérience rare mais extrêmement précieuse, qui a considérablement renforcé leur estime de soi.

Souhaitez-vous faire tester votre circuit, votre visite ou votre fête en fonction des besoins des personnes présentant une déficience intellectuelle et bénéficier d'un accompagnement professionnel de notre groupe de test ? Ou souhaitez-vous faire traduire votre communication en langage facile à lire ? Notre équipe se fera un plaisir de vous aider ! N'hésitez pas à nous contacter pour plus d'informations.




Op der Schock
Atelier Fieder-Iicht
B.P. 10 L-8501 Redange-sur-Attert

(+352) 26 62 18 81
fieder-licht@ods.lu

OP SCHATZSICH MAM OUSCHTERHUES AM WËLLE WESTEN

OUSCHTERQUIZ VUN DE SERVICER
TOURISME & VIVRE ENSEMBLE



An der Ouschtervakanz organiséiere mir eng ganz
besonnesch Entdeckungstour fir **d'Kanner mat hire Familljen**:
eng Ouschter-Schatzsich op eege Fauscht duerch verschidde
Gemengen an touristesch Plazen aus dem Wëlle Westen.

Mat enger **Schatzkaart** ausgerëscht, maachen d'Kanner
sech op de Wee. D'Plaze si just duerch Symboler markéiert.
Rätselhaft Beschreibungen hëllefen hinnen erauszefannen,
wou genoe si siche mussen, fir dem Ouschterhues seng
Rätsel an Aufgaben ze léisen. Dobäi entdecken d'Kanner op
spilleresch Aart a Weis de Wëlle Westen.

D'Schatzsich ass kannerfrëndlech opgebaut a kann zu all
Moment an der Ouschtervakanz (28.03. – 12.04.) gemaach
ginn. Wann all d'Aufgabe geléist sinn, léisst sech d'Schatztru
opmaachen an op d'Kanner waart eng lecker Iwwerraschung.

Eng **Umeldung** ass **obligatoresch bis de 26.03** iwwert
tourisme@kanton-reiden.lu.

De 27.03 kréien d'Participanten all néideg Dokumenter fir un
der Schatzsich deelzehuelen.

Version française



KANTON RÉIDEN ENVIRONNEMENT NEI SUBSIDEN & OPTIOUN VUM VIRFINANZEMENT FIR PHOTO- VOLTAIK-ANLAGEN A BATTERIEN



De Wirtschafts- an den Ëmweltministère hunn de 4. Januar 2026 nei Subside fir Photovoltaik-Anlagen a Batterien agefouert, mat der Méiglechkeet vun engem Virfinanzement.

Wat bedeit de Virfinanzement?

De Virfinanzement betrëfft an enger éischter Phas d'Photovoltaik-Anlage souwéi Photovoltaik-Anlagen a Kombinatioun mat enger Hausbatterie. Eng Batterie, déi zu engem spéideren Zäitpunkt un eng bestoend Photovoltaik-Anlag ugeschloss gëtt, kann net vum Virfinanzement profitéieren, awer vum Subside.

Wie ka vum neie Subsid respektiv vum Virfinanzement profitéieren?

Physesche Persounen oder Personnes morales, déi d'Konditiounen fir d'Subside respektéieren, kënnen déi nei Subside fir Photovoltaik-Anlagen a Batterien an Usproch huelen.

De Virfinanzement ass fir Personnes morales a physiques, déi Proprietär vun engem Gebai mat op mannst enger Wunneng sinn an déi d'Konditiounen fir d'Subsiden an de

Virfinanzement erfëllen. Ausgeschloss vum Virfinanzement si Betriber, déi enger Aktivitéit mat enger Autorisation d'Etablissement ënnerleien.

Wéi héich sinn déi nei Subside fir Photovoltaik-Anlagen a Batterien?

De Montant hänkt vun der Leeschtung vun der Photovoltaik-Anlag (kWc) an der notzbarer Kapazitéit vun der Batterie (kWh) of. De Subsid ka mat oder ouni Virfinanzement ugefrot ginn.

Den héchstméigleche Subsid gëtt bei enger Photovoltaik-Anlag vu 15 kWc (10.000 €) respektiv bei enger Batterie mat enger Späicherkapazitéit vun 9 kWh (2.250 €) erreecht. Bei enger méi héijer Leeschtung wéi 15 kWc oder enger Kapazitéit iwwer 9 kWh gëllt den héchstméigleche Montant vun 10.000 € (PV) respektiv 2.250 € (Batterie).

D'Konditiounen fannt Dir an de Linken op den nächste Säiten.

Froen?

Profitéiert vun enger gratis Berodung mam Energieberoder vum Kanton Réiden.



Source : ChatGPT

NOUVEAUX SUBSIDES & OPTION DE PRÉFINANCEMENT POUR LES INSTALLATIONS PHOTOVOLTAÏQUES ET LES BATTERIES

Le ministère de l'Économie et le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité ont introduit le 4 janvier un nouveau régime des aides financières pour les installations solaires photovoltaïques et les batteries avec une option de préfinancement.

Qu'est-ce que le préfinancement signifie pour les ménages ?

Cela signifie que les ménages n'ont plus besoin d'avancer l'argent de la subvention. Le montant de l'aide est directement déduit de la facture finale par l'installateur. Le client paie donc moins dès le départ. Le préfinancement est facultatif.

Pour quelles installations le préfinancement peut-il être demandé ?

Le préfinancement concerne, dans un premier temps, les installations solaires photovoltaïques et les installations photovoltaïques avec

une batterie domestique. Une batterie ajoutée ultérieurement à une installation photovoltaïque existante ne peut pas bénéficier du préfinancement, mais peut bénéficier du subside.

Qui peut bénéficier des nouvelles primes ?

Les personnes physiques ou morales qui respectent les conditions d'éligibilité peuvent bénéficier des nouvelles aides financières pour les installations photovoltaïques et les batteries.

Le préfinancement est réservé aux personnes physiques et aux personnes morales propriétaires d'un bâtiment comprenant au moins une unité d'habitation et qui remplissent les conditions d'éligibilité et de préfinancement. Sont exclues du préfinancement les entreprises exerçant une activité soumise à une autorisation d'établissement.

Quel est le nouveau montant des subsides pour une installation PV et une batterie ?

Le montant dépend de la puissance de l'installation photovoltaïque (kWc) et de la capacité utile de la batterie (kWh). Le subside peut être demandé avec ou sans préfinancement.

Le subside maximal possible est atteint pour les panneaux photovoltaïques d'une puissance de 15 kWc (10.000 €) et pour une batterie d'une capacité de stockage de 9 kWh (2.250 €). Pour une puissance supérieure à 15 kWc ou à 9 kWh, le montant maximal est applicable.

Les conditions sont disponibles via le QR code figurant sur la page suivante.

Des questions ?

Profitez d'un rendez-vous gratuit avec le conseiller en énergie du Kanton Réiden.



D'Installatioun hélt net vill Plaz an: uewen de Wiesselrichter vun der Photovoltaik-Anlag an ënnen d'Batterie vun 10kWh.
L'installation ne prend pas beaucoup de place : en haut l'onduleur de l'installation photovoltaïque et en bas la batterie de 10 kWh.

Wou fannt Dir weider Informatiounen a wéi kënnt Dir Är Subsiden estiméieren?

Staatlech Subsiden

D'Klima-Agence stellt en Online-Simulator zur Verfügung, mat deem Dir all disponibel Subsiden estiméiere kënnt, inklusiv déi vum Staat, vun de Gemengen a vun den Energieversuerger.

Dir fannt de Link op dëse Simulator souwéi vill weider Informatiounen zu de staatleche Subside fir Photovoltaikanlagen a Batterien, notament zu den techneschen Ufuerderungen, de Viraussetzung fir d'Klimabonus-Subsiden an d'Demandeformularen, via dem QR-Code, ënnert dësem Text

Gemenge-Subsiden am Kanton Réiden

D'Gemenge-Subside mussen direkt vum Client ugefrot ginn. De Bréif vum Staat, deen d'Zousatz vum staatleche Subside confirméiert, muss der Demande fir d'Gemeng bäigeluecht ginn.

All néideg Informatiounen fir eng Demande fir e Gemenge-Subside anzerechen, sief et fir erneierbar Energien oder fir energetesch Renovatiounen, fannt Dir iwwert de QR-Code:



Où trouver plus d'informations et estimer les aides ?

Subsidés étatiques


La Klima-Agence met à disposition un simulateur en ligne permettant d'estimer l'ensemble des aides disponibles, y compris celles de l'État, des communes et des fournisseurs d'énergie.

Vous trouverez le lien vers ce simulateur ainsi que de nombreuses informations complémentaires sur les subsidés étatiques pour les installations photovoltaïques et les batteries, notamment concernant les exigences techniques, les conditions d'octroi des aides Klimabonus et les formulaires de demande, via le QR code ci-dessous.

Subsidés communaux dans le canton de Redange

Les subsidés communaux doivent être demandés directement par le client. La lettre de l'État confirmant l'octroi du subsidé étatique doit être jointe à la demande.

Toutes les informations nécessaires pour introduire une demande de subsidé communal, tant pour les énergies renouvelables que pour les rénovations énergétiques, sont également disponibles via le QR code ci-dessous:



PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

Kanton Réiden
Service Environnement
Conseil en Energie
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 33 44
environnement@kanton-reiden.lu

KANTON RÉIDEN ENVIRONNEMENT D'GEMENGE BIEKERECH AN ELL SI MAM EUROPEAN ENERGY GOLD AWARD AUSGEZEECHENT GINN



Les responsables politiques de la commune de Beckerich (Thierry Lagoda, 3^e à partir de la gauche, et Claude Loutsch, 2^e à partir de la gauche), aux côtés de Bruno Barboni (Klima-Agence), de Stéphane Devillet (1^{er} de la droite) et de la présidente de l'EEA, Gudrun Heute-Bluhm.

© EEA

D'Gemenge Biekerech an Ell goufen de 7. November 2025 fir hir Efforten am Klimaschutz belount.

Dank hirem laangjäregen a konsequenten Engagement am Kader vum Klimapakt 2.0 hunn déi zwou Gemenge beim leschten Audit am Summer 2025 allen zwou e Resultat vun 82 % erreecht.

Béid Gemengen hu vill Klimaschutz-Moosnamen an der Verwaltung ëmgesat, awer och an der Ënnerstëtzung vun hiren Awunner, besonnesch am Beräich vun den erneierbaren Energien, der Energieeffizienz duerch d'Sanéierung vu Gebaier, dem Waasserspuren, der Kreeslafwirtschaft souwéi bei Moosname fir sech un de Klimawandel unzepassen. Dës laangjäreg Aarbecht gouf op internationalem Niveau bei der Präisiwwerreechung zu Saas-Fee an der Schwäiz belount.

Déi lëtzebuergesch Delegatioun war staark vertrueden, well insgesamt 15 Gemenge vun eisem Land d'Rees op sech geholl haten, fir dës wäertvoll Auszeechnung entgéintzehuelen.

Mir felicitéieren de Gemenge Biekerech an Ell fir hir virbildlech Aarbecht am Sënn vun enger liewenswäerter Welt fir déi zukünftge Generatiounen!



La présidente de l'EEA, Gudrun Heute-Bluhm, Bruno Barboni (Klima-Agence, 1^{er} à partir de la gauche) et Stéphane Devillet (2^e), aux côtés de l'équipe d'Ell : Denise Glodé (3^e), Josy Schlessler (4^e), Laurent Schaus (5^e) et Henri Rasqué (6^e).



En novembre, 58 communes européennes ont reçu le European Energy Gold Award à Saas-Fee, parmi lesquelles figuraient également les communes de Beckerich et d'Ell.

© EEA

LES COMMUNES DE BECKERICH ET ELL MISES À L'HONNEUR AUX EUROPEAN ENERGY GOLD AWARDS

Les communes de Beckerich et Ell ont été récompensées le vendredi 7 novembre 2025 pour leurs efforts dans la lutte contre le changement climatique ! Grâce à leur engagement continu depuis de nombreuses années dans le cadre du Pacte Climat 2.0, les deux communes ont chacune obtenu un résultat de 82% lors de l'audit de certification de 2025.

Les deux communes sont actives au sein de l'administration et soutiennent également leurs habitants dans

le développement des énergies renouvelables, l'assainissement énergétique des bâtiments, l'économie de l'eau, l'économie circulaire ainsi que les mesures d'adaptation au changement climatique.

Ce travail de longue haleine a été récompensé au niveau international lors de la cérémonie de remise des trophées à Saas-Fee en Suisse. La délégation luxembourgeoise était importante puisqu'au total, 15 communes de notre pays avaient

fait le déplacement pour recevoir le précieux sésame.

Bravo pour ce travail exemplaire pour offrir un monde agréable à vivre aux générations futures !



© EEA



PacteClimat | EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

Kanton Réiden
Service Environnement
Pacte Climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-420
environnement@kanton-reiden.lu

KANTON RÉIDEN MOBILITÉ

MARIO VERLOOVE, DE GROUSSE GO GO VELO CHAMPION



De Mario Verloove, 62 Joer, pensionéiert a vu Wolwen (Gemeng Rammerich), ass während 40 Deeg sage und schreibe 5.779 km gefuer – dat sinn am Duerchschnitt 145 km pro Dag. Mat deem sensationelle Resultat huet de Mario déi 724 Vëlofuerer vun der GO GO VELO Hierschteditioun wäit hannert sech gelooss.

Mario, fiers du scho säit laangem vill Vëlo?

Ech hu viru 5 Joer mam Vëlo ugefaang. Mäi ganz Liewe war ech dem Fussball verbonnen – ech sinn och haut nach Arbitter. Wéinst enger Fouss-Verletzung konnt ech am Hierscht net lafen, mee Vëlofueren ass gaang. A well ech wollt fit bleiwen a grad en neie Vëlo kaf hat, koum d'GO GO VELO Campagne ganz geleeën.

Wat fir e Vëlo hues du kaf?

Ech hu mir e massgeschneiderte Stroossevëlo ouni Batterie gegénnt.

Wou bass du déi 5.779 km während de 40 Deeg vun der Campagne gefuer?

Fir mech waarm ze fueren, sinn ech déi éischt 60–80 km an eisem Kanton gefuer - mir hunn esou vill schéi Vëlospisten. Duerno ass et dacks an d'Belsch gaang, alt bis op Namur.

Well d'Vëlospisten am Hierscht dacks mat Äscht a Blieder bedeckt ginn – wat geféierlech ka sinn – hunn ech och heiandsdo misse Strooss fueren. Leider gëtt een do dacks ganz knapp vun Autoen iwwerholl, déi déi 1,5 m Sécherheetsdistanz net richteg aschätze kënnen.

Wat ass deng Liblingsstreck?

Déi nei RAVeL-Streck vu Maartel op Baaschtnech ass herrlech schéin a roueg.

Wéi vill Kilo hues du an där Zäit ofgehol?

14 Kilo!



Wéi huet en typeschen Dag ausgesinn?

Ech si géint 9–10 Auer gestart, an ouni grouss Paus bis 20–21 Auer duerchgefuert. Ech war net wierklech midd, wann ech owes ukomm sinn – mee wann ech bis am Bett loung, hunn ech 10 Stonnen duerchgeschloft!

Wéi huet deng Famill reagéiert, wéi s du op eemol nëmmen nach um Vëlo souz?

Si hu geduecht, ech hätt se net méi all – mee dat huet mech net gestéiert.

Wéi hues du et fäerdeg bruecht, dës Leeschtung 40 Deeg duerchzehalen?

Lues ufänken, ouni ze forcieren. Mäin éischt Zil waren 2.000 km, mee op eemol ass de Konkurrenzgeescht erwächt. Ech sinn ëmmer méi no un den Dizzy (Ralph Diseviscourt) komm – ech hätt ni geduecht, dass ech eng Chance géint hien hätt.

An der leschter Woch war ech richteg a Form a sinn all Dag 200 km gefuert. Et ass wéi vun eleng gaang – ech konnt net méi ophalen! Meng Kollegen hu probéiert mech ze bremsen, mee de Vëlo war wéi eng Drog!

Hues du speziell Ernährung zou dir geholl, fir ëmmer genuch Energie ze hunn?

Moies Huewerflacke mat Banann, Hunneg a Jugurt, ënnerwee Müslirigel an Äppel. An ech hu bëssi bei de Profie vum Tour de France geknäipt: de sauere Kiischtejus nom Effort ass ideal fir d'Muskelen ze regeneréieren. A keng Drëps Alkohol während de 40 Deeg!

Wéi hues du dech no de 5.779 km gefillt?

Super gutt – mat 14 Kilo manner, engem vill méi niddregem Blutdruck an engem Häerzschlag vu 40 Schléi an der Minutt.

Häss du Loscht mol am Team ze fueren?

Jo, ech géif mech freeën, heiansdo zesumme mat anere Vëlosfuere wäit Distanzen ze fueren. Mellt lech gäre wann dir interesséiert sidd: mverloove@vo.lu. Mäin nächsten Challenge wier fir 24 Stonnen um Stéck ze fueren.

Mir felicitéieren dem Mario fir dës aussergewöhnlech Leeschtung a wënschen him nach vill flott Stonnen um Vëlo!

LE GRAND VAINQUEUR DE LA CAMPAGNE GO GO VELO : MARIO VERLOOVE

Mario Verloove, 62 ans, retraité de Wolwelage (Commune de Rambrouch), est le grand champion de l'édition d'automne de la campagne GO GO VELO.

En 40 jours, il a parcouru 5 779 km, soit en moyenne 145 km par jour, dépassant ainsi l'ensemble des 724 participants au niveau national.

Sa motivation n'a cessé de croître : parti avec un objectif de 2 000 km, il s'est rapidement pris au jeu de la compétition, se rapprochant même du spécialiste de l'ultra-distance Ralph Diseviscourt. Lors de la dernière semaine, il avait 200 km par jour, consolidant encore davantage sa place de leader.

Au cours de ces 40 jours, il a perdu 14 kilos et atteint un rythme cardiaque au repos de 40 battements par minute. Côté alimentation, il s'est inspiré des cyclistes professionnels : jus de griottes pour favoriser la récupération et zéro alcool pendant toute la durée du défi.

S'il reconnaît que sa famille l'a parfois pris pour un « fou », Mario a vécu cette performance comme une véritable passion. Il se réjouirait de rouler occasionnellement avec d'autres cyclistes intéressés et envisage déjà son prochain objectif : rouler 24 heures d'affilée.



**KANTON
RÉIDEN**

MOBILITÉ

Kanton Réiden
Service Mobilité
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-040
mobilité@kanton-reiden.lu



Un grand merci à nos sponsors de la campagne GO GO VELO

Le Syndicat Kanton Réiden adresse ses remerciements aux sponsors de la campagne GO GO VELO : AgriPièces de Colpach, Autisme Lëtzebuerg de Beckerich, Beim Bäcker Jos de Beckerich, Härespënnchen de Redange, Brasserie & Hôtel La Différence de Vichten, Musée L'Ardoise de Haut-Martelange, la piscine de Redange et le centre commercial Pall Center d'Oberpallen.

REPAIR CAFÉ KANTON RÉIDEN

MIR STELLEN EIS REPAIRER VIR



Den Aloyse Ney vu Simmer ass e ganz treie Repairer an eisem Repair Café.

Aloyse, wëlls du dech kuerz virstellen?

Ech si pensionéierten Elektromechaniker an -ingenieur. Nieft der Ausbildung ass praktesch Aarbecht awer genee esou

wichtig. Ech hunn ëmmer vill gefléckt – am Ufank aus Noutwennegkeet, haut aus Spaass!

A wéi engem Atelier bass du aktiv am Repair Café?

Haaptsächlech am elektreschen Atelier, an och do, wou ech mech auskennen. Bei der Elektronik wéi Fernseher kann ech nëmme begrenzt hëllefen, well mir do d'Geschier an d'Stécker feelen.

Wat flécks du am léifsten?

Besonnenesch déi Saachen, déi de Leit um Häerz leien: al Weckeren, Radioen oder CD-Spiller. Do mécht et mir vill Freed, kënnen ze hëllefen.

Wat flécks du am mannste gär? A firwat?

Leider kommen och Leit mat Saachen, déi geféierlech sinn: defekt Chrëschtbelichtung oder Maschinnen ouni Sécherheetsschalter. Do loosse mir d'Fanger dervun a rodene de Leit, dat och ze maachen.

Wat mécht dir am meeschte Freed un dengem Engagement am Repair Café?

D'Motivatioun am Team an déi zefridde Gesichter vun de Leit. D'Zäit vergeet séier, an ech léieren och selwer nach vill bäi.

Wat fir Erfarunge wëlls du mat de Lieser deelen?

Traut Iech, selwer ze flécken! Et war nach ni esou einfach un Informatiounen ze kommen. A loosst och d'Kanner mathëllefen – aus Kanner, déi dierfen, ginn Erwuessener, déi kënnen.



PRÉSENTATION D'UN RÉPARATEUR

Aloyse Ney, originaire de Septfontaines, est un réparateur engagé du Repair Café Kanton Réiden. Électromécanicien et ingénieur électricien à la retraite, il a toujours réparé des objets, d'abord par nécessité, aujourd'hui par plaisir. Au Repair Café, il intervient principalement sur des appareils électriques.

Il apprécie particulièrement de redonner vie à des objets auxquels les gens sont attachés, tels que des vieux réveils, des radios ou des lecteurs CD. Ce qui le motive avant tout, c'est l'ambiance au sein de l'équipe et la satisfaction des visiteurs. Son message est clair : oser réparer soi-même n'a jamais été aussi simple grâce à l'accès à l'information, et il est important d'encourager les enfants à participer, car ceux qui peuvent essayer deviennent des adultes capables.



Repair Café Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-040
repaircafe@kanton-reiden.lu

REPAIR CAFE 2026

Nächste REPAIR CAFE am KANTON RÉIDEN

Prochain RDV du REPAIR CAFE du CANTON DE REDANGE

Samschdes / Samedi 13.06.2026
zu / à Vichten

14h00 - 17h00 - Festsall

32, rue Principale L-9190 Vichten

GRATIS - GRATUIT

Mir flécken / Nous réparons :



Electrique



Vélos



Mécanique



Petits travaux
de couture



Affûtage
de couteaux



Informatique

CAFE



Verkaf vu
Gedrénks a Kuch

Vente de
boissons et gâteaux

FIR PROPPERT WAASSER – KOMMT KUCKEN!



POUR UNE EAU PROPRE - VENEZ VOIR !

Eis Quellfaassungen ënnerleie strenge Qualitéitsnormen, déi mat der Zäit och ëmmer weider evoluéieren. Sou wonnert et net, datt dës Quell aus dem Joer 1926 an de leschten honnert Joer 3 mol renovéiert gouf. D'Haaptsanéierung huet tëscht 2023 an 2025 stattfonnt an dës Kéier gouf och dru geduecht, fir d'Quell esou ze amenagéieren, datt se fir Visitte vun der Éffentlechkeet ka genotzt ginn. Am Géigesaz zu villen anere Quellfaassunge kann een am Kaschbur ganz gutt gesinn, wéi d'Waasser direkt aus dem Fiels erauskënnt an opgefaange gëtt.

De Kaschbur ass d'Hauptquell vum Drénkwaassersyndikat DEA. Si huet zu all Joreszäit een impressionnanten Debit. Dir kënnt lech dovun den 18. Abrëll iwwerzeegen, wann den Drénkwaasserschutz-Animateur vun der DEA d'Gebai fir 3 Stonnen opmécht an lech Erklärungen zur Waasserqualitéit an zur Drénkwaasserversuergung an der Regioun gëtt.

Op der Plaz kënnt Dir och bei enger Waasserverkäschtegung matmaachen, wou et gëllt, verschidde Mineralwaasser am Goût ze erkennen.



18.04.2026

Visitt vun der Quell Kaschbur
Visite de la source d'eau Kaschbur

- Beim Bësch vun Iener (Gemeng Sëll)
Près de la forêt d'Ehner (Commune de Saeul)
- Visite : 45min
3 Départs : 13h30 / 14h30 / 15h30
- Umeldung & Info Treffpunkt bis den 16.04 via QR Code :
Inscription & info point départ avant le 16.04 via QR Code :
- Plaze si begrenzt
Places limitées



FIR PROPPERT WAASSER - KOMMT KUCKEN!

POUR UNE EAU PROPRE - VENEZ VOIR !

Fir d'Waasserqualitéit an der Atert ze iwwerwaachen, gi vun der Waasserverwaltung reegelméisseg eng Rei Analyse gemaach. Do ginn nieft cheemeschen a physikalesche Parameter och d'Waasserorganisme betruecht an all 3 Joer gëtt eng elektresch Fëscherei duerchgefouert, well och d'Zesummesetzung vun der Fëschpopulatioun e Réckschloss op proppert Waasser gëtt. Et ginn 3 Moossstatiounen op der Atert, wou dës Analyse gemaach ginn: Réiden, Béiwen a Colmer-Bierg.

De 25. Abrëll weise mir lech zu Colmer, wéi esou eng Befëschung gemaach gëtt. Vun 14 bis 16 Auer si mir op der Plaz. Fir d'ëischt kënnt Dir gesinn, wéi d'Fësch gefaang ginn, da wéi se gesënnert a bestëmmt ginn. Dir kritt och d'Méiglechkeet e puer kleng Frellen, déi dës Joer an der Pisciculture zu Lëntgen aus den Eeër geschlüpft sinn, an d'Atert auszesetzen. A wann der bei eisem Gewënnsplill op der Plaz matmaacht, dann hutt dir d'Méiglechkeet eent vun de Bicher „Les poissons au Luxembourg“ ze gewinnen.

25.04.2026


D'Fësch am Fokus - erlieft d'Fësch hautno
Nos poissons – vivez-les de près

- Colmer-Bierg am Park bei der Atert
Parc de Colmar-Berg
- 14h-16h
- Umeldung bis den 23.04 via maison.eau@attert.com
Inscription jusqu'au 23.04 via maison.eau@attert.com
- **Wichtig:** Dës Aktioun ass staark wiederofhängeg a muss bei Reen ofgesot oder verluecht ginn. Dofir biede mir lech, lech unzemellen, fir dat mir lech wann néideg kontaktéiere kënnen.

Important : Cet événement est fortement tributaire des conditions météorologiques et pourrait être annulé ou reporté en cas de pluie. Nous vous demandons donc de vous inscrire afin que nous puissions vous informer si besoin.

béise Fësch
gudde Fësch

#TEAMWAASSER



Zesumme fir eist
WAASSER

FIR PROPPERT WAASSER - MAACHT MAT!

POUR UNE EAU PROPRE - PARTICIPEZ !



D'lescht Joer am Hierscht gouf d'Attert tëscht Useldeng a Béiwen vu Fräiwëlleger vum Kajak Club Lëtzebuerg gebotzt. Op engem Tronçon vun ca. 3 km goufen 9 Säck mat Plastik, Béchsen a Plane gefëllt. Och Matte mat syntheeteschem Wues, 4 Pneuen an 1 Uewe konnte gebuerge ginn. Den Offall gouf uschlëssend vun de Gemengenaarbechter aus de Gemengen Useldeng an Helperknapp entsuergt. Et freet ee sech ëmmer rëm, wéi dat méiglech ass, datt esou vill Offall an eise Baache lant.



Jiddereen, deem eng propper Baach um Häerz läit, ass opgefuerdert, Verantwortung ze iwwerhuelen! Maacht mat an deponéiert näischt an den Uferberäich, well bei Héichwaasser riskéiert dat an d'Baach ze geroden. Maacht mat a geheit keng Zigarettstëmp a.s.w. an de Stroossegully, well an eisem Kanalsystem sinn déi meeschte Gullyen mam Reewaasserkanal verbonnen, deen an d'Baach féiert.

www.ofwaasser.lu

L'automne dernier, l'Attert a été nettoyée par des bénévoles du Kayak Club Luxembourg. Entre Useldange et Boevange, sur un tronçon d'environ 3 km, neuf sacs ont été remplis de plastique, de canettes et de bâches. Des tapis en gazon synthétique, quatre pneus et un four ont également été récupérés. Les déchets ont ensuite été éliminés par les ouvriers communaux des communes d'Useldange et de Helperknapp.

Tous ceux qui se soucient de la propreté des rivières sont invités à prendre leurs responsabilités! Aidez-nous et ne jetez rien sur les berges, car en période de crue, cela risque de se faire emporter par les eaux. Par ailleurs ne jetez pas non plus vos mégots de cigarette etc. dans les avaloirs aux bords des routes car ceux-ci sont souvent reliés aux réseaux d'eaux pluviales et aboutissent donc directement dans nos cours d'eau.



Maison de l'Eau de l'Attert asbl
43, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-attert

(+352) 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
attert.com

FONDATION AUTISME LUXEMBOURG

Baak-Aktivitéit am Foyer.
Moment de pâtisserie dans le foyer.

© FAL

Zënter 30 Joer engagéiert sech d'Fondation Autisme Luxembourg (FAL) fir Mënsche mat Autismus, ënnerstëtzt hir Familljen a bitt eng ëmfaassend Betreierung un. Op verschidde Standuerter am Land, dorënner zu Rammerich, assuréiert d'Fondatioun Servicer, déi op déi konkret Besoine vun de betraffene Persounen ofgestëmmt sinn – vun der Ënnerbréngung iwwer Dagesaktivitéite bis hin zur therapeutescher a sozialer Ënnerstëtzung. Mat hirem Asaz dréit d'FAL all Dag dozou bäi, d'Autonomie, d'Inklusioun an d'Liewensqualitéit vu Mënsche mat Autismus zu Lëtzebuerg ze fërderen.

GENERELLES

Wat ass d'Missioun vun der Fondation Autisme Luxembourg (FAL)?

Eis Haaptmissioun ass eng ëmfaassend a konsequent Betreierung fir autistesche Persounen ze garantéieren an hir Familljen ze ënnerstëtzen. Do dernieft entwéckele mir nei Déngschter op Basis vu konkrete Besoinen, a setzen eis allgemeng fir Mënsche mat Autismus zu Lëtzebuerg an.

Wou befanne sech Är Sitten am Land?

Rammerich (rue du Nord), Mënzen, Capellen, Steesel a Bieles.

Wat befënnt sech um Rammericher Site?

Hei befanne sech 3 Wunn-Foyeren, och mat e puer Noutfallbetter, eis Ateliere (Service d'activités de jour) fir Erwuessener an déi dozou gehéierend administrativ Servicer. Déi 20 Bewunner vun eisen 3 Rammericher Foyere schaffen alleguer an eise Rammericher Ateliere.

AKTIVITÉITEN

Wat fir Aktivitéite ginn an den Ateliere zu Rammerich ugebueden?

Zu Rammerich ginn et 3 Ateliere: Am Kachatelier hëllefen d'Bewunner beim Virbereede vum Mëttegiessen, dat op der Plaz zerwéiert gëtt a produziéiert verschidde Produkter, déi an eisem Online-Buttik verkaf ginn.


Am Bastelatelier ginn ënner anerem eis Wonschkaarten hiergestallt.

Am Wäschatelier gëtt z. B. och d'Bettwäsch aus eise Foyere gewäsch a gestreckt.

Wat produzéiert Dir fir de Verkauf?

Eis Ateliere produzéieren Zoossen, selwer gemaachte Ketchup mat Chili oder Curry, e Mojito mix, Gewürzmischungen, Bakmischungen, Wonschkaarten, Gebeesser, Peffermënz-Téi, Balsamico-Esseg

Dir kënnt dëst alles an eisem Online-Buttek ukucken a bestellen. Fir en Oppräis kritt Dir Är Bestellung heemgeliewert oder Dir kënnt se an engem vun eise Büroen (Rammerich, Capellen,...) ofhuelen.



Wéi vill Mataarbechter schaffe fir d'FAL insgesamt?

Bei der Fondation Autisme Luxembourg schaffe ronn 250 Mataarbechter mat ganz ënnerschiddleche Profiller. Dozou gehéieren ënner anerem Educateuren, Psychologen, Ergothérapeuten, Psychomotoriker, Assistants sociaux, Auxiliaires de vie, Apprentien awer och Botzfrauen, Techniker, Sekretären, administrativ Aarbechter



Gaardenaarbechten um Rammericher Site.
Jardinage sur notre site de Rambrouch.



Haushaltsarbechten am Foyer.
Travaux ménagers dans le foyer.



Preparatioun vun de SOS Cookies am Kach-Atelier.
Préparation des bœux SOS cookies dans l'atelier cuisine



Am Wäschatelier.
Dans l'atelier de buanderie.

WUNNSTUKTUR

Wéi vill Mënsche mat Autismus wunnen an Ärem Foyer zu Rammerich?

Zu Rammerich wunnen 20 Persounen, opgedeelt op dräi Foyeren. Eng Wunneng ass barrièrefräi also fir Persounen mat Mobilitéitsproblemer ugepasst. Aktuell ass de Foyer voll ausgelascht.

Wéi leeft den Alldag an Ärer Wunnstruktur of?

Eis Wunnstrukture sinn 365 Deeg am Joer op. Pro Grupp vu sechs bis siwe Bewunner suergen zwee Erzéier fir d'Betreiung; an der Nuecht sinn dräi Erzéier fir déi 20 Bewunner zu Rammerich am Asaz.

No den Dages-Ateliere kommen d'Bewunner am spéiden Nomëtten heem. Owes hëlleft jidderee mat bei den deeglechen Hausaarbechte wéi lesse virbereeden, ofraumen, botzen ... Uschlëssend bidde mir Fräizäit-Aktivitéiten, Kommunikatiounsübungen an och Entspannungsméiglechkeeten un.

D'Weekender si fir Ausfluch a Fräizäitaktivitéite reservéiert. Zousätzlech ginn d'Bewunner dräimol am Joer an d'Vakanz.

Kommt Dir der aktueller Nofro no?

D'Nofro no eise Servicer ass héich. Mir probéieren esou vill Leit a Famillje wéi méiglech ze ënnerstëtzen, stoussen awer un eis Grenzen, souwuel wat Plaze wéi och qualifizéiert Personal ugeet.

ZUKUNFT & ENTWÉCKLUNG

Wéi finanzéiert Dir Iech?

Mir finanzéieren eis haaptsächlech iwwer Konventiounen mam Familljeministère, der Fleegeversécherung a Spenden. Eis Konte ginn all Joer auditéiert.

Wat sinn déi wichtegst Entwécklungsprojete fir déi nächst Joren, speziell fir de Rammericher Site?

Fir de Site zu Rammerich ginn et aktuell keng konkret Projeten. Allgemeng si mir awer op der Sich no Gebaier oder Terrainen, fir eis weider ze entwéckelen an nei Servicer unzebidden, am Idealfall an der Géigend vu Rammerich.

Wéi kann een Iech ënnerstëtzen?

Dir kënnt d'Fondation Autisme Luxembourg duerch Spenden, fräiwëllegen Asaz, d'Participatioun un Evenementer oder d'Deele vun eise Contenuen op de soziale Medien ënnerstëtzen. Am Kader vum 30-järegem Jubiläum ginn et dëst Joer vill Méiglechkeeten, eis ze hëllefen.



Während engem Ausfluch vun de Bewunner.
Lors d'une sortie des résidents du foyer.



D'Terrasse vum Rammericher Site.
La terrasse du site de Rambrouch

© FAL

FONDATION AUTISME LUXEMBOURG

Depuis 30 ans, la Fondation Autisme Luxembourg (FAL) s'engage en faveur des personnes avec autisme et de leurs familles, en leur proposant un accompagnement global. Présente sur plusieurs sites à travers le pays, dont celui de Rambrouch, la Fondation développe des services adaptés aux besoins concrets des personnes concernées, allant de l'hébergement aux activités de jour, en passant par le soutien thérapeutique et social. À travers ses actions, la FAL œuvre chaque jour pour favoriser l'autonomie, l'inclusion et la qualité de vie des personnes autistes au Luxembourg.

GÉNÉRALITÉS

Quelle est la mission de la Fondation Autisme Luxembourg (FAL) ?

La mission principale de la Fondation Autisme Luxembourg est d'assurer un accompagnement global et cohérent des personnes autistes et de soutenir leurs familles. Elle développe également de nouveaux services en fonction de besoins concrets et s'engage, de manière générale, en faveur des personnes avec autisme au Luxembourg.

Où se situent vos sites ?

À Rambrouch (rue du Nord), Munshausen, Capellen, Steinsel et Belvaux.

Que trouve-t-on sur le site de Rambrouch ?

Le site de Rambrouch comprend trois foyers d'hébergement, dont quelques lits d'urgence, des ateliers d'activités de jour pour adultes ainsi que les services administratifs. Les 20 résidents de nos foyers de Rambrouch travaillent tous dans les ateliers du site.

ACTIVITÉS

Quelles activités sont proposées dans les ateliers de Rambrouch ?

Trois ateliers sont proposés :

- un atelier cuisine, dédié à la préparation des repas et à la production de produits destinés à la vente,
- un atelier créatif, notamment pour la fabrication de cartes de vœux,
- un atelier lingerie, chargé entre autres de l'entretien du linge des foyers.

Quels produits sont proposés à la vente ?

Les ateliers produisent notamment des sauces, du ketchup maison, des

mélanges d'épices, des préparations pour pâtisserie, des cartes de vœux, des confiseries, du thé à la menthe poivrée ou encore du vinaigre balsamique.

Ces produits sont disponibles dans la boutique en ligne de la FAL, avec possibilité de livraison ou de retrait sur site.



Combien de personnes travaillent pour la FAL ?

La Fondation Autisme Luxembourg emploie environ 250 collaborateurs aux profils variés, allant des éducateurs et thérapeutes au personnel technique, administratif et logistique.

STRUCTURE

D'HÉBERGEMENT

Combien de personnes vivent au foyer de Rambrouch ?

Le site de Rambrouch accueille 20 personnes réparties dans trois foyers, dont l'un est accessible aux personnes à mobilité réduite. Les foyers sont actuellement complets.

Comment s'organise le quotidien ?

Les structures sont ouvertes toute l'année. Les résidents participent aux ateliers en journée et prennent part,



en soirée, aux tâches quotidiennes et à des activités de loisirs, de communication ou de détente.

Les week-ends sont consacrés aux sorties et aux activités récréatives. Les résidents partent également en vacances trois fois par an.

La demande peut-elle être satisfaite ?

La demande pour les services de la FAL est élevée. Malgré les efforts déployés, la Fondation est confrontée à des limites en matière de capacités d'accueil et de personnel qualifié.

AVENIR & DÉVELOPPEMENT

Comment la Fondation est-elle financée ?

La FAL est principalement financée par des conventions avec le ministère de la Famille, l'assurance dépendance et des dons. Les comptes sont audités chaque année.

Quels sont les projets pour les années à venir ?

Aucun projet concret n'est actuellement prévu pour le site de Rambrouch. La

Fondation reste toutefois à la recherche de bâtiments ou de terrains afin de développer de nouveaux services, idéalement dans la région.

Comment peut-on soutenir la Fondation ?

Aucun projet concret n'est actuellement prévu pour le site de Rambrouch. La Fondation reste toutefois à la recherche de bâtiments ou de terrains afin de développer de nouveaux services, idéalement dans la région.



FONDATION AUTISME
Luxembourg
13A, rue du Nord
L-8806 Rambrouch

(+352) 26 91 11 -1
autisme@fal.lu
fal.lu



Nos services de prélèvements dans le Canton de Redange

Venez sans rendez-vous.
Notre équipe vous prend en charge rapidement, avec un accueil attentionné.

LABORATOIRE REDANGE L'INOÛ

67, Grand-Rue, L-8510 Redange

HORAIRE D'OUVERTURE

Lundi - vendredi 6:00 - 12:00
Samedi 7:00 - 12:00

NOS AUTRES SERVICES

LABOMOBILE, le laboratoire d'analyses médicales qui vient à vous.

Disponible dans 9 localités proches de chez vous.
→ labomobile.lu

PICKEN DOHEEM - Anytime, Anywhere

- Prélèvement sur rendez-vous, ponctuel et sans frais.
 - À domicile ou sur votre lieu de travail.
 - Prélèvement pédiatrique également disponible, avec BIONEXTKIDS.
- pickendoheem.lu



Pour en savoir plus



(+352) 27 321 | info@bionext.lu | www.bionext.lu



LOLL'S SHOES

D'Loll a sengem neie Geschäft an der Réidener Groussgaass.
Loll dans son nouveau magasin situé dans la Grand-Rue de Redange.



D'Schungggeschäft Loll's Shoes, dat sech vun Ufank un op grouss Schunggréisste spezialiséiert huet, ass 2024 vun Hueschtert an d'Reidener Groussgaass geplënnert.

Zanterhier bitt d'Loll net nëmme Schung fir Dammen un, mee och eng breet Auswiel fir Hären.

Wëllt Dir lech kuerz virstellen?

Mäin Numm ass Laurence Kohl-Reding, genannt Loll, 51 Joer jonk, bestuet an houfreg Mamm vu véier Kanner. Gebierteg sinn ech aus dem Réidener Kanton a wunne mat menger Famill zu Hueschtert.

U wéi eng Clientèle riicht sech Loll's Shoes?

Loll's Shoes riicht sech un eng ganz breet Clientèle. Vum Teenie bis Senior fënnt jiddereen hei Schung fir all Geleeënheet – vu sportlech bis elegant. Zënter ech zu Réiden sinn, bidden ech Schunggréisste 37 bis 45 fir Dammen an 42 bis 50 fir Hären un.

Wéi ass d'Iddi entstanden, e Schungggeschäft fir grouss Féiss opzemaachen?

Ech selwer hu 45 am Fouss. Schonn an der Lycéeszäit hunn ech missen op Häreschung zréckgräifen, well et näischt Aneshtes gouf. Dat huet scho vill um Selbstbewosstsi geknabbert. Iwwer all déi Joer huet sech an de Geschäfte nit vill geännert an aus dëser Nout ass mäin Häerzensprojet entstanden.

Wat war dunn den Ausléiser?

No der Schoul sinn ech schaffe gaangen, an d'Liewen huet säi Laf geholl. De Gedanke war ni ganz fort, mee duerch d'Liewensëmstänn war ni de richtege Moment do, fir esou e Projet ëmzesetzen.

Dat huet sech geännert, wéi meng Duechter 2015 u Leukemie erkrankt ass. Dës Erfahrung huet meng Siicht op d'Liewe komplett verännert a mir bewosst gemaach, datt et

ni dee perfekte Moment gëtt. Zesumme mat mengem Mann hunn ech de Schratt gewot, eis Garage an e Schungbuttik ëmzebauen. 2017 ass Loll's XXL Shoes entstanden. Aus schwéiere Momenter kënnen och positiv Saachen entstoen.

Zu wéi vill sidd Dir am Team?

Aktuell besteet d'Team aus mir eleng. Als Patronne sinn ech gäre selwer am Buttik, well et mir immens vill Spaass mécht, d'Leit ze beroden. Wann awer Nout um Mann ass, kann ech ëmmer op d'Ennerstëtzung vu menger Famill zréckgräifen.

Vu wou kommen Är Clienten haaptsächlech?

Aus dem ganze Land an iwwer d'Grenzen ewech! Eng Cliente hëlt zum Beispill zwou Stonne Faart a Kaf, fir bei mir ze shoppen. Ech hat awer och scho Visitten aus Amerika oder Afrika, Leit déi just op der Duerchrees waren. Dat sinn immens schéi Momenter, déi mech frou an houfreg maachen.

Wat wënscht Dir lech fir d'Attraktivitéit vun der Réidener Geschäftsstrooss?

Eng lieweg an attraktiv Geschäftsstrooss ass wichteg, fir d'Geschäftsliewen an dat soziaalt Mateneen am Duerf ze erhalen. Genuch Geschäfte, e gudde Clientsservice, eng perséinlech Berodung an eng professionell Kommunikatioun spillen dobäi eng zentral Roll. Besonnesch zënter Corona wësse mir, wéi wichteg de soziale Kontakt an den Zesammenhalt sinn.

Lundi fermé
Mardi-Vendredi
9h-12h et 14h-18h
Samedi
9h-16h

Dames 37-45 Hommes 42-50

43, Grand-Rue L-8510 Redange
Loll's Shoes



LOLL'S SHOES

La boutique de chaussures Loll's Shoes, spécialisée dès ses débuts dans les grandes pointures, a déménagé en 2024 de Hostert vers la Grand-Rue de Redange. Elle propose aujourd'hui des chaussures pour femmes et une large sélection pour hommes.

Laurence Kohl-Reding, surnommée Loll, 51 ans, est originaire du canton de Redange et vit à Hostert avec sa famille. Elle s'adresse à une clientèle très variée, des adolescents aux seniors, avec des modèles allant du sportif à l'élégant. À Redange, Loll's Shoes propose des pointures du 37 au 45 pour les femmes et du 42 au 50 pour les hommes.

L'idée d'ouvrir une boutique dédiée aux grandes pointures est née de son expérience personnelle. Chaussant du 45, elle a longtemps dû se tourner vers des chaussures pour hommes, ce qui a fortement affecté sa confiance en elle. Constatant que l'offre restait limitée au fil des années, ce manque est devenu un véritable projet de cœur.

Le déclic est survenu en 2015, lorsque sa fille a été atteinte de leucémie. Cette épreuve a profondément changé sa vision de la vie et l'a poussée, avec son mari, à concrétiser son projet. En 2017, Loll's XXL Shoes voyait le jour dans leur garage transformé en boutique.

Aujourd'hui, Laurence gère seule le magasin et apprécie particulièrement le contact et le conseil personnalisé.

Sa clientèle vient de tout le pays et même de l'étranger, certains parcourant de longues distances pour trouver des chaussures adaptées.

Pour elle, une rue commerçante vivante est essentielle au dynamisme économique et au lien social du village. Des commerces variés, un bon service client et une relation humaine forte sont indispensables, d'autant plus depuis la pandémie, qui a rappelé l'importance du contact et de la solidarité.



Bei de Frae-Schung bitt d'Loll eng breet Auswiel vu Gréisst 37 bis 45 un.
Pour les chaussures pour femmes, Loll propose un large choix de pointures allant du 37 au 45.



Loll's Shoes bitt fir d'Hären Schunggréissten 42 bis 50 un.
Loll's Shoes propose pour les hommes des pointures allant du 42 au 50.



Och fir déi méi Jonk mat grouse Féiss bitt d'Loll e grouse Choix un!
Loll propose également un grand choix pour les plus jeunes ayant de grands pieds !

walux

Bioenergy

Cheminées
Poêles à bois
Poêles à pellets
Ramonages

1, Arelerstrooss
L-8523 Beckerich
T +352 26 62 14 08
E info@walux.lu

Heures d'ouverture
du lundi au vendredi
de 9h-12h & 13h30-18h
samedi de 9h-12h



www.walux.lu



KANTON REIDEN VIVRE-ENSEMBLE

BIERGERATELIER „BEGÉIGNUNGSPLAZEN“ AM KANTON RÉIDEN

D'Zil vum Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen ass et, een dynamescht Duerfliewen an de Gemengen ze erhalen an nohalteg weider ze entwéckelen. Dëst erfuerdert ënner anerem Plazen, wou d'Leit sech kënnen begéinen an austauschen - déi sougenannten „Tiers Lieux“ oder Begéignungsplazen.

Dëst war och e wichtege Feedback vun eiser grousser Ėmfro, déi de Kanton Réiden am Joer 2024 am Kader vun der Entwécklung vun eiser Vision territoriale duerchgefouert huet. Aus dësem Gronn huet de Kanton Réiden Enn vum leschte Joer all interesséiert Bierger op e Workshop invitéiert, fir zesumme mat eiser Expertin fir Duerfentwécklung, Joëlle Ferber, e gemeinsaamt Verständnis dofir ze entwéckelen, wat déi wichtegst Krittäre vu gudde Begéignungsplaze sinn.

Et gouf sécherlech och e puer Iwwerraschungen op dësem Workshop. Esou muss en Treffpunkt net onbedéngt e Gebai sinn; den Treffpunkt kann och dobausse leien, wéi zum Beispill eng Duerf- oder eng Sportplaz, virausgesat, datt do Aktivitéiten an Evenementer stattfannen. Eng gewësse Reegelméissegkeet, souwéi d'Inklusioun vun allen interesséierte Bierger, sinn nämlech essenziell, fir d'Krittäre vun enger gudder Begéignungsplaz ze erfëllen.

All d'Krittären an d'Iddien, déi während dem Workshop entwéckelt goufen, ginn aktuell zesummegedroen an alle Bedeelegten an de kommunale Kommissiounen vum interkulturellen Zesummeliewen zur Verfügung gestallt.

Am nächste Schrëtt gëtt d'Diskussioun op kommunalem Niveau weidergefouert. D'Zil ass et, an all Gemeng Plazen oder Aktivitéiten ze identifizéieren, déi entweder schonn als Treffpunkte genotzt ginn oder déi sech mat wéineg Opwand zu esou Plaze weiderentwéckele loossen. Wa méiglech, ginn duerno konkret Virschléi fir déi jeeweileg Gemengeréit ausgeschafft.

Dir kënnt dobäi Är Kommissiounen ënnerstëtzen, andeems Dir Är Erfarungen deelt a Plaze virschlot, déi sech fir Begéinungen besonnesch eegnen.



ATELIER CITOYEN

« LIEUX DE RENCONTRE »

DANS LE CANTON DE REDANGE

L'objectif du Pacte du vivre-ensemble interculturel est de préserver et de développer durablement une vie villageoise dynamique et vivante dans les communes. Cela nécessite notamment des lieux où les habitants peuvent se rencontrer et échanger – les « tiers-lieux » ou lieux de rencontre.

Ce constat ressort également de la grande enquête menée par le Syndicat Kanton Réiden en 2024 dans le cadre de l'élaboration de sa Vision territoriale. C'est dans ce contexte que le canton a invité, à la fin de l'année dernière, l'ensemble des citoyens intéressés à participer à un atelier. Celui-ci a permis, en collaboration avec notre experte en développement villageois, Joëlle Ferber, de développer une compréhension commune des critères essentiels d'un bon lieu de rencontre.

Cet atelier a également réservé quelques surprises. Ainsi, un lieu de rencontre ne doit pas nécessairement être un bâtiment : il peut aussi se situer en plein air, par exemple sur une place de village ou un terrain de sport, à condition que des activités et des événements y soient organisés régulièrement. Une certaine régularité, ainsi que

l'inclusion de toutes les personnes intéressées, sont en effet essentielles pour répondre aux critères d'un lieu de rencontre de qualité.

L'ensemble des critères et des idées élaborés lors de l'atelier est actuellement rassemblé et mis à disposition de tous les participants ainsi que des commissions communales du vivre-ensemble interculturel.

La discussion se poursuit désormais au niveau communal. L'objectif est d'identifier, dans chaque commune, des lieux ou des activités qui sont déjà utilisés comme points de rencontre ou qui pourraient être développés en ce sens avec un minimum d'efforts. Lorsque cela est possible, des propositions concrètes sont ensuite élaborées à destination des conseils communaux concernés.


Vous pouvez soutenir vos commissions en partageant vos expériences et en proposant des lieux particulièrement adaptés à la promotion des rencontres.



© Kanton Réiden



© Kanton Réiden



© Kanton Réiden



Kanton Réiden
Service Vivre-Ensemble
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert
(+352) 28 33 4-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu

BICHERBOX WËLLE WESTEN

EEN EVENT FIR GROUSS A KLENG

25. Abrëll 2026
Vu 14.00 bis 18.00 Auer

An a bei der „Aaler Schoul“
an der Bicherbox zu Mäerzeg
(31A, Rue Principale, L-9168 Mäerzeg)

Méi Informatiounen:

(+352) 28 33 45
vivre-ensemble@kanton-reiden.lu



De Service Vivre-Ensemble vum Syndikat „Kanton Réiden“ luet Iech op eng lieweg an inspiréierend Rees an d'Welt vun de Bicher an. Bei eisem Event „**Bicherbox Wëlle Westen - Literatur déi verbënnt**“ erwaart Iech e flotten Nomëtteg voller Entdeckungen, Kreativitéit a Liesfreet, fir Kanner wéi och fir Erwuessener.

Freet Iech op **spannend Liesungen op Lëtzebuergesch, interaktiv Workshops, spilleresch Aktivitéiten** a vill Momenter ronderëm d'Thema Bicher a Liesen. Gläichzäiteg kritt Dir d'Geleeënheet, **d'Bicherboxen aus enger neier Perspektiv** kennen ze léieren a gewuer ze ginn, wéi de Kanton Réiden sech mat Ënnerstëtzung vum LEADER Wëlle Westen aktiv fir hir Valoriséierung an Entwécklung asetzt.

Loosst Iech iwwerraschen, de genaue Programm kënnt geschwënn.

Fir lessen a Gedréns
ass natierlech gesuergt,
bréngt also Zäit, Virwëlz
a gutt Laun mat!



Dir hutt och eng Iddi fir ee
Miniprojet an de Beräicher Kultur,
Nohaltegkeet a Circular Economy:

LEADER Wëlle Westen
(+352) 28 334-920
wellewesten@leader.lu

www.leader.lu/wellewesten

Version française



KANTON REIDEN VIVRE-ENSEMBLE

THEMENOWEND „EE FIR DEN ANEREN DO“
AM RÉIDENER HPPASOIRÉE THÉMATIQUE « ÊTRE LÀ LES UNS
POUR LES AUTRES » AU HPPA DE REDANGE

© Sanavia Wilgen



© Kanton Réiden

Mat 57 Gäscht hate mir den 20. Januar am Bistro vum HPPA (Home Pour Personnes Âgées) zu Réiden de perfekte Start fir eisen intergenerationelle Projet „JU-SE“. Fir d'Diskussioun unzestoussen, gouf gläich am Ufank e Video gewise mat Interviewe vu Leit aus allen Altersgruppen zum Thema Zesummeliewen. Vill vun den interviewte Persounen ware selwer am Publikum dobäi.

Zousätzlech hunn e puer engagéiert jonk Leit eng Lëscht mat Froen ausgeschafft, déi op d'Bistrosdëscher geluecht goufen. Dës huet eng exzellente Basis fir spannend an oppe Gespréicher tëscht den Awunner vum HPPA an de Bistrogäscht vun all Alter aus dem ganze Kanton Réiden geschaf.

De Projet „JU-SE“ ass eng Initiativ am Kader vum Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen a gëtt vum Familljeministère ënnerstëtzt. Säin Zil ass et, Mënschen, onofhängeg vun Alter oder kulturellem Hannergrond, duerch Eventer wéi dësen Themenowenter, souwéi Formatiounscoursen an Diskussiounsforen zesummenzebréngen. Dobäi solle gemeinsam Interessen entdeckt an nei Kontakter geknäppt ginn.

Op dës Manéier dréit de Projet „JU-SE“ dozou bäi, dat soziaalt Liewen an den Dierfer ze stäerken an d'interkulturellt an intergenerationellt Zesummeliewen ze fërderen.

Wann Dir Froen oder Iddien hutt, zéckt net, eis ze kontaktéieren.

Avec 57 participants, nous avons connu, le 20 janvier, au Bistro du HPPA (Home pour Personnes Âgées) de Redange, un lancement réussi de notre projet intergénérationnel « JU-SE ». Afin de lancer les échanges, une vidéo a été projetée dès le début, présentant des interviews de personnes de tous âges autour du thème du vivre-ensemble. De nombreuses personnes interviewées étaient également présentes dans le public.

Par ailleurs, plusieurs jeunes engagés ont préparé une liste de questions, qui ont été disposées sur les tables du bistrot. Cela a constitué une excellente base pour des échanges stimulants et ouverts entre les résidents du HPPA et les visiteurs de tous âges venus de l'ensemble du canton de Redange.

Le projet « JU-SE » est une initiative inscrite dans le cadre du Pacte du vivre-ensemble interculturel et bénéficie du soutien du ministère de la Famille. Son objectif est de rassembler des personnes, indépendamment de leur âge ou de leur origine culturelle, à travers des événements tels que ces soirées thématiques, ainsi que des formations et des forums de discussion. Il s'agit ainsi de favoriser la découverte d'intérêts communs et la création de nouveaux contacts.

De cette manière, le projet « JU-SE » contribue à renforcer la vie sociale dans les villages et à promouvoir le vivre ensemble interculturel et intergénérationnel.

Si vous avez des questions ou des idées, n'hésitez pas à nous contacter.



Kanton Réiden Service Vivre-Ensemble
11, Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert

(+352) 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu



© Charles REISER

D'MUSIKSCHOUL VUM KANTON RÉIDEN – ENG SCHOUL, DÉI LIEFT

An de leschte Méint huet d'Musikschoul vum Kanton Réiden erëm op schéin Aart a Weis gewisen, wat Musik am Kär bedeit: Begeeschterung, Zesummenhalt an d'Freed, eppes zesummen ze erliewen. Kuerz gesot: et war Liewen an der Schoul.

Réckbléck: Spill & Spaass

Mam Playday den 22. November hu mir e Moment geschaf, wou et net ëm Leeschtung, mee ëm d'Freed um Musikmaache gaangen ass. Schüler:innen aus verschiddene Klassen hu sech begéint, zesumme gespillt, gebastelt a geléiert – an dat an enger oppener, entspaanter Atmosphär. Si haten e flotten Nomëtteg, wou si duerch 4 musikalesch Ateliere gaange sinn.

D'Adventszeit ass duerno vu véier Chrëschtconcerten an eng sëlleg Auditiounen begleet ginn, déi am ganze Kanton fir eng waarm a festlech Stëmmung gesuergt hunn.

E ganz besonnesche Moment war den Neijoerschconcert vum 18. Januar. Hei hu mir mat grousser Freed eis dräi nei Chéier virgestallt: zwee Kannerchéier an eisen neien Erwuessenechouer. Wat do op der Bühn ze héiere war, huet iwwerzeegt: vill Energie, grouss Motivatioun bei de Schüler:innen an Enseignant an e Resultat, dat wäit iwwer d'Erwaardungen gaangen ass. Et war kloer ze spieren: hei entsteet eppes Neies, eppes Lieweges – e richtegt Gemeinschaftsgefühl duerch Gesang.

Chouer: elo (nach) matmaachen!

Dës positiv Dynamik wëlle mir bewusst weiderféieren. D'Aschreiwungen fir eis Chéier sinn nach ëmmer op, a jidderee mat Freed um Gesang ass häerzlech wëllkomm:

- Kannerchouer: donneschdes vu 15:30 bis 16:30 Auer
- Kannerchouer: samschdes vu 10:00 bis 11:00 Auer
- Erwuessenechouer: méindes vu 18:15 bis 19:15 Auer

Egal ob jonk oder erwuessen, mat vill oder wéineg Erfahrung – et geet drëm, seng Stëmm ze entdecken, zesummen ze kléngen an Deel vun enger Grupp ze sinn.

Aktuell: 14. Mäerz - Journée Sing & Play

De 14. Mäerz hu mir en Nomëtteg am Zeeche vum Gesang fir all Schüler:innen aus der Formation Musicale organiséiert. Mat vill Freed hunn eis Schüler zesumme Lidder aus dem Rock/Pop an aus dem Musicalgenre geprouft. Mat vill Spaass hu si dat zum Schluss präsentéiert.

Eng grouss Perspektiv: d'Reform vun der Formation Musicale ab 2026/2027

Och op nationalem Niveau beweegt sech eppes Grondsätzlech: wéi vum Ministère ugekënnegt, gëtt d'Formation Musicale (FM) ab dem Schouljoer 2026/2027 grondsätzlech reforméiert. Dës Reform setzt kloer Akzenter: méi Praxis, méi Gesang, méi kierperlech Erfahrung vun der Musik. D'Stëmm, als Instrument, ass en natierleche Wee, fir Rhythmus, Melodie a Musikalitéit fréi ze entwéckelen.

Am Zentrum vun der neier Approche steet d'Iwwerzeegung, dass Musik net als theoretesch Fach geléiert, mee als Erfahrung geléift soll ginn. Gesang, Beweegung, Lauschteren an Zesummespill ginn dofir nach méi staark an de pedagogesche Mëttelpunkt geréckelt.

Strukturell gesäit d'Reform e fënnefjäregen „Tronc commun“ (FM1 bis FM5) vir, zougängelech ab dem Alter vu 6 Joer. An dëser Phas kréien all Schüler:innen eng gemeinsam, zolidd musikalesch Grondausbildung, déi net nëmme Wëssen, mee virun allem Kompetenzen entwéckelt: lauschteren, reagéieren, zesummespillen, sängen an sech ausdrécken. Dës schafft eng stabil Basis – egal ob d'Kand sech spéider fir eng instrumental, vokal oder theoretesch Weiderféierung entscheet.

Eng weider wichteg Neierung betrëfft d'Bewäertung. An Zukunft gëtt nëmme nach een Exame virun engem Jury organiséiert.

Gläichzäiteg kritt d'kontinuéierlech Evaluatioun iwwert d'ganz Schouljoer e vill méi grouss Gewicht. Dës bedeit: d'Entwécklung vum Kand, säin Engagement an de reegelméisseg Fortschritt ginn nach méi fair a realistesch bewäert – a manner Drock läit op engem eenzegem Testmoment.

Fir dës Reform nohalteg ëmzesetzen, ginn och nei pedagogesch Materialien (ënner anerem moderniséiert Léierbicher) agefouert, souwéi geziilt Formatiounen a Begleedunge fir d'Enseignanten.

Eis Roll als Musikschool

Fir d'Musikschool vum Kanton Réiden ass dës Reform eng Chance. Vill vun de Prinzipien – wéi d'Bedeutung vum Gesang, d'Aarbecht an der Grupp an eng lieweg, praxisno Approche – liewe mir schonn haut. Besonnesch d'Entwécklung vun eise Chéier a gemeinschaftleche Projete weist, dass mir pedagogesch um Puls vun der Zäit sinn.

Mir gesinn d'Reform dofir net als Broch, mee als logesch Weiderentwécklung, déi eis bestärkt an eis Aarbecht nach méi kloer an nohalteg mécht – am Déngscht vun de Kanner, de Jugendlechen an all deenen, déi Musik als Deel vun hirem Liewe wëllen erliewen.

Schlusswuert

Wat mir an de leschte Méint an der Musikschool erlieft hunn, weist: mir sinn um richtege Wee. Mat vill Engagement, mat neie Projeten – besonnesch am Chouerberäich – an engem kloere Bléck no vir. Musik verbënnt, stäerkt a mécht Freed.

Mir freeën eis, dës Wee mat lech zesumme weiderzagoen.

Info zu den Aschreiwunge fir d'Schouljoer 2026-2027:

- Porte Ouverte: 16/05
- Réinscriptions: 25/04 – 17/05
- Nei Aschreiwungen: 16/05 – 13/06



L'ÉCOLE DE MUSIQUE DU CANTON DE REDANGE

– UNE ÉCOLE QUI VIT

Ces derniers mois, l'École de musique du canton de Redange a montré avec force ce que la musique représente dans son essence : enthousiasme, partage et plaisir de vivre des expériences communes. L'école était pleinement vivante.

Retour sur les temps forts

Le Playday du 22 novembre a mis l'accent sur le plaisir de faire de la musique, sans pression de performance. Des élèves de différentes classes se sont rencontrés dans une atmosphère ouverte et détendue, participant à quatre ateliers musicaux.

La période de l'Avent a ensuite été marquée par quatre concerts de Noël et de nombreuses auditions, apportant une ambiance chaleureuse et festive dans tout le canton.

Moment phare de ce début d'année : le concert du Nouvel An du 18 janvier, au cours duquel trois nouveaux chœurs ont été présentés – deux chœurs d'enfants et un chœur d'adultes. L'énergie, la motivation des élèves et des enseignants, ainsi que la qualité musicale ont clairement montré qu'un nouvel élan collectif est en train de naître.

Chœurs : inscriptions toujours ouvertes

Cette dynamique se poursuit et les inscriptions aux chœurs restent ouvertes à toutes les personnes aimant chanter :

- Chœur d'enfants : jeudi 15h30–16h30
- Chœur d'enfants : samedi 10h00–11h00
- Chœur d'adultes : lundi 18h15–19h15

Quel que soit l'âge ou l'expérience, l'objectif est de découvrir sa voix, chanter ensemble et faire partie d'un groupe.

Journée du chant choral – 14 mars

Le 14 mars a eu notre Journée du chant choral destinée aux élèves de la Formation Musicale. Cet après-midi fût consacré au chant, au jeu et à l'expérimentation, dans un esprit ludique et sans pression.

Perspective nationale : réforme de la Formation Musicale

À partir de l'année scolaire 2026/2027, la Formation Musicale fera l'objet d'une réforme nationale mettant l'accent sur davantage de pratique, de chant et d'expérience corporelle de la musique. Un tronc commun de cinq ans (FM1 à FM5) offrira une base musicale solide dès l'âge de 6 ans.

L'évaluation évoluera également, avec un seul examen devant jury et une importance accrue accordée à l'évaluation continue.





© Charles REISER

Notre engagement

De nombreux principes de cette réforme – chant, travail en groupe, approche vivante et pratique – sont déjà au cœur du projet pédagogique de l'École de musique du canton de Redange. Nous considérons cette réforme comme une évolution naturelle, renforçant notre mission au service des enfants, des jeunes et de tous ceux qui souhaitent vivre la musique pleinement.

Conclusion


Les mois écoulés le confirment : nous sommes sur la bonne voie. Avec engagement, projets collectifs et une vision tournée vers l'avenir, la musique continue de rassembler, de renforcer et d'apporter de la joie.

Inscriptions 2026–2027

- Portes ouvertes : 16/05/26
- Réinscriptions : 25/04 – 17/05/26
- Nouvelles inscriptions : 16/05 – 13/06/26



© Charles REISER



École de Musique du
Canton de Redange
1, Rue du Lycée
L-8508 Redange-sur-Attert

(+352) 23 62 08 76
Info@emcr.lu
www.emcr.lu

 Ecole de Musique
du Canton de Redange



KREATIV ATELIERE MAT DER A'MUSÉE ASBL



Zënter e puer Joer ass d'Asbl A'Musée am Kanton Réiden aktiv a bitt verschidde Konscht- an Upcycling-Aktivitéiten un, déi hëllef, d'Zesummeliewen an de Respekt fir eis Ressourcen ze stäerken. Vun 2025 un organiséiert A'Musée, dank der finanzieller Ënnerstëtzung vu LEADER Wëlle Westen, am Kader vum Projet „De Fuedem deen eis verbënnt“, mobil Atelieren an de Gemengen aus der Region.

Gravur-Atelier

All Participant gëtt invitéiert, seng Heemecht nei ze entdecken an dobäi seng Liblingsplazen an -aktivitéite mat aneren ze deelen. Op Basis vun dësem Austausch léiere mir zesummen eng original Gravurtechnik kennen.

Atelier „Lëtzebuerger Wanderwee“

D'Participant ginn zesummen eraus an d'Natur spadséieren. Duerno ginn am Café créatif d'Andréck an d'Erënnerungen un d'Promenad op recycléierte Materialie festgehalten an zwar mat Hëllef vun der Aquarelltechnik an anere kreative Methoden.

Ateliere vum Joer 2026

Eis Atelieren dauere ronn 2 Stonnen.

Eng Umeldung ass obligatoresch – d'Plaze si limitéiert. Déi genau Plaze vun den Ateliere kritt Dir no Ärer Umeldung per E-Mail matgedeelt.



Mëtt. 13/5/26	Biekerech - Kulturmillen	Empreinte	18h00 - 20h00
Dën. 19/5/26	Réiden	Chemin du Luxembourg	17h30 - 19h30
Dën. 16/6/26	Réiden	Chemin du Luxembourg	17h30 - 19h30
Dën. 01/9/26	Groussbus-Wal	Empreinte	17h30 - 19h30
Dën. 08/9/26	Groussbus-Wal	Chemin du Luxembourg	17h30 - 19h30

Fir méi Informatiounen
an Umeldung:

A'Musée

(+352) 621 85 45 04
info@amusee.net
cafecreatif.lu

Umeldungsformular:



KOLLAN AKTION

BY KOLLIBRI ASBL
CULTURE FAIT MAISON

22+23+24 MAY 2026

HAUT - MARTELANGE
MUSEE DE L'ARDOISE LUXEMBOURG

THE FESTIVAL FOR EVERYONE

FRIDAY



**FIVE NOISY CONCERTS
FROM PUNK TO METAL
ENTRY WITH TICKET**

SATURDAY & SUNDAY

FOOD — DRINKS — SHOWS — ART
WORKSHOPS — MUSIC — VISITS

OPEN SPACE — FREE ENTRY

AU CIRK — AU SANGIER — CHEZ JOHANNA — LE CHALET — LE MANEGE

CONCERTS — ENTRY WITH TICKET

LE CONCASSEUR — LA SCIEERIE

WWW.KOLLANAKTION.ORG



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

VISIT
LUXEMBOURG



DE MUSÉE MICHEL LUCIUS



De Jos Bormann ass säit 2013 fräiwëllege Guide am Musée.

Zu Rëmmerech am Gebuertshaus vum Michel Lucius (1876-1961), dem bekanntste Lëtzebuerger Geolog, befënnt sech haut e Musée, dee sengem Liewen a senger grousser Leidenschaft gewidmet ass.

Mir hunn eis mam Jos Bormann, dem Guide vum Musée, ënnerhalen.

Wéi ass et zum Musée komm?

Am Heemichtshaus vum Michel Lucius huet bis 1978 eng eeler Koppel gewunnt. Wéi de Staat d'Haus 1993 mat der Absicht kaf hat, e Musée anzeriichten, war et an engem schlechte baulichen Zoustand. Duerno ass Jore laang näischt geschitt.

Op Initiativ vum deemolige Buergermeeschter Emile Calmes gouf 2001 den Institut géologique Michel Lucius (IGML) gegrënnt. De Veräin huet sech intensiv fir d'Renovéierung vum Haus agesat, an 2005 konnt de Musée endlich offiziell ageweit ginn.

Wat ass d'Missioun vum Musée?

D'Missioun vum IGML war d'Erënnerung un de berühmte Geolog ze erhalen an de Public mat der Geologie vum eisem Land vertraut ze maachen. An deenen éischte Jore goufe Konferenzen an Exkursiounen organiséiert, Schouklasse empfangen an Aktivitéite mam PANDA-Club ugebueden.

Mat der Zäit hunn d'Aktivitéite vum Veräin ofgehol. 2013 hunn ech als Bénévole ugefaang, Visitten ze begleeden. Haut empfänke mir virun allem Schouklasse an aner Gruppen, dorënner och Senioreveräiner.

Wat sinn deng perséinlech Highlights am Musée?

Ech denken un 3 Saachen:

- Et ass erstaunlech, datt den Numm vum Michel Lucius och no 100 Joer an der Tierkei nach ëmmer héich geschat gëtt. Dat beweisen dräi Plaketten, déi tëscht 2003 an 2005 vum tierkesche Ministère fir Energie a Ressourcen u Vertrieeder vu Lëtzebuerg iwwerreecht goufen.
- Ech amuséiere mech ëmmer nees iwwert déi erstaunte Gesichter vu Visiteuren, wann ech erzielen, datt de Michel Lucius am Alter vu 85 Joer bei der Aarbecht op sengem Büro bei „Ponts et Chaussées“ gestuerwen ass.
- Op der geologischer Kaart gesäit een, wéi kleng d'Minett-Virkommen am Süde vum Land sinn. Geologisch Prozesser viru ronn 180 Mio. Joer souwéi eng Grenzzéiung mat Frankräich am 17. Joerhonnert hunn dozou geféiert, dass Lëtzebuerg zoufällig ronn 3.800 ha vun engem 200.000 ha groussen Eisenerzbecken krut. De Wuelstand vum eisem Land berout op dësen zwee Zoufäll, déi eng Eisenindustrie bei eis erméiglecht hunn.

Wat sinn Är aktuell a geplangte Projeten?

Am Kader vum engem LEADER-Projet wëlle mir de Musée Michel Lucius méi bekannt maachen an em neit Liewen anhauchen. E soll weiderhin an éischter Linn e wëssenschaftleche Musée bleiwen. Donieft stelle mir eis de Musée och als Treffpunkt fir kleng Gruppe vir.



De Musée erkläert d'Geologie vu Lëtzebuerg op eng anschauléche Manéier.



Am Musée befénnt sech och de Bürosdësch vum Michel Lucius, un deem hie mat 85 Joer bei der Aarbecht gestuerwen ass.



© Pancake Photographie - ORT Gutland

Wat sinn Är gréisst Erausforderungen?

Mir sinn op engagéiert Leit ugewisen, déi sech wëllen abréngen. Besonnesch wäertvoll wier et, nach eng Geologin oder e Geolog ze gewannen, déi eis Laie fachlech begleet kéinten.

Zugläch hoffe mir, datt de Musée dem Staat wichteg bleift an datt d'Gemeng Préizerdauil och an Zukunft fir den deeglechen Ënnerhalt suergt. Dofir si mir ganz dankbar.

Jos, firwat engagéiers du dech am Musée ?

Ech bewonneren de Michel Lucius, dee säi Liewen trotz munche Réckschléi beharrlich nom Motto „Lebe deinen Traum“ gestalt huet.

Als ausgebildeten Ingénieur sinn ech och mat 75 Joer nach ëmmer staark un allem interesséiert, wat mat Naturwëssenschaft ze dinn huet.

Bléck an d'Zukunft: Wat wënschs du dir fir de Musée?

Ech géif mir wënschen, datt de Musée pedagogesch ausgebaut gëtt, zum Beispill mat engem Animationsfilm iwwer déi geologesch Prozesser. Esou Filmer ginn et schonn am Geopark Mëllerdall.

Zousätzlech ginn et zu Lëtzebuerg vill kleng lokal Muséeën, déi mat änleche Problemer konfrontéiert sinn. Firwat dës net an engem Netzwierk zesumme féieren an e gemeinsame Visititeprogramm – eng Zort „Tour de Luxembourg“ – opbauen?

Mir soen dem Jos Bormann e grouse Merci fir säin Engagement a wënschen him an dem Musée vill Erfolleg!



© DigitalArchiv Préizerdauil

Wee war de Michel Lucius?

De Michel Lucius ass 1876 zu Rëmmerech gebuer. Haut befénnt sech a sengem Heemechtshaus e Musée iwwer säi Liewen a Wierken.

De Michel Lucius ass vill an der Welt ronderëm komm, mä säi Liewe war net ëmmer einfach. En hat fir Schoulmeeschter geléiert, ass awer du just e puer Joer am Beruff bliwwen. Zu Zürich huet hie Geologie studéiert an huet säi Studium mat engem Doktorat ofgeschloss. 1913 huet de Michel Lucius d'Buerung vun der Munnerefer Quell Marie-Adelaide iwwerwaacht. Duerno huet hien 9 Joer fir eng Pétrolsfirm a Russland geschafft. Nodeems e sech zu Lëtzebuerg vun enger schlimmer Krankheet erholl hat, ass hie fir 9 Joer an d'Türkei gaang, wou hien d'Geologie vum Land erfuerscht huet an op der Universitéit vun Ankara enseignéiert huet.

De Michel Lucius huet tëscht 1936 an 1950 d'geologesch Kaart vu Lëtzebuerg komplett nei opgesat an huet e wichtege Beitrag bei ville groussen Infrastruktur-Projeten an der Nokrichszäit zu Lëtzebuerg geleescht (Stauséien Esch-Sauer, Veianen & Rouspert, Flughafen). De Michel Lucius huet ëmmer fir seng Leidenschaft, d'Geologie, gelieft. Hien ass 1961 mat 85 Joer op sengem Büro am Service géologique vu Ponts & Chaussées gestuerwen.



Haut befënnt sech am Gebuertshaus vum Michel Lucius zu Rëmmereg e kleng Musée iwwer säi Liewen an iwwer d'Geologie vu Lëtzebuerg.

Mir siche fräiwëlleg Mataarbechter!



Du schaffs gär mat Leit zesummen an hues Loscht, eise kleng Musée mat neiem Liewen ze fëllen?

Mir sichen engagéiert Persounen, déi Freed hunn, de Musée ronderëm déi histoersch Persoun Michel Lucius an d'Theema Geologie aktiv matzegestalten an ze ënnerstëtzen.

Gutt ze wëssen: Virkenntnesser an der Geologie si keng Viraussetzung, d'Motivatioun zielt!

Wat kéints du bei eis maachen?

- Iddien a Konzepter entwéckelen, fir de Musée méi attraktiv a bekannt ze maachen
- Kleng Eventer mat organiséieren
- Eise Guide bei der Organisatioun vu Visitten ënnerstëtzen

Interessi?

Wann s du Loscht hues, e bëssi vun denger Zäit an Energie an eise kleng Musée ze investéieren, da mell dech bei eis – mir freeën eis op dech!



© Pancake Photographie - ORT Guttland

LEADER
WËLLE WESTEN



Cofinancé par
l'Union européenne



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Mellt lech bei:

LEADER Wëlle Westen

(+352) 28 33 49 20
wellewesten@leader.lu



Den tierkesche Staat huet Lëtzebuerg dräimol Plaketten iwwerreecht, op deenen d'Wierken an d'Verdéngschter vum Michel Lucius fir d'Tierkei agraviéert sinn.

LE MUSÉE MICHEL LUCIUS

À Reimberg, dans la maison natale de Michel Lucius (1876–1961), le géologue luxembourgeois le plus renommé, se trouve aujourd'hui un musée dédié à sa vie et à sa grande passion. Nous nous sommes entretenus avec Jos Bormann, guide du musée.

Après l'achat de la maison par l'État en 1993, dans l'intention d'y installer un musée, le projet est resté en suspens pendant plusieurs années. Ce n'est qu'en 2001, à l'initiative de l'ancien bourgmestre Emile Calmes, que l'Institut géologique Michel Lucius (IGML) a été fondé. Grâce à l'engagement du comité, la maison a pu être rénovée et le musée a finalement été inauguré en 2005.

La mission de l'IGML était de préserver la mémoire de ce géologue d'exception et de sensibiliser le public à la géologie du Luxembourg. Aujourd'hui, le musée accueille principalement des classes scolaires et des groupes, notamment des associations de seniors.

Parmi les points forts évoqués par Jos Bormann figurent la reconnaissance

internationale de Michel Lucius, attestée par plusieurs plaques honorifiques remises par les autorités turques, l'anecdote de son décès à l'âge de 85 ans alors qu'il travaillait encore à son bureau, ainsi que le rôle déterminant de la géologie dans le développement économique du Luxembourg, notamment à travers les modestes gisements de minette du sud du pays.

Dans le cadre d'un projet LEADER, le musée souhaite gagner en visibilité et en dynamisme, tout en conservant sa vocation scientifique. L'un des principaux défis reste la mobilisation de bénévoles.

Pour l'avenir, Jos Bormann espère un renforcement de l'approche pédagogique, par exemple au moyen d'un film d'animation sur les processus géologiques, ainsi qu'une meilleure mise en réseau des nombreux petits musées locaux du pays.

Nous remercions chaleureusement Jos Bormann pour son engagement et souhaitons au musée plein de succès pour les années à venir.



Öffnungszeiten

All 1. Sonntag am Mount vun 10h30 bis 11h30 fir Visitten ouni Umeldung op.

Visite sinn och fir Gruppen zu aneren Terminer méiglech.

Heures d'ouverture

Chaque 1er dimanche du mois de 10h30 à 11h30 pour des visites sans inscription préalable.

Des visites sont également possibles pour des groupes à d'autres dates, sur rendez-vous.



Cofinancé par
l'Union européenne



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Musée Michel Lucius
9, Rue Dr. Lucius
L-8414 Reimberg

Gemeng: (+352) 26 62 99-140
Guide: (+352) 23 62 05 36

JEAN NEHRENHAUSEN, E LIEWE FIR D'KULTUR AN D'LOKALGESCHICHT

De Jean Nehrenhausen vu Réiden ass Historiker, Auteur a Kulturmënsch duerch an duerch. Zënter Joerzénge huet hien als Schrëftsteller, Chronist, Theatermann, Organisateur a fréiere Politiker op eng onermiddlich Manéier d'kulturellt Liewe vu Réiden an der ganzer Regioun gepräagt. Am Interview erzielt hien aus sengem Liewen, vu senger Projeten a senger Leidenschaften.



De Jean am Areler Archiv (2024).
Jean aux archives d'Arlon (2024)

Kënns du dech wgl. kuerz virstellen?

Ech sinn zu Réiden opgewuess a wunnen och hei. Meng Fra an ech kommen allebéid aus ale Réidener Familljen, déi sech ëm 1800 hei niddergelooss haten. Ech hunn zu Stroosbuerg Philologie romane (Literatur a Linguistik) studéiert a war Sproocheproff zu Wolz am Lycée. Nieft de Sproochen hunn ech mech awer ëmmer genee esou staark fir d'Geschicht interesséiert.

D'Kultur huet ëmmer eng wichteg Roll an dengem Liewe gespillt. Wéi genee?

Ech war laang Jore staark am Veräins- an Duerfliewen agebonn an hunn do eng Rei vu Responsabilitéiten iwwerholl, z. B. als President vun der Musikschoul, vum Männerchouer Atertall, vun der Réidener Kulturkommissioun a virun allem als Organisatiounspresident bei Festlickeete vu villen Duerfveräiner.

An den Theater däerfe mir natierlech nit vergiessen!

Ech hunn ugefaang mat Bütteriede fir d'Kapesetzung vum vum der Réidener Musik. Dono koume Fräilichtspektakelen an Theaterstécker fir d'Kropemannsfest.

Du waars net nëmmen um kommunalen, mee och um kantonalen Niveau aktiv.

Ech hunn ëmmer versicht, d'Gemengen iwwer d'Kultur méi no zesummenzebréngen. D'Organisatioun vun de Feierlickeete fir 150 Joer Kanton Réiden, déi ech initiéiert hat, huet et zum Beispill erméiglecht, all d'Verrieder vun den zéng Gemenge vum Kanton Réiden un een Dësch ze bréngen, fir un engem gemeinsame Projet ze schaffen.

Besonnenesch gefreet huet mech, wéi et 1990 zur Schafung vum Syndikat *De Réidener Kanton* kouw, bei deem ech Grënnungsmember war. Och bei weidere Projete war mir di regional Zesummenaarbecht am kulturelle Beräich e besonnenesch Uleies, wéi bei der Geleeënheet vun 150 Joer national Onofhängegkeet, dem 100. Gebuertsdag vum Jhangeli, dem 50. Gebuertsdag vum Lidd *Un der Atert* oder dem groussen nationalen Evenement *Lëtzebuerg – Kulturhauptstad 1995*. Ech hunn och zweemol e Buch iwwer de Kanton koordinéiert, 1991 an 2011.

Du gëlls als „Papp vum Kropemann“. Wéi kann een dat verstoen?

1988 hat ech eng grouss Kampagne gestart, fir Réiden endlich eng Symbolfigur ze ginn. Dorobbenhi sinn eng ganz Rëtsch vun Aktivitéiten ënnerholl ginn. Déi flottst Initiative waren dobäi de Kropemannstheater an de Kropemannsbuer virun der Gemeng. Besonnenesch freeë géif et mech, wann elo nach eng Naturstatue vum Kropemann am Worréspark installéiert kéint ginn.

Du hues ëmmer vill Zäit an Häerzblutt an d'Schreiwem investéiert!

Ech hunn a verschidde Magaziner vill historisch a kulturell Artikelen geschriwwen. Dozou kouw e Buch iwwer d'Genealogie an eent iwwer den Äischdall. Dëst Joer kommen zwee nei Bicher eraus: eent iwwer di traditionell



De Jean op der 35. Gebuertsdaysfeier vum Syndikat Kanton Réiden, an deem hee Grënnungsmitglied war.
Jean lors de la célébration du 35^e anniversaire du Syndicat du canton de Redange, dont il était membre fondateur.



De Jean als Organisator vu ville Feierlechkeeten, hei 1991 bei der Feier vun den 150 Joer Kanton Réiden.
Jean, en tant qu'organisateur de nombreuses festivités, ici en 1991 lors de la célébration des 150 ans du canton de Redange.

Landwirtschaft an eent iwwer d'Familljengeschicht. Viru Joren hat ech och zwee Bicher iwwer de Kropemannstheater an zwee Bicher iwwer de Wëlzter Lycée publizéiert.

Wat huet dech motivéiert, fir e Buch iwwer d'Bauern ze schreiwen?

Ech sinn an enger Bauerefamill opgewuess an hunn a menger Jugend mat vill Begeeschterung um Haff matgehollef. Mäi Papp hat virgesinn, datt ech sollt Bauer ginn. Nodeem hien 1969 u Multiple sclérose erkrankt war, hat hie mir awer geroden, an de Kolléisch ze goen. Hien hat deemools awer och schonn eng schwéier Zukunft fir d'Landwirtschaft virausgesinn. Mäin Intressi ass awer trotzdem bliwwen, an als Hommage un d'Bauerewelt hunn ech dëst Buch erausginn.

Hues du nach weider Pläng ?

Ech schaffen zur Zäit un zwee weidere Bicher: „Weisheiten aus der Natur“ an en historische Roman iwwer eng bekannte Lëtzebuerger Institutioun. Ech plangen awer och, deemnächst en deels witzigen, deels dramatische Film iwwer Réiden ze dréinen. E spillt an den 1960er a 1970er Joren a soll en Abléck an d'Duerfliewen an d'Duerfmentalitéit vun där Zäit ginn.

Verrot eis nach zum Schluss: Wat sinn deng aktuell Leidenschaften?

Fréier waren et meng Päerd. Am Moment begeeschteren ech mech virun allem fir d'Entzifferen vun alen Dokumenter, vum Mëttelalter bis an d'19. Joerhonnert. Dat ass méi spannend wéi e Krimi, wëll dës Akten een déiwen Abléck ginn, wéi d'Leit fréier geduecht a gelieft hunn.

Meng zweet Leidenschaft ass d'Architektur, besonnesch d'Erhale vun der aler Bausubstanz. Wann ech duerch en Duerf fueren, freeën ech mech ze gesinn, wat fir e wäertvollen architektonische Patrimoine mir nach hei am Land hunn. Dës Leidenschaft huet dozou gefouert, datt ech mir an de franséischen Ardennen en ale Manoir kaf hunn, wou ech vill Zäit verbréngen.

Mir soen dem Jeannot e grouse Merci fir säi joerzéngtelaangen, onermiddlechen Asaz fir d'Kultur an d'Erhale vun eiser lokaler Geschicht a wënschen him fir seng zukünfteg Projete vill Freed, Erfolleg a flott Momenter.



De Jean an seng zukünfteg Fra spillen zesummen Theater (1986).
Jean et sa future épouse lors d'une pièce de théâtre à Redange (1986).



2021 huet de Jean Nehrenhausen direkt zwee Bicher erausginn: een iwwer d'Genealogie an eent iwwer den Äischdall.
En 2021, Jean Nehrenhausen a publié deux livres en même temps : l'un consacré à la généalogie et l'autre au Val d'Eisch.

JEAN NEHRENHausEN, UNE VIE AU SERVICE DE LA CULTURE ET DE LA MÉMOIRE RÉGIONALE

Historien, auteur et acteur culturel engagé, Jean Nehrenhausen est une figure incontournable de la vie culturelle de Redange et de sa région. Depuis plusieurs décennies, il œuvre avec passion comme chroniqueur, écrivain, homme de théâtre, organisateur d'événements et ancien responsable politique, laissant une empreinte durable sur le paysage culturel local et cantonal.

Originaire de Redange, Jean Nehrenhausen a étudié la philologie romane à Strasbourg avant d'exercer comme professeur de langues au lycée de Wiltz. Parallèlement à son parcours professionnel, son intérêt pour l'histoire et la culture n'a cessé de croître, devenant le fil conducteur de son engagement.

Très actif dans la vie associative, il a assumé de nombreuses responsabilités, notamment comme président de l'École

de Musique du Canton de Redange, du Männerchouer Atertdall, de la commission culturelle de la commune de Redange et comme organisateur de nombreuses festivités villageoises.

Le théâtre occupe également une place centrale dans son parcours, depuis les premières interventions humoristiques jusqu'aux spectacles en plein air et aux représentations liées au Kropemannsfest.

Convaincu de l'importance de la coopération régionale, Jean Nehrenhausen a œuvré à rapprocher les communes par la culture. Il fut notamment à l'origine des célébrations du 150^e anniversaire du canton de Redange et membre fondateur du Syndicat De Réidener Kanton. Il a également coordonné plusieurs festivités dont celle pour les 150 ans d'Indépendance nationale ainsi que celle pour les 100 ans du Jhangeli. Il a aussi dirigé la publication de deux ouvrages consacrés au canton.

Surnommé le « père du Kropemann », il est à l'origine de la création de cette figure emblématique de Redange, aujourd'hui bien ancrée dans l'identité locale. Auteur prolifique, il a publié de nombreux articles historiques et culturels ainsi que plusieurs livres, consacrés notamment à la généalogie, au Val d'Eisch, à l'agriculture traditionnelle et une chronique familiale. Deux nouvelles publications paraîtront prochainement.

Toujours animé par une curiosité intacte, Jean Nehrenhausen travaille actuellement sur de nouveaux projets littéraires et cinématographiques. Ses passions actuelles vont du déchiffrement de documents anciens à la sauvegarde du patrimoine architectural, qu'il prolonge jusque dans les Ardennes françaises, où il restaure un ancien manoir.



De Jean mam Kropemann bei der Schummersbréck (1996).
Jean aux côtés de Pépé-Crochet près du pont Schummers (1996).

© PRIVAT



De Jean während enger Kapesetzung (1986).
Jean à l'occasion d'une séance de carnaval (1986).

© PRIVAT



Buttik

Op der Schock



Verkaf vu Produkter
aus eisen Ateliers d'inclusion professionnelle
Dekoratioun - Fleuristik - Gastronomie - Gäertnerei

opderschock.lu





KOLPECHER SCHLASS

EN NEIE SOZIO- PROFESSIONELLEN INTEGRATIOUNSZENTER

15 Joer stoung d’Kolpecher Schlass eidel, ofgesi vun e puer Dréiaarbechte fir Filmzeenen. Mee zënter leschtem Joer gëtt intensiv um Schlass geschafft, nodeems d’Roud Kräiz zesumme mam Educationnsministère decidéiert huet, de grouse Projet vun engem sozio-professionellem Integratiounszenter unzegoen. Wat genau do derhannert stécht, gitt Dir am Interview mat de Projetverantwortleche vum Roud Kräiz gewuer.

Wat geschitt de Moment am Kolpecher Schlass?

D’Kolpecher Schlass gëtt zu engem sozio-professionellem Integratiounszenter (CISP) ëmgebaut. Heibäi handelt et sech

ëm eng wichteg Moossnam vum Educationnsministère, déi sech u Jugendlecher riiicht, déi a Gefor stinn, d’Schoul ofzebriechen, oder déi de Schoulsystem scho verlooss hunn. Den CISP bitt eng alternativ Form vun Education, déi besser un d’Besoinen, d’Fäegkeeten an d’Interesse vu Jugendlechen ugepasst ass, déi am klasschesche Schoulsystem op Schwiereregkeete stoussen.

Zu Kolpech wäert den CISP aus dem renovéierte Schlass, engem neien Ateliersgebai souwéi engem Internat bestoen.

Wéi ass dës Iddi entstanden?

Et ass eis e wichteg Uleies, dësem historiesch bedeitende Site neit Liewen anzehauchen. D’Aline Mayrisch hat de klore Wonsch, eng Plaz fir déi jonk Generatioun ze schafen, an huet aus dësem Grond

d'Schlass dem Roude Kräiz vermaach. Den neien CISP füügt sech gläichermoossen an d'Revitaliséierung vum histoiresche Site an a respektéiert de leschte Wëlle vun der Aline Mayrisch, andeems de Jonken e Kader gebuede gëtt, an deem si sech kënnen entwéckelen an hir Potenzialer entfalten..

Fir wéi vill Jugendlecher bitt de Projet eng Plaz?

De formelle Cours fënnt am Schlass statt, dat bis zu 60 Jugendlecher ophuele kann. Do si Kllassesäll, kreativ Raim, eng Kantin souwéi eng Brasserie virgesinn, déi och fir de Grand Public op ass. Den CISP ass am Fong en Dageszenter. Fir awer och déi Jugendlecher ze ënnerstëtzen, déi wäit ewech wunnen oder sech a komplexe Liewenssituatiounen befannen, gëtt en neit Schoulinternat um Site gebaut, dat aus 3 Haiser besteet a Plaz fir insgesamt 36 Jonker bitt.

U wéi eng Zilgrupp riicht sech den CISP?

Den CISP riicht sech u jonk Leit tëscht 12 a 24 Joer, déi mat schouleschen a psychosoziale Schwieeregkeete konfrontéiert sinn a fir déi de kllassesche Kader vun engem Lycée sech als onpassend erweisen huet. D'Zil ass et, hir sozio-emotional Kompetenzen ze stäerken, si nees an de Schoulsystem eranzeféieren an hinnen e Weiderféieren oder eng Nei-Ausrichtung vun hirem schouleschen oder berufleche Parcours ze erméiglechen.

Wéi leeft d'Zesummenaarbecht mam Educationnsministère (MENJE) of?

D'Zesummenaarbecht mam MENJE souwéi mat de Partnerlycéeë gëtt unhand vu reegelméissege Reuniounen a strukturéierten Austauschplattformen organiséiert. Dës Begéinunge suerge fir eng kontinuéierlech Begleedung, eng gutt Ofstëmmung vun den Aktiounen an eng fléissend Kommunikatioun tëscht allen Acteuren.

Wéi gëtt déi histoiresch Architektur vum Schlass an de Projet integréiert?

D'Restauratioun vum Kolpecher Schlass baséiert op enger respektvoller Approche, déi d'Geschicht vum Gebai berücksichtegt, déi bestoend Ressource valoriséiert an d'Wichtigkeet vum Patrimoine ënnersträicht. Mir gleewen un den intrinsische Wäert vun all Element an eiser Ëmwelt – sief et architektonesch, kulturell oder mënschlech.

Wéi eng Formatiounen ginn ugebueden?

Den CISP huet net d'Zil, op e bestëmmte Beruff virzebereeden, mee de Jugendlechen d'Méiglechkeet ze ginn, verschidde berufleche Beräicher kennenzelieren an hir eege Fäegkeeten ze entdecken. Si kënnen Ablécker kréien ënner anerem an d'Schräinerei, d'Mechanik, d'Kichen, d'Pâtisserie, d'Bitzen, d'Vente, de Service, d'Botzen, d'Gaardenaarbecht an de Landschaftsbau. Dës Offer bleift flexibel fir sech un d'Realitéit vum Aarbechtsmarché unzepassen.

Wéi eng pedagogesch Approche ass virgesinn?

Déi pedagogesch Approche setzt de Schwéierpunkt op déi emotional a sozial Entwécklung vun de Jugendlechen a baséiert op dem Prinzip vum learning by doing. Eng multidisziplinär Ekipp garantéiert eng Begleedung, déi pädagogesch, sozial, psychologesch a praktesch Aspekter integréiert, mam Zil, d'Autonomie, d'Selbstvertraue souwéi déi transversal Kompetenzen ze stäerken.

Wéini ginn d'Aarbechten ofgeschloss?

De viraussiichtlechen Ofschlossdatum vun den Aarbechten um Schlass ass am Laf vum éischte Semester 2027 virgesinn.

Merci fir dëst opschlossräicht Gespréich an déi interessant Ablécker an Äre grouse Projet.



© Croix-Rouge Luxembourggoise



© Croix-Rouge Luxembourggoise



© Croix-Rouge Luxembourggoise

LE CHÂTEAU DE COLPACH, FUTUR CENTRE D'INSERTION SOCIO-PROFESSIONNELLE



Depuis plus de 15 ans, le château de Colpach est resté inoccupé, à l'exception de quelques tournages de scènes de films. Mais depuis l'année dernière, d'importants travaux y sont menés, après que la Croix-Rouge, en collaboration avec le ministère de l'Éducation, a décidé de lancer un grand projet de centre d'insertion socio-professionnelle. Vous découvrirez ce qui se cache précisément derrière ce projet dans l'interview avec les responsables du projet de la Croix-Rouge.

Que se passe-t-il au château de Colpach ?

Le château de Colpach sera transformé en Centre d'insertion socio-professionnelle (CISP), une mesure phare du ministère de l'Éducation (MENJE) destinée aux jeunes en risque de décrochage scolaire ou déjà sortis du système éducatif. Les CISP proposent une scolarisation alternative, mieux adaptée aux besoins, aux compétences et aux intérêts des adolescents en difficulté scolaire.

À Colpach, le CISP comprendra le château rénové, une nouvelle construction d'ateliers ainsi que trois unités de vie, gérées sous forme d'internat scolaire.

Comment cette idée est-elle née ?

L'idée est née d'une volonté de redonner vie à ce lieu chargé d'histoire. Aline Myrisch souhaitait créer un espace significatif pour la jeunesse, raison pour laquelle elle a légué le château à la Croix-Rouge. Le futur CISP s'inscrit ainsi à la fois dans la revitalisation du site historique et dans le respect de cette vision : offrir aux jeunes un cadre propice à leur développement et à leur épanouissement.

Pour combien de jeunes le projet offrira-t-il une place ?

L'enseignement formel se déroulera dans le château, qui pourra accueillir jusqu'à 60 jeunes. Celui-ci comprendra des salles de classe, des espaces créatifs, une cantine ainsi qu'une brasserie ouverte au grand public. Le CISP est avant tout un centre de jour. Toutefois, afin de soutenir les jeunes confrontés à des difficultés de mobilité ou à des situations de vie plus complexes, un internat scolaire composé de trois maisons sera proposé sur site, pouvant accueillir 36 jeunes au total.

À quel public s'adresse le CISP ?

Le CISP s'adresse à des jeunes de 12 à 24 ans présentant des difficultés

scolaires et psycho-sociales, pour lesquels l'encadrement classique au sein d'un lycée s'est révélé insuffisant ou inapproprié. L'objectif est de renforcer leurs compétences socio-émotionnelles, de les réconcilier avec le système scolaire et de favoriser la poursuite ou la réorientation de leur parcours scolaire ou professionnel.

Comment s'organise la collaboration avec le ministère de l'Éducation (MENJE) ?

La collaboration avec le MENJE ainsi qu'avec les lycées partenaires s'organise à travers des réunions régulières et des plateformes d'échange structurées. Ces rencontres permettent d'assurer un suivi continu, de coordonner les actions et de garantir une communication fluide entre tous les partenaires.

Comment le projet intègre-t-il l'architecture historique du château ?

La restauration du château de Colpach repose sur une approche respectueuse de l'histoire, valorisant les ressources existantes et reconnaissant l'importance de la préservation du patrimoine. Nous croyons en la valeur intrinsèque de chaque élément de notre environnement, qu'il soit architectural, culturel ou humain.



Quels domaines de formation seront proposés ?

Le CISP n'a pas pour vocation de former à un métier précis, mais de permettre aux jeunes de découvrir différents secteurs professionnels et d'identifier leurs aptitudes. Ils pourront s'initier notamment à la menuiserie, la mécanique, la cuisine, la pâtisserie, la couture, la vente, le service, le nettoyage, le paysagisme ou le jardinage. Cette offre restera évolutive afin de s'adapter aux réalités du marché du travail.

Quelle approche pédagogique est prévue ?

L'approche pédagogique est centrée sur le développement socio-émotionnel des jeunes et repose sur le principe du learning by doing. Une équipe pluridisciplinaire assure

un accompagnement intégrant les dimensions éducatives, sociales, psychologiques et pratiques, dans le but de renforcer l'autonomie, la confiance en soi et les compétences transversales.

Quand le projet sera-t-il achevé ?

La date de fin prévisionnelle des travaux du château est prévue dans le courant du premier semestre 2027.

Merci pour cet entretien très instructif et pour ces éclairages précieux sur votre grand projet.



Croix-Rouge Luxembourgeoise
Service communication

media@croix-rouge.lu

SOIRÉE NOCTURNE, LE VENDREDI 27 MARS 2026

La piscine, la brasserie et le sauna seront ouverts jusqu'à minuit

Heures d'ouverture:

Piscine: 12h00 à 14h00 et 16h00 à 24h00

Brasserie: 11h00 à 24h00

Sauna: 14h00 à 24h00

www.reidener-schwemm.lu

Dates des soirées nocturnes:

26 juin 2026 & 31 juillet 2026 & 28 août 2026







FIERKELSMAART

29. MÄERZ 2026

Rammerich

10:00–18:00

Den Entrée ass fräi

AFTER – FIERKELSMAART
AB 18:00 OP DER GEMENGEPLAZ



IESSEN & GEDRÉNKS | PRODUKTER AUS DER REGION
LIEWEG DÉIEREN FIR ZE KUCKEN



Org.: Gemeng Rammerich

OUSCHTEREN

am Préizerdaul 2026

» Karfreiden 03. Abrëll

› *Gebakene Fësch* (Org. Amicale Pompjeeën)

» Samschdes 04. Abrëll

› *Ouschterparty am gehëtzten Festzelt*

Bal vum CDJ ab 20 Auer mam AHOLICS & DJ Mansaari

» Sonndes 05. Abrëll

› *Konschtausstellung op der Fabrik*

› 16:00-21:00: *Thé Dansant mat Baggi Ni Doheem*

» Méindes 06. Abrëll

› *Konschtausstellung op der Fabrik*

› *Groussen Ouschtermaart*

› *Kiermesbuden*

› *Laserschëissen an der Sportshal*

› *Concerten am gehëtzten Festzelt:*

11:30-12:30: *Philharmonie Préizerdaul*

13:30-14:00: *Maverick Line Dancers*

14:15-15:15: *Harmonie Rollingergronn*

15:30-16:00: *Maverick Line Dancers*

16:00-18:00: *Tëtelbieregbléiser Fanfare*

Nidderkuer



www.preizerdaul.lu

 Ouschteren am Préizerdaul

ALBERT KERGER

88 AN NACH ËMMER A BEWEEGUNG!



Den Albert Karger vu Foulscht ass mat sengen 88 Joer bemierkenswäert aktiv: Hie fiert Vëlo, leeft, schafft am Gaart an am Bësch. Iwwer säi ganz Liewe gekuckt, ass hien eemol een Tour ëm d'Welt gelaf. Wéi et dozou

koum, verréit de Papp vun 3 Kanner a Bop vun 2 Enkelkanner an dësem Gespréich.

Wéini a wou sidd Dir op d'Welt komm?

Ech sinn den 31. August 1937 doheem zu Rammerich op d'Welt komm.

Zielt eis bëssi aus Ärer Kandheet!

Mir waren zu 6 Kanner, ech war d'Nummer dräi. Mäi Papp war Schmadd zu Rued an hat niewelaanscht e kleng Bauerbetrib, mat enger Handvoll Kéi, Schwäin, Hinger an e puer Hektar Land, wou mir och Groumpere ugebaut hunn. Meng Mamm huet – wéi dat deemools üblech war – de Stot doheem gefouert. No der Primärschoul zu Rammerich sinn ech zwee Joer mam Vëlo an d'Beruffsschoul op Réiden gefuer.

Erënnert Dir lech nach un de Krich?

Während der Ardennenoffensiv war ech 7 Joer al. Zu 23 Leit – Famill an Noperen – hu mir eis an eisem verwëllefte Keller virun de Bombardementer geschützt. An Decke gewéckelt, louche mir nuets op de Groumpere ze baangen. E puer Deeg duerno sinn ech bei batterer Keelt ze Fouss mat mengem Pätter vu Rammerich op d'Gelt getrëppelt. Do hunn ech gesinn, wéi gefruere gefalen U.S. Zaldote vun engem Camion op een aner geluecht goufen, fir op Hamm transportéiert ze ginn.

Dat sinn traumatesch Erleefnesser fir e kleng Jong ...

Jo, an et gouf nach aner brenzeleg Situatiounen. Eng Kéier wollt een däitschen Zaldot eng Flak nieft eisem Haus opstellen, fir op d'Amerikaner ze schéissen. Glécklecherweis huet hien dovun ofgesinn, soss hätte mir aus Angscht virun amerikanesche Géigeschëss eist Haus misse verloossen.

Eng aner Kéier ass een Däitsche bei eis schelle komm, fir ze kontrolléieren, ob sech Amerikaner an eisem Haus verstoppt hätten. Mäi kleng Brudder huet während dem Besuch onschëlleg gefrot: „Sinn dat d'Preisen?“ Mäi Papp huet direkt geäntwert: „Sief dach nëmme roueg!“ Wat ware mir all frou, wéi dee schreckleche Krich eriwwer war!

Wéini ass d'Leidenschaft fir de Sport, besonnesch fir d'Lafen, entstanden?

Mat 17 Joer sinn ech reegelméisseg vu Rammerich op Uewerpallen bei meng Schwëster gelaf – mat normale Liedersschung, déi ëmmer frësch gewichst goufen! Ech hunn do geschlof a si moies rëm heem gelaf.

Beim Militär huet sech d'Leidenschaft fir d'Lafen du richtig entwéckelt. Mat 24 Joer hunn ech ugefaang zu Feelen Fussball ze spillen, duerno och zu Foulscht a Rammerich.

Wat fir e Beruff hutt Dir geléiert, a wou hutt Dir geschafft?

Ech hu fir Schmadd-Schlässer geléiert. Dee Beruff huet mir awer nit gefall an ech sinn dowéinst nom Militär bei d'Eisebunn gewieselt. Bei der CFL war ech fir d'éischt op der Stengeforter Gare am Asaz. 1967 hunn ech den Depart vum leschten Zuch vun der Atertlinn ginn, ier se suppriméiert gouf – e wierklech traurege Moment! Duerno sinn ech op d'Stater Gare gewieselt, als Aufsichtsbeamten an hunn ënner anerem de Schülertransport bei de Busse gereegelt. Ech hunn ëmmer gär geschafft, bis ech den 1. September 1994 an d'Pensioun gaange sinn.

Op wéi eng sportlech Laf-Erfollegger kënnt Dir haut zrëckkucken?

Mat 45 Joer hunn ech ugefaang, Marathonen ze lafen. Ech sinn ënner anerem dräimol zu Berlin matgelaf, wou ech mat 2h 49min 57s meng Beschztäit erreecht hunn. Donieft sinn ech zu Stockholm, Oslo, lechternach an um ING-Marathon an der Stad gestart. Ech hunn och gär u Crossen a Stroosseleef deelgeholl. Mäi bescht Resultat war eng Zäit vu 37 Minutten um Rammericher Silvesterlaf.

An Dir hat och Ären eegene järeleche „Pilger-Laf“?

Vun 1982 bis 2017 sinn ech vu Foulscht an d'Oktav gelaf. Ech sinn an der Nuecht um 2:45 gestart a sinn op der Haaptstrooss iwwer Hueschtert, Sëll, Koplescht an de Rollingergronn gelaf. No 35 Kilometer huet meng Fra um 5:30



Den Albert ass dacks beim ING Marathon matgelaaf. 2018 fir d'lescht. Hei leeft e mat engem vu sengen 2 Jongen.

do op mech gewaart – am Auto, mat enger Wäschtossel, Kostüm a Krawatt. Punkt 6:00 stounge mir wéi all aner Pilger an der Kathedral.

War et fréier üblech lafen ze goen?

Absolut net. D'Leit hu mech dacks gefrot, ob ech soss näischt ze dinn hätt. De Lafsport ass hei eréischt vill méi spéit populär ginn.

Wat ass Äert Rezept, fir am héijen Alter fit ze sinn?

Ouni gesond Ernährung geet et net. Mir iesse vill Geméis aus eisem eegene Gaart a meng Fra ass eng exzellente Köchin. Zousätzlech hëlleft e gereegelt Liewen: net fëmmen, net ze vill Alkohol, zefridde sinn an ëmmer a Bewegung bleiwen. Nieft dem Sport, hale mech de Gaart, d'Holzmaachen an den Haushalt op Trapp. Sou hunn ech mäi Gewicht vun 63 Kilo zënter mengem 19. Liewensjoer bis haut kënnen behalen.

Laaft Dir och nach haut mat 88 Joer?

Jo, ech gi gemittlech fir mech lafen. Competitiounen maachen ech keng méi. Beim ING-Marathon mat 81 Joer war ech esou um Enn, datt ech decidéiert hunn, et wier mäi leschte Marathon. Beim Réidener Wanterlaf sinn ech awer nach ëmmer derbäi. Pro Woch kommen ech op ronn 30 Kilometer – viru puer Joer waren et nach 50.

An den 1990er hutt Dir dunn och Är Léift fir de Vëlo entdeckt...

Jo, de Vëlo ass fir mech haut dat Schéinst! Ech hu mat grousser Freed bei ville Randonnéeën deelgeholl. Meng Liblingscourse ass d'Rominger Classic. Donieft verbannen ech och vill schéin Erënnerungen mat Coursé wéi der „Trophée Jempy Schmitz“, der „Petite Crique“, der „La Charly Gaul“, „L'Ardéchoise“ an dem Biergzeitfueren „Mam Vëlo de Buurschter rop“. Ech fuere besonnesch gär Bierg a sinn dacks am Éislek ënnerwee.

Wéi e Vëlo fuert Dir elo?

Ech hu mir mat 86 Joer mäin 1. Vëlo mat Batterie kaf – dee wäert mech nach déi nächst Jore begleeden!

Wann Dir lech nach e Wunsch kéint erfëllen – wat wier deem?

Ech wënsche mir, déi Joren, déi mir nach geschenkt ginn, zesumme mat menger Fra ze verbréngen an dobäi weider esou aktiv ze bleiwen.

Den Albert Kerger weist, datt Bewegung, Bescheidenheet a Freed um Alldag dat bescht Rezept fir e laangt a gesond Liewe sinn. Säi Liewenswee ass Inspiratioun a Motivatioun zugläich a mir soen him villmools Merci, dës mat eis gedeelt ze hunn.



Ëmmer a Bewegung – wann een all déi gelafe Kilometer vum Albert zesumme rechent, kënn een op 40.000km – een Tour ëmt d'Welt.

© PRIVAT



Den Albert mat senger Fra Jeanny a sengen 3 Kanner (2021).

© PRIVAT



Den Albert huet seng Fra Jeanny 1959 zu Nojem op engem Bal kennegeleiert. Dëst Joer ginn et 65 Joer, dass si glécklech bestuet sinn.

© PRIVAT



Den Albert war Aufsichtsbeamte bei der CFL an ass ni mat Flemm schaffe gaangen, och nit wann e grad fir e Marathon trainéiert huet.

© PRIVAT

88 ANS ET TOUJOURS ACTIF

À 88 ans, Albert Kerger, habitant de Folschette, est un exemple remarquable de longévité sportive. Sa passion pour l'activité physique s'est développée très tôt, d'abord par la course à pied, qu'il pratiquait déjà à l'adolescence. À partir de l'âge de 45 ans, il s'est consacré intensivement à la course de fond et a participé à de nombreux marathons, au Luxembourg et à l'étranger, dont Berlin, Stockholm et Oslo, avec un meilleur temps de 2 h 49 min 57 s à Berlin.

Pendant plus de trente ans, il a également accompli chaque année un impressionnant « pèlerinage sportif » de sa maison à Folschette jusqu'à l'Octave, parcourant 35 kilomètres de nuit pour être présent à la messe du matin. Outre les marathons, il a régulièrement pris part à des courses sur route et à des cross. Dans les années 1980, la course à pied n'était pas encore très répandue et Albert

était souvent interpellé par des personnes qui se demandaient s'il n'avait rien de mieux à faire.

Aujourd'hui encore, Albert Kerger continue à courir, à un rythme plus modéré, et parcourt environ 30 kilomètres par semaine. Il participe toujours à certaines courses locales et pratique activement le vélo, discipline qu'il apprécie particulièrement depuis les années 1990. Il a pris part à de nombreuses randonnées cyclistes et courses emblématiques de montagne, et roule désormais à vélo électrique, ce qui lui permet de rester actif malgré l'âge.

Son parcours sportif illustre l'importance de la régularité et de la passion pour la pratique sportive, montrant que le sport peut accompagner une vie entière et contribuer durablement à la santé et au bien-être.



Den Albert am Joer 2000 op senger Liblingscourse – der Rominger Classic.

© PRIVAT



Um Berliner Marathon ass den Albert seng Beschtzäit mat 2h49min57sec gelaf, dat ass eng Duerchschnittsvitesse vu bal 15 km/h.

© PRIVAT



Während sengem Militärdengscht, huet den Albert seng Passioun fir d'Lafen entdeckt. Hei mat Auszeichnung fir seng Partizipatioun um 4 Deeg Nimwegen Distanzmarsch – 4 x 50 km.

© PRIVAT

Betty Barclay
Betty & CO
Signe Nature
LeComte
Bianca
Geisha
Marie Méro
Rabe
Frank Walder
Sommernann
Doris Streich
Via Appia / Due
Frapp
Barbara Lebek
Stark
Brax



anny
wirth

Mode dame taille 34 - 54

by Joy

HEURES D'OUVERTURE:

Lu	13:30 - 18:30
Ma - Ve	08:30 - 12:30 13:30 - 18:30
Sa	08:30 - 12:30 13:30 - 17:30

78, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
Tel: 23 62 11 30
www.annywirth.lu



VÊTEMENTS
HOMMES ET DAMES



41 Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert
Tél.: +352 26 62 14 32
e-mail: h.spennch@pt.lu

Heures d'ouverture

Lundi: 13:30 - 18:00
Mardi - Vendredi: 9:00 - 12:00
et 13:30 - 18:00
Samedi: 9:00 - 16:00



A FISH NAMED FRED • BUGATTI
CALIDA • CARL GROSS
CASA MODA • CATNOIR
CLUB OF GENTS • EVA KAYAN
FYNCH HATTON • LERROS MEYER
MISE AU GREEN • MONARI
MORE&MORE • NZA
PIERRE CARDIN
ROSNER • VENTI



AGENDA

MARS

13-14/03/2026

**Theaterowend vum
US Rambrouch**
📍 Centre Culturel,
Rambrouch

13-15/03/2026

**Theaterowend vun
der Fanfare Holtz**
📍 Centre Culturel, Holtz

14/03/2026

Repair Café
🕒 14h00-17h00
📍 Centre Culturel, Ospern

14/03/2026

Live Concert
"The Horse Blinders"
🕒 20h00
📍 ManuKultura, Useldange

14/03/2026

**Galaconcert vun der
Foulschter Musik**
🕒 20h00
📍 Centre Culturel, Folschette

20-21/03/2026

**Theaterowend vun der
Fanfare Holtz**
📍 Centre Culturel, Holtz

21/03/2026

Concert "Tytan" (EMF asbl)
📍 Prossenhäus, Arsdorf

22/03/2026

**Tauschbazar fir Spill-
saachen a Bicher**
(ELLteren asbl)
🕒 9h00-13h00
📍 Centre Culturel, Ell

27/03/2026

Soirée nocturne
🕒 Ouverture piscine
et sauna jusqu'à minuit
📍 Réidener Schwämm

28/03/2026

**Badminton Tournament
vum Dauler Fiederball**
🕒 10h00
📍 Centre Culturel
„Op der Fabrik“, Platen

28/03/2026

**Gala-Concert vun der
Groussbus-Waler Musik**
📍 Groussbus

28/03/2026

**Kids at the Museum
– Visite ludique &
Fliedermaus Workshop**
🕒 14h00-16h00
📍 Musée de l'Ardoise,
Haut-Martelange

29/03/2026

Fierkelsmaart
🕒 10h00-18h00
📍 Centre, Rambrouch

AVRIL

04/04/2026

**Easter Dots
– Kreativ-Workshop
& Visite ludique**
🕒 14h00-16h30
📍 Musée de l'Ardoise,
Haut-Martelange

04-06/04/2026

Ouschteren am Préizerdau
📍 Centre Culturel
& Parking Central,
Préizerdau

05/04/2026

**Ouverture Musée
Michel Lucius**
🕒 10h30-11h30
📍 Musée Michel Lucius,
Reimberg

05/04/2026

Visite guidée officielle
🕒 FR: 10h30
LU: 14h30
📍 Musée de l'Ardoise,
Haut-Martelange

18/04/2026

**Portes ouvertes Atert-Lycée
Réiden mam Internat**
🕒 9h00-13h00
📍 Atert-Lycée Réiden

18/04/2026

Kids Club: Sauna
🕒 15h00-20h00
📍 Centre Culturel Camille Ney,
Ell

18/04/2026

**Spillnomëtteg fir Grouss a
Kleng (ELLteren ASBL)**
🕒 15h00-20h00
📍 Centre Culturel Camille Ney,
Ell

19/04/2026

**Lëtzebuerger Mëtteg
vum Syndicat d'Initiative
Arsdorf-Bilsdorf**
📍 Prossenhäus,
Arsdorf

24-25/04/2026

Theater am ALR
🕒 19h00
📍 Festsall Atert-Lycée
Réiden

24/04/2026

Kult-Duerf Randschelt 2026
🕒 18h30 - Vernissage
18h30 - Porte ouverte
Musée Thillenvogtei et
expo «Kruzifixer vum
Kräizer Simchen, Musée
Thillenvogtei
20h30 - Crazy Cinéma-
tographie Revisited &
Relooped
📍 Musée Thillenvogtei,
Rindschleiden

25-26/04/2026

Schmattecours
📍 Musée de l'Ardoise,
Haut-Martelange

25/04/2026

**Bicherbox Wëlle Westen -
Literatur, déi verbënnt**
🕒 14h00-18h00
📍 Aal Schoul & Bicherbox,
Mäerzeg

25/04/2026

**Exposition d'art & Porte
ouverte et expo « Kruzifixer
vum Kräizer Simchen»**
🕒 15h00-19h00
📍 Musée Thillenvogtei,
Rindschleiden

26/04/2026

**Exposition d'art & Porte
ouverte et expo « Kruzifixer
vum Kräizer Simchen»**
🕒 11h00-18h00
📍 Musée Thillenvogtei,
Rindschleiden

30/04/2026

**Galaconcert Harmonie
Réiden**
🕒 20h00
📍 Aula, Redange

30/04/2026

Walpurgisnuecht
🕒 20h45
📍 Rindschleiden

30/04-02/05/2026

**Exposition d'Art
& Porte Ouverte**
🕒 15h00-19h00
📍 Musée Thillenvogtei,
Rindschleiden

MAI

02/05/2026

Soirée de lecture avec Karin Melchert & Rosemarie Schmitt, avec concert

🕒 19h00

📍 Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

03/05/2026

Exposition d'Art & Porte ouverte et expo « Kruzifixier vum Kräizer Simchen »

🕒 11h00-18h00

📍 Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

03/05/2026

Visite guidée officielle

🕒 FR: 10h30

LU: 14h30

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

03/05/2026

Galaconcert Harmonie Réiden

🕒 17h00

📍 Aula, Redange

07/05/2026

Soirée de lecture avec André Bauler

🕒 19h00

📍 Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

07-09/05/2026

Exposition d'Art & Porte ouverte et expo « Kruzifixier vum Kräizer Simchen »

🕒 15h00-19h00

📍 Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

08/05/2026

Soirée de lecture avec Jemp Schuster

🕒 19h00

📍 Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

09/05/2026

Kids at the Museum – Visite ludique & Fliedermaus Workshop

🕒 14h00-16h00

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

10/05/2026

Exposition d'Art & Porte ouverte et expo « Kruzifixier vum Kräizer Simchen »

🕒 11h00-18h00

📍 Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

16/05/2026

Portes ouvertes Musikschoul Kanton Réiden

🕒 9h00-14h00

📍 Musikschoul, Atert-Lycée Réiden

16-17/05/2026

Luxembourg Museum Days, Portes ouvertes

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

22-24/05/2026

Koll an Aktioun

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

23/05/2026

Marche Gourmande mam Päerd mat uschléissendem Wisefest vum Trec Club

📍 Bilsdorf

JUIN

05-21/06/2026

Parente, l'Ardotypie & Nic. Molitor – Workshops et Exposition de photographies sur ardoise dans l'ancienne scierie à dalles

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

06/06/2026

Floumaart vu Maartstëmmung Réiden

📍 Parking Al Brauerei, Redange

07/06/2026

Visite guidée officielle

🕒 FR: 10h30

LU: 14h30

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

07/06/2026

Kirmesconcert Harmonie Réiden

📍 Redange

13/06/2026

Repair Café

🕒 14h00-17h00

📍 Festsall, Vichten

13-14/06/2026

Weekend d'ouverture de la Villa au Musée de l'Ardoise

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

13-14/06/2026

Mëtallalterfest

📍 Château d'Useldange, Useldange

13/06/2026

Promenade littéraire & musicale – Sur réservation – Places limitées

🕒 14h30

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

13/06/2026

Exposition sur la famille Rother et la collection Nic. Molitor, photographe dédié de la région (1900 à 1950)

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

20/06/2026

Fête de la Musique vum Syndicat d'Initiative d'Ell

📍 Centre du village, Ell

20-21/06/2026

Schmattecours

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

26/06/2026

Soirée nocturne

🕒 Ouverture piscine et sauna jusqu'à minuit
📍 Réidener Schwämm

28/06/2026

Weekend vum Wëlle Westen

🕒 10h00-18h00

📍 Musée Thillenvogtei, Rindschleiden

JUILLET

04/07/2026

Summerfest an der Réidener Groussgaass vum Réidener Geschäftsverband a Maartstëmmung Réiden

📍 Grand-Rue, Redange

05/07/2026

Visite guidée officielle

🕒 FR: 10h30

LU: 14h30

📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

11/07/2025

Kids Club: Mini Olympiade

🕒 14h00-16h00

📍 Réidener Schwämm, Redange



WICHTEG:

Schéckt eis w.e.g. d'Informatiounen iwwer Är Eventer. Esou kënnen mir se an dësen Agenda an an eis Newsletter ophuelen! magazine@kanton-reiden.lu

Deadline fir d'Summereditioun: 15. Mee 2026

Mir soen lech Merci!

IMPORTANT :

Veillez nous envoyer les informations concernant vos événements. Cela nous permettra de les inclure dans cet agenda et dans notre newsletter! magazine@kanton-reiden.lu

Date limite pour l'édition d'été : 15 mai 2026

Un grand Merci!

Jos Goergen et Natacha Bivort vous proposent une souscription de leur livre

Bornes frontières – Grenzmaarken



Sur une marche de 148 km, le long de la frontière belgo-luxembourgeoise, les 287 bornes mythiques et oubliées ont été retrouvées.

Du tripoint des 3 frontières belgo-franco-luxembourgeoises, à Rodange, en traversant toutes les communes limitrophes, jusqu'au haut nord de la Schmëtt, ce trajet tracé en 1843 est à découvrir.

Ce livre fait revivre les bornes en passant par l'histoire et "leurs histoires".

Comprenez ce tracé de la démarcation parfois incompréhensible, plaisant, irrationnel, compliqué et pittoresque!

Découvrez les bornes retrouvées et restaurées à l'initiative de Jos!

Admirez les belles photos des paysages et des "vieilles dames endormies" prises par Natacha!



Format DIN A4, 152 pages, riches en photos et cartes quadricouleurs.

Prix souscription :

45 € frais de port inclus* **jusqu'au 01 mai 2026**

Prix de vente **après 01 mai 2026 :**

50 € frais de port inclus*

* envoi Luxembourg; envoi étranger +4 euros

Commande par virement sur :

CCP LU54 1111 1209 6910 0000

Goergen Beau Pascale

en indiquant votre adresse et la mention « LIVRE BORNES »


Contact: info@bornesfrontieres.lu



KREUZWORTRÄTSEL

HUTT DIR GUTT BEIM LIESEN OPGEPASST?

Mat bëssi Chance gewannt Dir ee Bong vu 50€ vu Loll's Shoes!



1. A wéi enger Sektioun ass de Pollo Bodem 1975 gewielt ginn?
2. Wat drénkt de Mario Verloove no enger laanger Vëlostour géint de Muskelkater?
3. Wéi heescht de pedagogesche Begleethond vum ALR Internat?
4. Wat war deem éischte Film, deem am Réidener Kino gewise gouf?
5. Wat huet de 14. Mäerz an der Musikschool stattfonnt? D'Journée ...
6. A wéi engem Atelier ass den Aloyse am Repair Café aktiv?
7. Wéi vill Persounen wunnen zu Rammerich am Foyer vun der Fondation Autisme? (Zuel gëtt ausgeschriwwen)
8. Wou war dem Loll säin éischt Schunggeschäft?
9. A wéi enger Stad huet de Michel Lucius op der Universitéit enseignéiert?
10. De Jean Nehrenhausen ass ënner anerem bekannt als Papp vum ...
11. Wat fir nei Gebaier entstinn am Kader vum neien CISP am Kolpecher Schloss: Atelieren an een ...?
12. Wat ass dem Albert Kerger seng Lieblingscourse um Vëlo?
13. A wéi enger Stad kruten d'Gemeinde Biekerech an Eil den EEA Gold Award am November iwwerreicht?
14. Wéi vill Projete sinn am Kader vun der Vision territoriale fir eng Ëmsetzung 2026/27 virgesinn? (Zuel gëtt ausgeschriwwen)
15. Wou befanne sech permanent Moossstatiounen fir d'Fëschpopulatioun an der Atert: zu Béiwen, Colmer a ...?
16. Säit dem 4. Januar ginn et nei Subside fir Photovoltaik-Anlagen a ...?

Schéckt d'Léisungswuert bis de 15. Abrëll op magazine@kanton-reiden.lu oder per Post op:

Kanton Réiden - Quiz Magazine
11, Grand-Rue
L-8510 Réiden.

Ënnert de richteg Léisunge gëtt e Bong am Wäert vu 50 € vu Loll's Shoes verloust.


Mir soe Loll's Shoes e grouse Merci fir hire Sponsoring.



MOTS CROISÉS

AVEZ-VOUS LU ATTENTIVEMENT ?

Avec un peu de chance, vous gagnerez un bon d'achat de 50 € chez Loll's Shoes !



Envoyez le mot-solution avant le 15 avril
à magazine@kanton-reiden.lu ou par
courrier à :
Kanton Réiden - Quiz Magazine
11, Grand-Rue
L-8510 Redange

Parmi les bonnes réponses, un bon
d'achat de 50 € offert par Loll's Shoes sera
tiré au sort.

Nous remercions chaleureusement Loll's
Shoes pour son aimable sponsoring.



1. Dans quelle ancienne section Pollo Bodem a-t-il été élu en 1975 ?
2. Que boit Mario Verloove après une longue randonnée à vélo contre les courbatures ?
3. Ketty Rauen s'occupe dans son temps libre d'un _____ à la retraite.
4. Qu'est-ce qui a eu lieu le 14 mars à l'école de musique ? La Journée du _____
5. Dans quel village aura lieu le Weekend du Wëlle Westen le 28 juin 2026 ?
6. Qu'est-ce qu'Aloyse répare principalement au Repair Café ?
7. Combien de personnes vivent au foyer de la Fondation Autisme à Rambrouch ? (Nombre en toutes lettres)
8. Dans quel village se trouvait le premier magasin de chaussures de Loll avant son déménagement à Redange ?
9. Dans quel village se trouve la maison natale du géologue luxembourgeois le plus connu, Michel Lucius ?
10. Jean Nehrenhausen est surnommé « le père du ... » ?
11. Quels nouveaux bâtiments sont construits dans le cadre du nouveau CISP au château de Colpach : des ateliers et un ... scolaire ?
12. Dans quelle ville Albert Kerger a-t-il courru son meilleur temps du marathon ?
13. Dans quelle ville suisse les communes de Beckerich et Eil ont-elles reçu le Gold Award EEA en novembre ?
14. Combien de projets sont prévus dans le cadre de la Vision territoriale pour une mise en œuvre en 2026/27 ? (Nombre en toutes lettres)
15. Depuis le 4 janvier, de nouvelles subventions existent pour les installations photovoltaïques et les... ?

WÉI HEESCHEN DËS UERTSCHAFTEN AUS EISEM KANTON OP LËTZEBUERGESCH? COMMENT S'APPELLENT CES LOCALITÉS DE NOTRE CANTON EN LUXEMBOURGEOIS ?

Everlange

Reichlange

Huttange

Rindschleiden


Petit-Nobressart

Ehner

Michelbouch

Bigonville

Reimberg



Lösungswuert: _____

WUERTGITTER

F	L	Q	Y	S	C	Z	P	H	B	K	G	R	L	T	Y	H	D
E	B	V	D	X	E	T	F	J	E	W	L	L	D	Y	X	J	M
H	V	R	L	O	Y	I	B	F	Y	E	S	P	N	I	D	J	Q
N	B	I	J	S	E	M	I	C	H	E	L	B	O	U	C	H	C
E	M	N	S	S	W	U	H	B	I	G	O	N	V	I	L	L	E
R	E	D	N	Q	D	Y	O	I	O	P	V	H	M	Z	A	V	Y
O	F	S	W	L	S	K	O	A	O	Q	K	M	R	P	T	U	B
I	H	C	H	T	P	X	F	J	B	W	O	N	O	D	J	E	O
H	T	H	U	N	T	Y	Z	C	S	Z	K	J	Y	R	C	C	D
O	Y	L	T	B	D	T	R	L	E	V	E	R	L	A	N	G	E
T	L	E	T	R	M	Z	F	L	H	E	X	Q	J	B	O	N	U
D	V	I	A	L	R	O	B	C	D	P	D	E	I	L	J	I	E
Z	F	D	N	P	R	E	I	C	H	L	A	N	G	E	D	C	X
N	O	E	G	S	R	E	I	M	B	E	R	G	D	Y	H	E	O
Q	E	N	E	B	M	C	J	F	P	G	M	B	Q	K	V	V	B
H	J	N	T	H	N	Y	H	G	S	O	T	E	E	G	X	M	D
Y	P	E	T	I	T	-	N	O	B	R	E	S	S	A	R	T	F
I	M	D	U	C	X	Q	W	I	C	C	C	P	G	F	T	B	D


**Fann déi 9 Uertschaftsnimm aus
eistem Kanton
Trouve les 9 noms de localités
recherchés de notre canton**

Des Uertschaftsnimm si verstoppt
Les noms des localités suivantes sont cachés :

1. Huttange
2. Bigonville
3. Reichlange
4. Petit-Nobressart
5. Rindschleiden
6. Ehner
7. Michelbouch
8. Reimberg
9. Everlange

(Opléisung hannen / Résolution à la fin)

KANNERECK**SCHÉIN OUSCHTEREN A VILL FREED
BEIM AUSMOOLEN!****JOYEUSES PÂQUES ET BEAUCOUP
DE PLAISIR À COLORIER!**



LÉISUNG VUM WUERTGITTER

SOLUTION DE LA GRILLE

F	L	Q	Y	S	C	Z	P	H	B	K	G	R	L	T	Y	H	D
E	B	V	D	X	E	T	F	J	E	W	L	L	D	Y	X	J	M
H	V	R	L	O	Y	I	B	F	Y	E	S	P	N	I	D	J	Q
N	B	I	J	S	E	M	I	C	H	E	L	B	O	U	C	H	C
E	M	N	S	S	W	U	H	B	I	G	O	N	V	I	L	L	E
R	E	D	N	Q	D	Y	O	I	O	P	V	H	M	Z	A	V	Y
O	F	S	W	L	S	K	O	A	O	Q	K	M	R	P	T	U	B
I	H	C	H	T	P	X	F	J	B	W	O	N	O	D	J	E	O
H	T	H	U	N	T	Y	Z	C	S	Z	K	J	Y	R	C	C	D
O	Y	L	T	B	D	T	R	L	E	V	E	R	L	A	N	G	E
T	L	E	T	R	M	Z	F	L	H	E	X	Q	J	B	O	N	U
D	V	I	A	L	R	O	B	C	D	P	D	E	I	L	J	I	E
Z	F	D	N	P	R	E	I	C	H	L	A	N	G	E	D	C	X
N	O	E	G	S	R	E	I	M	B	E	R	G	D	Y	H	E	O
Q	E	N	E	B	M	C	J	F	P	G	M	B	Q	K	V	V	B
H	J	N	T	H	N	Y	H	G	S	O	T	E	E	G	X	M	D
Y	P	E	T	I	T	-	N	O	B	R	E	S	S	A	R	T	F
I	M	D	U	C	X	Q	W	I	C	C	C	P	G	F	T	B	D

Léisung vum Rätsel : Wéi heeschen
d'Uertschaften op Lëtzebuerg?
Solution de l'énigme : comment s'appellent les
localités en luxembourgeois

WANDERUNG

JANS

jans.lu/redange

Appartementer Réiden

Verkaf vun enger héichwäerteger
Wunneng an der Residence
PRETTY GREEN 107m~

989.900€
(3 % + 17 % TVA)

Adress: 1,
Un der Atert
L-8512 Réiden



JANS | 4, rue Tom L-9651 Eschweiler | +352 621 199 851 | info@jans.lu

Weekend vum Wëlle Westen 2026

28. JUNI / 28 JUIN

10H00-18H00

An der Thillenvogtei zu Randschelt
Au Musée Thillenvogtei à Rindschleiden



De Kanton Réiden invitéiert Iech op säin touristescht Fest fir Grouss a Kleng

Le Kanton Réiden vous invite à sa fête touristique pour petits et grands

Animatioun fir d'ganz Famill

Villfältigen Animatiounsprogramm fir Grouss a Kleng: Gratis Visitte vum Musée Thillenvogtei, gratis Animatioun, Workshop an Infostänn vun den touristesche Partner a Veräiner aus dem „Wëlle Westen“, Iessen a Gedrénks. Net ze vergiessen: Live-Acts & Concerten.

Entdeckt déi touristesch Offer vum Wëlle Westen an engem aussergewöhnleche Kader.

**Gratis Animatioun
fir Kanner
Animation gratuite
pour enfants**



Animation pour toute la famille

Un programme d'animations varié pour petits et grands: Visites guidées du musée Thillenvogtei, ateliers et stands d'information des partenaires touristiques et des associations du « Wëlle Westen », ravitaillement. Sans oublier des spectacles et des concerts.

Découvrez l'offre touristique du « Wëlle Westen » dans un cadre exceptionnel.



Méi Informatiounen / Plus d'informations

TouristInfo Wëlle Westen +352 28 33 45
Service Tourisme vum Kanton Réiden tourisme@kanton-reiden.lu
www.visitwellewesten.lu

1, am Millenhaff
L-8706 Useldange

 [visitwellewesten](https://www.facebook.com/visitwellewesten)
 [visitwellewesten](https://www.instagram.com/visitwellewesten)

